

Kuertz & Knapp.

LENZMOUNT №1-25

HÉICHWAASSER

Am Eeschtfall séier
a richteg handeln

MAGIE DES VOIX

Chœur féminin aux airs
d'Hollywood à l'Artikuss

MEIN VATER

En Owend ronderëm
d'Theema Mëssbrauch

BÂTISSÉS

Formalités facilitées
pour réaliser vos projets

■ BIELES ■ EILERENG ■ SUESSEM ■ ZOLWER





MAGAZIN.

- 6 **Schutzmoosname bei Héichwaasser**
Clever plangen, richtig handeln
- 10 **Briser le silence**
Une conférence autour de l'abus
- 13 **Mérite culturel**
Éierung fir Kreativer aus Film a Musek
- 16 **La magie des voix**
Scala et Kolacny Brothers à l'Artikuss
- 18 **Formalités facilitées**
Règlement sur les Bâtisses, les Voies publiques et les Sites
- 20 **Highlights aus dem Budget**
Investitiounen an d'Zukunft



INFORMATIIONSBLAT.

- 31 **Sitzung 25.11.2024**
- 59 **Sitzung 29.11.2024**
- 88 **Sitzung 17.01.2025**

kuerz & knapp.

LENZMOUNT N°1-25

**GEMENG SUESSEM**

60, rue de la Poste L-4477 Belvaux T (+352) 59 30 75 - 1
 mail@suessem.lu www.suessem.lu
 fb/gemengsuessem [instagram/gemengsuessem](https://www.instagram.com/gemengsuessem)

IMPRESSUM

Redaktioun, Konzeptioun & Fotoen

Service des Relations publiques et de la CultureStéckzuel **8.000 Exemplairen****Biele, Mäerz 2025**



L

Léif Matbiergerinnen a Matbierger,

Och eis Gemeng gouf déi lescht Joren net vum Héichwaasser verschount. Eis Servicer sinn dofir amgaangen e Konzept op d'Been ze stellen, dat en effikasse Risikomanagement méiglech mécht, nieft bauleche Mesüeren. An dëser Editioun vum Gemengemagasinn wëlle mir iech ronderëm d'Problematik vun den ëmmer méi heefege Staarkreen-Ereignisser an de Preventiounsmaassnahmen opklären.

Et ass eis en Uleies, iech d'Liewe méi einfach ze maachen. Dofir stelle mir op den nächste Säiten och dat iwwerschaffte Bautereglement vun der Gemeng Suessem an d'Fënster. An Zukunft muss zum Beispill fir eng Photovoltaikanlag a bestëmmte Fäll keng Baugeneemegung méi ugefrot ginn. Beim Budget 2025 steet alles am Zeeche vu méi a bessere Schoul- an SEA-Infrastrukturen, op déi mir e bësse méi am Detail aginn.

Op kulturellem Plang stiechen déi flott Erënnerungen un de Mérite culturel an de Prix d'encouragement am Dezember eraus, mat den immens talentéierte Laureat-inne Christophe Wagner an Esther Conter. An den Ausbléck op Scala & Kolacny Brothers Enn Mäerz am Artikuss, wou de grouse Fraechouer aus der Belsch en Hommage un Hollywood am Gepäck huet.

Vill Spaass beim Liesen.

Är Buergermeeschtesch / Votre bourgmestre,
Simone Asselborn-Bintz

F

Chères concitoyennes, chers concitoyens,

Comme tant d'autres communes, la nôtre n'a pas été épargnée par les inondations ces dernières années. Pour mieux y faire face, nos services sont en train d'élaborer un plan de gestion des risques, en complément des mesures de construction. Dans ce numéro du magazine communal, vous en saurez plus sur les enjeux liés aux épisodes de pluies intenses ainsi que sur les mesures de prévention.

Nous avons également à cœur de simplifier votre quotidien, comme vous verrez sur les prochaines pages. Selon la version remaniée de notre règlement communal sur les bâtisses, les voies publiques et les sites, une autorisation de bâtir n'est plus nécessaire pour installer des panneaux photovoltaïques dans des cas bien définis. Du côté du budget 2025, nous mettons l'accent sur le renforcement et l'amélioration des infrastructures scolaires et des SEA.

Sur le plan culturel, nous nous souvenons des beaux moments vécus en décembre à l'occasion de la remise du Mérite culturel et du Prix d'encouragement, qui ont mis en lumière les immenses talents de Christophe Wagner et d'Esther Conter. Et nous vous invitons à découvrir, fin mars, le grand chœur féminin belge Scala & Kolacny Brothers à l'Artikuss, pour un vibrant hommage à Hollywood.

Je vous souhaite une excellente lecture.

NEWS

INFO

EVEN



Follow us, too!

NEON.LY/WACHANNEL

ITS



WhatsApp

CHANNEL

L

Gutt ze wëssen

Bleif ëmmer um neiste Stand iwver alles, wat an der Gemeng Suessem um Programm steet – ganz einfach mat eisem offizielle WhatsApp-Channel, deen de WhatsApp-Grupp während der Corona-Pandemie ersat huet. Mat dësem Service kriss du **nëtzlech an divers Informatiounen direkt op däi Smartphone**: ustoend Evenementer, Stroossenaarbechten, lokal Initiativen a villes méi. Eis Missioun? Dir séier a praktesch Informatiounen an Echtzäit ze liwweren. Umellen ass ganz einfach: Scann de QR-Code an du bass dobäi. Mir halen dech um Lafenden, dass du keng Neiegkeeten aus der Gemeng verpass.


F

Bon à savoir

Restez connecté·e·s de ce qui se passe dans votre commune grâce à WhatsApp. Pour ne rien manquer des dernières actualités, la Commune de Sanem a lancé son propre canal WhatsApp, la suite logique du groupe WhatsApp utilisé pendant la pandémie du COVID-19. Ce service vous permet de recevoir **des informations utiles et variées sur votre smartphone**: événements à venir, travaux routiers, initiatives locales et bien plus encore. L'objectif? Vous tenir informé·e·s en temps réel, de manière simple, rapide et pratique. Rejoindre notre canal WhatsApp est très facile: il vous suffit de scanner le QR code. Une fois inscrit·e·s, vous serez au cœur de tout ce qui se passe dans votre commune. Ne manquez pas et restez au courant.

SCHUTZMOOSSNAMEN.

Wann d'Waasser Iklëmmt.



I

Eng Naturgewalt kann een net ophalen. Mee et kann een dofir suergen, de Schued esou kleng wéi méiglech ze halen. D'Gemeng Suessem wäert dëst Joer eng Etüd ofschléissen, déi Schwaachstelle bei Staarkreen identifizéiert a systematesch analyséiert, fir duerno konkret Moosnamen an de véier Uertschaften ëmzesetzen. E Réckhaltebecken huet an der Nidderkuerer Strooss zu Suessem jo schonn Entlaaschtung bruecht. Donieft kann all Awunner·in a Géigenden, wou et riskéiert Héichwaasser ze ginn, präventiv handeln oder am Noutfall déi richteg Reflexer kennen.

1 KULLANGEN A RÉIER PROPPER HALEN


Wann dës verstopt sinn, leeft de Ree laanscht d'Hausmuer erof a kann esou an d'Gebai erakommen.

2 DROCKDICHT FËNSTEREN AN DIEREN INSTALLÉIEREN

Dës Bauelementer halen de Waasserrock vu baussen aus – virausgesat, si si richtig agebaut an zougessaart. Mobil Damm-balken aus Aluminium ginn och gäre benotzt, déi am Noutfall baussent dem Haus an déi dofir geduechte Schinnen agesat ginn, fir dem Waasser de Wee ze verspären, z. B. virun der Garagenafaart.

3 BUEDEM A WÄNN SCHÛTZEN A LEITUNGEN OFDICHTEN

Reen- a Grondwaasser sammelt sech am Buedem ronderëm d'Haus a ka vu baussen Drock op d'Kellerwänn maache resp. andréngen. Speziell Beschichtunge schützen d'Haus an Drainagé ginn dem Waasser keng Méiglechkeet, sech ze stauen. All d'Plazen, wou Leitungen an d'Haus erakommen (Strom, Gas, asw.), mussen waasserundurchlässig versigelt sinn.

**4 RÉCKSTAUSÉCHERUNG ABAUEN**

Bei Staarkree ka Waasser bis zum Réckstauniveau zeréckstauen, an doduerch leeft Waasser duerch d'Kanalisation zeréck an d'Richtung vum Haus. Réckstauklappe ginn automatesch zou, wann dëst geschitt. Et gi verschidde Modeller, déi entweder automatesch oder manuell funktionéieren. D'Leitungen am Haus (Toiletten, Dusch, asw.) ginn domadder virum Iwwerlaffe geschützt.



Richtig handeln.



1 PREVISIONEN AM A BEHALEN

Wann AGE/MeteoLux eng Alerte ausléisen, gëtt dës iwver LU-alert.lu un d'Bevëlkerung kommunizéiert. Dann heescht et: Roueg bleiwen an d'Situatioun aschätzen. Kuckt, dass ären Handy voll gelueden ass an haalt eng Powerbänk an och eng Täscheluucht mat Ersatzbatterieë prett. Dir sidd domat errechbar a kënnt och ouni Strom äre Wee fannen. Et ass och ni schlecht, e puer Gummistiwwelen an less- a Waasserreserven am Haus ze hunn.

Alerte Jaune, Niveau de vigilance N3:

Et kéint Héichwaasser ginn.

Alerte Orange, Niveau de vigilance N2:

Et wäert plazeweis am Land Héichwaasser ginn.

Alerte Rouge, Niveau de vigilance N1:

Vill Plazen am Land wäerte groussflächeg vun Héichwaasser beträff sinn.

2 STROM AN HEIZUNG AUSMAACHEN

Wann d'Gefor ronderëm äert Haus akut gëtt, sollt dir an deene Beräicher vum Haus de Strom ausschalten, wou d'Waasser kéint hi kommen. Och d'Heizung sollt ausgeschalt an den Approvisionnement zougedréint ginn, fir Schued un der Anlag resp. eng Kontaminatioun mat ë.a. Mazout ze verhënneren.

3 SENSIBEL SAACHEN OP ENG SÉCHER PLAZ BRÉNGEN

Loost keng wäertvoll Saachen am Keller leien a bréngt souwuel wichteg Dokumenter, Medikamenter, wéi och geféierlech Objeten a Substanzen op méi héich geleeë Plazen am Haus. Loost den Auto wa méiglech net an der Déifgarage stoen, réckelt en awer och net méi, wann d'Waasser an der Garage scho klëmmt. Fuert net a gespaarte Stroossen eran an haalt iech un d'Deviatioune.

4 HAUS VU BAUSSE SÉCHEREN

Fënsteren an Dieren zoumaachen, an – falls disponibel – Sandsäck resp. Damm- balke virum Haus positionéieren.

5 EEGE SÉCHERHEET GARANTÉIEREN

Gitt net onnéideg bei oder an d'Héichwaasser. Kanaldeckele kënnen z. B. duerch de Waasserdruck erausgehuewe ginn, an duerch dat dréift Waasser gesäit een d'Lächer net. Wann d'Waasser schonn an de Keller leeft, kéint d'Dier hannert engem zougoen an duerch de Waasserdruck blockéieren. Wann dir anzwousch hi gitt, sot engem Bescheed. Evitéiert all onnéidegen Displacement, an haalt iech op der Plaz un d'Consignë vu CGDIS a Police. Den 112 soll just am Noutfall ugeruff ginn, wann also Liewensgefor besteet, geféierlech Substanzen auslafen oder d'Gebai trotz Schutzmoosname staark beschiedegt ass.

Séier oder lues.



Bei Flosshéichwaasser klëmmt de Peegel iwver méi e laangen Zäitraum éischer lues. Bei Staarkree kann d'Waasser wéinst der enormer Dynamik schonn an Zäit vun e puer Minutte geféierlech ginn. Déi genee Plaz an Zäit vu Staarkeenenepisoden ass schwéier virauszesoen an d'Zäit, am Virfeld ze warnen, fält deemno méi kuerz aus. D'Gefore si bei béiden änlech.



Wann et eriwwer ass.

1 IWWERLUECHT OP POMPELEN

Wann d'Peegelstänn falen, muss een oppassen, wéi de Keller eidel gepompelt gëtt. Geschitt dat ze séier, kéint d'Struktur vum Gebai beschiedegt ginn, z. B. wa vu baussen nach vill Waasser widdert d'Kellermaueren dréckt. D'Fauschtreegel ass: Eréischt wann de Waasserpeegel baussent dem Haus méi déif ass wéi am Keller, soll een ufänken, Schrëtt fir Schrëtt eidel ze pompelen. Frot Fachpersonal em Rot.

2 SCHUED DOKUMENTÉIEREN

Haalt d'Situatioun nom Héichwaasser mat Foto resp. Video fest, besonnesch ier gréisser Raumaktiounen oder Reparaturaarbechte stattfannen.

3 OFDRÉCHEN A BOTZEN

Nom Eidelpompele solle Bulli a Knascht esou séier wéi méiglech ewechgemaach ginn, ier et dréchent a méi schwéier ze besäitegen ass. Déi betrafte Raim solle mat Heizgeräter an Entfiichter séier dréche gemaach ginn, fir Schimmel ze evitéieren. Falls gréisser Schied entstane sinn, denkt iwvert d'Optioun no, Fachleit mat anzebannen.



F

Version française
[SUESSEMJETAIME.LU/HEICHWAASSER](https://suessemjetaime.lu/heichwaasser)

FINANZIELL ËNNERSTËTZUNG

D'Gemeng huet eng Etude an Opdrag ginn, déi zesumme mam Ëmweltministère an an enker Zesummenaarbecht mat der Waasserverwaltung duerchgefouert gëtt. An deem Kader wäerte Risikogebidder identifizéiert ginn. Déi betreffen Awunner:innen a Betriber hunn doduerch d'Méiglechkeet, finanziell Hëllef beim Staat unzefroen an ufalend Käschte bei Adaptatiounen a Schutzmoosnamen an Héicht vu bis zu 75 Prozent rembourséiert ze kréien. De Betrag ass gedeckelt bei 20.000 Euro fir Eefamilljenhaiser, 40.000 Euro fir Méifamilljenhaiser a 75.000 Euro fir Gebaier vun Entreprises.

Informéiert iech bei der Waasserverwaltung iwver dës Fërderung:



[NEON.LY/WAASSERVERWALTUNG](https://neon.ly/waasserverwaltung)

WICHTEG ULAPPLAZEN

CGDIS
112

Police
113

Service Technique vun der Gemeng
59 30 75 – 420
während de Bürosstonden

59 30 75 – 1
ausserhalb vun de Bürosstonden

mail@suessem.lu

Wiederprevisiounen
meteolux.lu

Héichwaasserprevisioun
inondations.lu

Verhalensrecommandatiounen
infocrise.lu

Alerten
lu-alert.lu

CONFÉRENCE AVEC
DR MARY FALTZ.

Briser le silence.

La lecture et la conférence avec Dr Mary Faltz, organisées à A Gadder à Belvaux, ont marqué les esprits par leur profondeur et leur intensité. Après le décès de sa mère, Mary s'est lancée dans une enquête personnelle et méthodique pour comprendre les circonstances qui ont marqué son histoire familiale. En explorant plus de trente ans d'archives, elle a découvert des faits troublants dont elle ne soupçonnait pas l'existence. Devant un public attentif, l'autrice a partagé son témoignage poignant sur les abus qu'elle a subis.

«Lorsqu'on exerce de la violence, on blesse bien souvent une personne qui nous est proche», souligne Daniela Cabete, psychologue à la Croix-Rouge et engagée de longue date auprès de Riicht Eraus, un service spécialisé dans l'accompagnement des auteur·rice·s de violences domestiques. Ce qu'elle met en lumière: dans la majorité des cas de maltraitance infantile, les responsables font partie de l'entourage proche de l'enfant – des personnes qu'il/elle connaît et en qui il/elle a confiance.

«Il est essentiel d'en prendre conscience: la violence ne commence pas avec un œil au beurre noir ou un nez en sang. Elle s'installe bien plus tôt, dès les premiers cris.» Les débordements verbaux sont souvent minimisés. «Plus la sensibilisation progresse, plus il est possible d'interrompre la violence avant qu'elle ne devienne physique.»

Chez le Dr Mary Faltz, l'abus a commencé à l'âge de 9 ans. «Mon père m'a tellement isolé qu'il a été ma seule personne de référence», explique l'autrice après la lecture de son livre «Mein Vater – Verurteilter Kinderschänder und Frauenschläger» pendant la table ronde. «Je n'avais aucun contact avec le monde extérieur et j'étais complètement dissociée. Et c'était si grave que je n'avais aucune autre option.» Cela se prolongeait tout au long de ses études. «Il a tout contrôlé. Mon salaire. Mes contacts personnels. Tout ce que je voulais faire comme toute autre personne. J'étais suicidaire.»

Une question du public vient de deux étudiantes du lycée LTPES, qui mènent des recherches sur ce sujet. «Si la question est trop personnelle, vous n'êtes pas obligée d'y répondre», précise l'une d'elles. «Étiez-vous plus limitée sur le plan cognitif ou moteur

que les autres enfants ? » En rétrospective, Mary Faltz reconnaît que son comportement différait de celui de ses camarades. « J'ai mouillé mon lit jusqu'en classe de 12e. Une véritable régression dans mon développement », confie-t-elle.

« Je n'ai jamais vraiment dormi, jusqu'à il y a quelques mois seulement. Je fonctionnais en permanence avec une batterie à plat. » Son échappatoire, elle l'a trouvée dans les livres. J'étais l'élève parfaite. J'espérais qu'en apprenant toujours plus et en excellant, je pourrais un jour partir loin, refaire ma vie ailleurs. »

ANCRAGE CULTUREL

Un point particulièrement cher à l'autrice est ce qu'elle appelle « l'ancrage culturel » : cette habitude qui consiste à pousser, d'une manière ou d'une autre, un enfant à faire un bisou ou à s'asseoir sur les genoux de quelqu'un. « Ce schéma se perpétue de génération en génération. L'enfant assimile ainsi l'idée qu'il ne peut pas fixer ses propres limites », explique-t-elle. « À cela s'ajoute souvent un sentiment de culpabilité si le parent réagit comme suit : « Oh, maintenant je suis triste... Allez, fais-le quand même. » Quel enfant voudrait peiner ses parents ? » Les enfants n'ont ni le recul ni la maturité nécessaire pour analyser ces situations de manière rationnelle. « Pourquoi ne pas leur proposer un signe de la main ou un high five à la place ? Il est essentiel de leur montrer qu'ils ont le droit de dire non et qu'ils sont les seuls à décider de ce qui concerne leur corps. »

Oui, l'enfant doit pouvoir décider lui-même, mais il/elle a aussi besoin du soutien nécessaire pour échapper à cet « enfer », comme le décrit Mary Faltz. Une autre question vient d'une femme présente dans l'assemblée : « Je travaille moi-même dans un domaine similaire, au sein d'une école. Quand on sait combien d'enfants sont victimes de maltraitance et que les autorités ne peuvent pas toujours intervenir, nous, les professionnel-le-s, nous retrouvons impuissantes. Les services compétents sont débordés. Il est essentiel de leur donner les moyens d'agir. »


Les expertes, dont Daniela Cabete de la Croix-Rouge, approuvent cette approche ; elle peut également témoigner d'une affaire récente où l'intervention a été rapide. « Nous avons fait le signalement à 10h00. À 14h08, nous étions en contact avec la police judiciaire », raconte-t-elle.

Agir à temps, c'est aussi l'objectif du service LOG-IN. Les femmes confrontées aux violences conjugales y trouvent une oreille attentive et un soutien essentiel. Fabienne Becker, assistante sociale, souligne l'importance de la prévention : « Nous avons intensifié nos actions dans ce domaine, car c'est un levier fondamental. Plus nous sensibilisons, plus nous espérons que les victimes diront stop plus tôt, en sachant qu'une aide existe. » Le service intervient également dans les écoles primaires, les lycées et les hôpitaux, afin que chacune puisse orienter au mieux une victime potentielle.

ÉQUILIBRE PERSONNEL

Une question du public émane d'une personne qui s'apprête à travailler dans un domaine similaire à celui des expertes présentes : « Comment faites-vous pour déconnecter ? » Fabienne Becker insiste sur l'importance de préserver son équilibre personnel : « Il faut trouver un moyen de se détendre. » Lecture, sport, moments partagés avec des proches... Autant d'activités essentielles pour recharger ses batteries.

Le Dr Martine Schaul, médecin légiste chez UMEDO, ajoute : « Travailler dans ce domaine est un choix », rappelant que son service permet aux adultes victimes de violences physiques et/ou sexuelles de faire examiner et documenter leurs blessures. « Personne ne nous y oblige, mais nous le faisons avec passion. Il est néanmoins crucial de savoir poser une frontière entre vie professionnelle et vie privée. »



„Il est essentiel de leur montrer qu'ils ont le droit de dire non et qu'ils sont les seuls à décider de ce qui concerne leur corps.“

— DR MARY FALTZ.
Chercheuse clinique et pharmacienne agréée



AWEIUNG.

Hondswiss Belval.

L

Eng nei Plaz fir d'Muppen an eiser Gemeng gouf den 30. November 2024 am Park um Belval offiziell ageweit: eis éischt Hondswiss. Während der Inauguration huet de Schäffinnerot zesumme mam Gemengerot d'Awunnerinnen an hir Kollegen op véier Been invitéiert, d'Wiss ze entdecken. Mat

ongeféier 1.200 Hénn, déi an der Gemeng Suessem ugemellt sinn, ass dës Plaz just een Ufank. Déi zoustänneg Servicer denke schonn iwver weider méiglech Plazen no, wou d'Muppen ënnert sech sinn a fräi lafe kënnen. Domat gëtt och ee vun de Punkten aus der Schäffinnerotserklärung ëmgesat.



Wou ass d'Hondswiss?
[NEON.LY/HONDSWISSMAP](https://neon.ly/hondswissmap)



Weider Fotoen op
[NEON.LY/HONDSWISSGALLERY](https://neon.ly/hondswissgallery)



AUSZEECHNUNG.

Mérite culturel.

L

Op Invitatioun vum Schäff-innerot an der Kulturkommissioun vun der Gemeng Suessem goufen den Dënschdeg, 17. Dezember 2024 zwee Kënschtler-innen ausgezechent. De Mérite culturel gong un de Filmregisseur an Dréibuchauteur Christophe Wagner. Hien ass ënner anerem fir d'Succèsse vun de Serië *Comeback* (2012) a *Capitani* (2019) a fir d'Filmer *Doudege Wénkel* (2012) an *Eng nei Zäit* (2015) responsabel.

De Prix d'encouragement culturel gong un d'Bünenduerstellerin a Singer-Songwriterin Esther Conter, déi zu Biele wunnt. Déi ausgebildete Musicalduerstellerin ass national wéi international ënnerwee, ass och als Gesangspädagogin aktiv an huet 2024 hir éischt EP mam Numm *Flow* erausbruecht. Musikalesch gouf den Owend vum André Mergenthaler encadréiert.



© Jessie Lang



Weider Fotoen op
[NEON.LY/MERITECULTUREL](https://neon.ly/meriteculturel)

SERVICE BABYPLUS

Pour toutes les familles qui attendent ou viennent d'avoir un bébé



**information, consultation et suivi gratuits à partir de la grossesse
ainsi que pendant la première année de vie du bébé**

suessem.lu • +352 36 05 97 - 30 • babyplus@liewensufank.lu



DATE	LOCALITÉ, ARRÊT ET HORAIRE
12.03.2025	Sanem » 09h20–10h00 Rue de Niederkorn an der Bushaltestelle seitens der Schule <i>arrêt bus scolaire – école fondamentale</i>
02.+23.04.2025	
14.05.2025	
04.+25.06.2025	
16.07.2025	

10.03.2025	Soleuvre » 14h40–15h30 Rue Scheierhaff beim ehemaligen Altenheim <i>près de l'ancien CIPA</i>
31.03.2025	
12.05.2025	
02.06.2025	
14.07.2025	

Für weitere Informationen | *Information complémentaire :*
Service Bicherbus Bibliothèque Nationale de Luxembourg

► (+352) 26 55 9 - 240 | bicherbus@bni.etat.lu

WEITERE TERMINE | AUTRES DATES bni.public.lu

► Der ‚**Bicherbus**‘ ist eine **mobile Bibliothek**, bei der man kostenlos Bücher ausleihen kann. Die rollende Bücherei wurde auf Initiative des Kulturministeriums ins Leben gerufen und umfasst rund **80.000 Werke** verschiedenster Themen. **Ein Großteil** dieser Werke ist **Kindern und Jugendlichen vorbehalten**.

In der Liste finden Sie die Daten und Uhrzeiten, an denen der ‚Bicherbus‘ in der Gemeinde Sanem Halt macht.

► Le ‚**Bicherbus**‘ est une **bibliothèque mobile** qui permet d'emprunter des livres gratuitement. Le projet a été initié par le Ministère de la Culture et propose une collection d'environ **80.000 livres**. Une **grande partie** de ces livres est **réservée aux enfants et aux adolescent·e·s**.

Veuillez consulter le tableau avec les dates et les horaires précis du passage du ‚Bicherbus‘ dans la Commune de Sanem.



Bibliothèque nationale
du Luxembourg



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Culture

MONKEY SEE, MONKEY DO



DON'T SHARE EVERYTHING YOU FIND ONLINE

This image was AI-generated.



Co-funded by
the European Union



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse



BEE-SECURE.LU

SCALA & KOLACNY
BROTHERS ENCHANTENT L'ARTIKUSS.

La magie des VOIX.

F

Le **29 mars 2025**, un moment de musique particulier attend les visiteur-euse-s de l'Artikuss: l'ensemble belge SCALA & Kolacny Brothers présente ses arrangements inimitables de chansons pop et rock connues. Depuis plus de 30 ans, SCALA, ce chœur exclusivement féminin, et les frères Steven et Stijn Kolacny enthousiasment un public international.

Derrière chaque chanson interprétée repose un processus créatif minutieux. Steven Kolacny, responsable de la sélection des chansons et des arrangements, divise ce processus en différentes étapes : « Quand j'entends certaines chansons à la radio ou sur Spotify, je peux immédiatement imaginer une version SCALA. Mais même là, je ne suis pas sûr que cela fonctionnera pour nous. »

Il parle d'une sorte de mutation. « Alors, je m'assieds au piano, et il faut d'abord qu'une sorte de mutation ait lieu, transformant la chanson originale en une version piano. Ensuite, j'entends dans ma tête les magnifiques voix de nos chanteuses, et je crée un arrangement vocal, ce qui nous donne une partition. La troisième étape est la répétition avec les chanteuses elles-mêmes : elles doivent aussi s'impliquer, ressentir la chanson et pouvoir transmettre ces émotions. » Selon lui, la première interprétation en direct devant un public est décisive. « Les applaudissements nous montrent si l'interprétation touche vraiment », explique Steven.

Ce sens du détail a valu à l'ensemble non seulement une base de fans loyaux, mais aussi une reconnaissance internationale. Il ajoute : « Mais, après 30 ans, je n'ai toujours pas trouvé la formule magique – malheureusement ! »

UN MÉLANGE D'ÉMOTION ET DE DYNAMISME

Scala est devenu maître dans l'art de transmettre une palette d'émotions. Qu'il s'agisse de moments silencieux et introspectifs ou de passages entraînants et festifs, chaque performance est une expérience émotionnelle. Soutenue par des spectacles de lumière impressionnants et des chorégraphies émouvantes, la scène devient le théâtre d'un voyage unique. Les chanteuses se déplacent souvent aussi à travers le public, créant ainsi une proximité particulière. Des beats et des productions modernes de Martin Kiesetter, un producteur allemand, enrichissent égale-

ment de temps en temps les représentations et assurent une diversité musicale.

Un autre point fort est la dynamique particulière entre les frères Steven et Stijn Kolacny. « C'est une collaboration très particulière. Parfois, nous nous irritons mutuellement, mais le plus souvent, nous nous complétons parfaitement. Ensemble, nous sommes vraiment forts », admet Steven avec un sourire en coin. Cette complicité est au cœur de la création de ce spectacle, qui porte leur signature unique.

FANS INTERNATIONAUX ET ADAPTATIONS LOCALES

Que ce soit à Paris, Berlin ou Milan, Scala adapte constamment ses concerts au public local, que ce soit par le choix des chansons ou les annonces dans la langue du pays. « Une des particularités des concerts est notre capacité à nous adapter au pays où nous jouons. Par exemple, nous interprétons des chansons en allemand (et faisons des interventions en allemand) à Berlin, en français à Paris, et même en italien à Milan », souligne Steven Kolacny. Cette capacité à créer des ponts fait de leurs concerts des expériences inoubliables.

Le plus grand défi est de « gérer tout parfaitement – pour beaucoup de monde », explique Steven. « La logistique et tout le travail en coulisses ne sont pas simples. La formation et les répétitions avec toutes les chanteuses demandent déjà énormément de travail. Mais dès que nous nous dirigeons vers une salle, et surtout une fois sur scène, tout s'assemble comme un puzzle ! »

SOUVENIRS ET RÊVES D'AVENIR

Les frères sont particulièrement fiers de leur collaboration avec Indochine et du succès de leur musique dans des productions hollywoodiennes comme *The Social Network*. Mais leur véritable passion reste

la scène live : « La magie d'un concert est irremplaçable. Apparaître dans des séries télévisées et des films hollywoodiens, c'est une chose, et nous en sommes très fiers ! Mais l'expérience live sur scène, c'est ce que chacun d'entre nous adore. Ce ressenti d'un concert ! Nous ne voulons jamais y renoncer ».

Conseil aux jeunes successeur·euses ?

« Suivez vos rêves, suivez votre créativité ! Osez essayer de nouvelles choses ! N'ayez pas peur de l'inconnu. Et surtout : le travail acharné et les répétitions sont toujours récompensés. Toujours. » Il ne s'arrête pas là. « Et un dernier conseil : écoutez-vous vous-même jusqu'à ce que vous trouviez ce que vous faites beau. Et une fois que vous en êtes convaincu, rappelez-vous qu'il peut toujours être encore un peu meilleur ! »

UNE SOIRÉE À NE PAS MANQUER

SCALA & Kolacny Brothers offrent bien plus qu'un concert – ils·elles livrent une œuvre d'art totale et émotionnelle. Avec leur mélange extraordinaire de musique, de lumière et de mouvement, l'ensemble parvient toujours à captiver leurs spectateur·euses. Soyez de la partie lorsque la scène de l'Artikuss s'illumine d'une lumière magique et que les voix du chœur enchantent le public.



TICKETS

Artikuss

SALLE DE CONCERT ET DE SPECTACLE

Samedi 29.03.25

SCALA & Kolacny Brothers

30 € | Étudiant·e·s 21 € | Groupes 26 €



FORMALITÉS FACILITÉES.

Règlement sur les Bâtisses, les Voies publiques et les Sites.

F

Les récents ajustements, adoptés lors du conseil communal du 29 novembre 2024, ont pour objectif de simplifier vos démarches administratives tout en clarifiant les exigences en matière de construction, d'installation d'équipements et d'aménagement. Il est à charge du/de la maître

d'ouvrage respectivement du/de la maître d'œuvre de veiller à ce que le projet soit conforme à toute disposition légale (PAG, PAP QE, RBVS) lui applicable et à ce que chaque autorisation nécessaire soit accordée en temps utile. Voici quelques exemples de modifications: ▶



ART. 24
Clôtures et
aménagements en
bordure des limites
séparatives

Il est possible de **clôturer** sa propriété par des socles ou murets d'une hauteur **maximale de 1 mètre** (mesurée à partir du terrain existant), et/ou par des grillages jusqu'à une hauteur **maximale de 1,80 mètres** (clôture opaque

combinée). Toutefois, la commune continue de recommander la **plantation de haies**, arbustes ou autres végétaux similaires pour la délimitation des propriétés. Le Code civil limite ces plantations à une hauteur **maximale de 2 mètres**.



ART. 40
Capteurs solaires

Les **règles** relatives à l'installation de panneaux solaires ont été **assouplies** sous certaines conditions bien définies tout en respectant le RBVS (Règlement sur les Bâtisses, les Voies publiques et les Sites):

- ▶ **installations sur façades;**
- ▶ **installations «plug-and-play»** panneaux solaires portables d'une capacité inférieure à 800 Wc.



ART. 52
Équipements
techniques fixes (PAC)
ART. 64
Protection contre
le bruit

Les règles relatives à l'installation d'équipements techniques fixes à l'extérieur des bâtiments (climatiseurs, systèmes de ventilation, pompes à chaleur, etc.) ont été précisées afin de **garantir l'esthétique, la sécurité et la tranquillité**:

- ▶ niveau sonore **maximal** à la limite de propriété: **40 dB(A)**, calculés au point d'incidence;
- ▶ **évaluation acoustique**: via l'outil officiel en ligne du ministère de l'Environnement (schallrechner.lu).



ART. 77
Contenu du dossier
relatif à la demande
d'autorisation de
construire

Les points suivants ont été rajoutés. Une **autorisation est requise** sur tout le territoire communal pour:

- ▶ installation d'**équipements techniques fixes** (p.ex. pompes à chaleur);
- ▶ les **piscines** dont la surface est de **10 m² ou plus**.



ART. 79
Travaux ne nécessitant
ni d'autorisation
de construire
ni de déclaration
de travaux

Ces travaux doivent néanmoins **respecter les règlements locaux** (PAG, PAP QE, RBVS). Sont notamment concernés:

- ▶ travaux d'**embellissement**;
- ▶ installation de **panneaux solaires**;
- ▶ **bornes électriques** (dans les maisons uni- ou bifamiliales);
- ▶ **piscines de moins de 10 m²**.



ART. 83
Durée de validité des
autorisations

Conformément à la législation nationale, la **validité** de chaque autorisation est de **2 ans** et peut être prolongée.

Le Service de l'Urbanisme et des Bâtisses, acteur clé du développement et de l'aménagement urbain, remplit plusieurs missions essentielles.

Pour toute demande ou question:
60, rue de la Poste, L-4477 Belvaux
Secrétariat du Bureau des Bâtisses
+352 59 30 75 - 669 | batisses@suessem.lu

▶ [NEON.LY/BATISSES](https://neon.ly/batisses)



NOUVEAU
RÈGLEMENT!

new new new
new

**RENOVATIUN SCHOUL
ZOLWER-ZENTER**




**STRUCTURE MODULAIRE
PROVISOIRE POUR
L'ENSEIGNEMENT FONDAMENTAL**

new new new
new

**HIGHLIGHTS AUS
DEM BUDGET 2025.**

Vir Wäit Kloer SICHT



SEA BEI DER SCHOUL 2000
ZOLWER

COMPLEXE POUR ENFANTS
SUESSEM

PROJETEN

D'Gemeng Suessem huet fir dëst Joer am initial geplangte Budget lafend Ausgabe vun 116,5 Milliounen Euro virgesinn. Dozou zielen 930 Leit vum Gemengepersonal. Well bei dësem sougenannten ordinären Deel vun den Ausgabe gekuckt gëtt, dass näischt aus dem Rudder leeft, bleift en Iwwerschoss, deen et erlaabt, beim ausseruerdentlechen Deel vum Budget an nei Projeten ze investéieren, dorënner Infrastrukturen a Renovatiounen.

Am Kader vum **Masterplang Bildung 2035** ass et d'Zil, de Kanner an eiser Gemeng, déi awunnerméisseg staark wüsst, och weiderhin d'Méiglechkeet ze ginn, hire Potential voll ze entfalten. An der Gemeng Suessem gëtt et nach ëmmer keng Waarde-lëscht an de scolariséierte Strukturen, sou dass jiddereen-t eng Plaz huet. Am Joer 2025 sollen iwwer 5 Milliounen Euro a Gebailechkeete fir den Enseignement fondamental fléissen, an iwwer 10 Milliounen Euro an déi vun der SEA (Services d'éducation et d'accueil). Well verschidde Gebaier déi nächst Joren zum Deel eng Zäit laang net wäerte kënnen genotzt ginn, gëtt donieft nach eng modulär Struktur fir 4,5 Milliounen Euro kaf, déi als Iwwergangsléisung polyvalent ka genotzt ginn.

Weider Investissementer, déi erausstiechen

- ▶ Vitesslimitatioun op 30 km/h ronderëm d'Schoul Bieles-Post (1,2 Milliounen Euro)
- ▶ Partizipative Budget, iwwer deen d'Awunner-inne matbestëmme kënnen (50.000€)
Detailer ginn am Laf vum Joer bekannt

POSITIV ENTWÉCKLUNG

Am uerdentlechen Deel vum Budget fléisst de Gros vun de Recettë vun der Gemeng iwwert de **Fonds de dotation globale des communes** (FDGC) eran. Dëst Finanzéierungsinstrument vum Staat soll d'Autonomie vun de Gemenge stäerken a stabil Recettë garantéieren, onofhängeg vu Gréisst oder Wirtschaftsleeschtung. D'Gemeng Suessem rechnet am Joer 2025 mat iwwer 80 Milliounen Euro vum FDGC, wat eng Steigerung vu 17,2 Prozent (resp. bal 12 Milliounen Euro) am Verglach mat virun zwee Joer (2023) ass.

76.772.057 € +17,2%

2025


65.505.168 €

2023

+2 MILLIOUNEN €

FCPC

E positiven Impakt op d'Recetten 2025 wäert och d'Ausbezuere vum **Fonds communal de péréquation conjoncturale** (FCPC) hunn. Dëse Fong war geschaf ginn, fir vis-à-vis vu méi schwache Recettë bei de Gemengen an enger ugespaanter ekonomescher Situatioun Reserven unzeleeën. Sou bal d'Gesetz fir d'Ofschafung dëst Joer gestëmmt ass, kënnen d'Gemengen dës Suen autonom geréieren. Fir d'Gemeng Suessem bedeit dat eng eemoleg Recette vu ronn 2 Milliounen Euro, déi bis ewell awer nach net am Budget 2025 ageplangt ass.




FPE & ICC

-470.140 €


An Zukunft muss d'Gemeng Suessem, wéi all d'Gemengen, an de **Fonds pour l'emploi** (FPE) abezuelen. Dat war virun net de Fall. Well d'Contributiounen neierdénks zesummenhänke mat de Recettë vun der **kommunaler Gewerbesteier** (ICC), wäert dëst an Zukunft eng negativ Auswirkung op d'Finanze vun der Gemeng Suessem hunn. D'Gesetz, dat um Instanzewee ass, wäert dofir suergen, dass am Budget 2025 zousätzlech Depensé vu 470.140,24 Euro ze verzechnen sinn.

CGDIS


Wat d'Depensen ugeet, sou geet d'Participatioun un den Onkäschte vum **CGDIS** erof, a fällt vun 1 Millioun Euro lescht Joer (2024) op nëmmen nach 282.932 Euro fir d'Joer 2025, wat e Réckgang vun 71,93 Prozent ass.



DIR FANNT D'PRESENTATIOUN VUM BUDGET AUS DEM GEMENGEROT AB SÄIT 34 AN ALS AUDIO OP: [NEON.LY/CC251124](https://neon.ly/cc251124)



PROKAPPVERSCHËLDUNG
2024 → 2025



GESAMTPERSONALKÄSCHTEN
74.826.200 €

64%

ANER ORDINÄR DEPENSEN
41.668.051 €

36%

REWA 20%

SEA 34%

ANERT PERSONAL 46%

Nathalie Morgenthaler



AN DER POLITIK AKTIV ZËNTER 1997. Bei den deemolege Komplementarwale ass an eiser Sektioon eng Chrëschtlech-Sozial Jugend (CSJ) gegrënnt ginn, an där ech vun Ufank un dobäi war.
AM GEMENGEROT ZËNTER 12.09.2003. Ech si fir d'Marcelle Lenz-Cornette noegerékelt, déi engem Jonke wollt Plaz maachen. Allerdéngs hunn ech nach ee Joer laang missten de Spagat tëschent der Uni an der Belsch a Lëtzebuerg maachen.
ZËNTER 2017 am Schäff'innerot.

MENG INTERESSEN Reesen, Sport (aktiv an als Zuschauerin) & Concerten op privatem Plang a Chancéglichheet, Diversitéit, Inklusioun, Zesummeliewen op politeschem.

ECH SINN Vizepresidentin vum CIGL Suessem a vun der Entente des Sociétés Belvaux, Matgrënnerin vun Eis Epicerie, Member am Büro vum SIVÉC an am Comité vum SIKOR a Fonds Belval an Deputéiert an der Chamber.

EE (GROUSST) ZIL, WAT ECH A MENER FUNKTIOUN ALS MEMBER VUM GEMENGEROT ËMSETZE WËLL Eis Gemeng esou opstellen, dass se liewenswäert bleift a jiddereen sech an eiser Mëtt wuelfillt.

MENG ZÄIT AM GEMENGEROT BIS ELO ZESUMMEGEFAASST

Ech hat interessant Joren esouwuel an der Opposition wéi an der Majoritéit. Déi zwou Säite kënnen immens léierräich sinn a ginn an enger Demokratie och gebraucht. Ech verstoppen awer net, dass meng Präferenz kloer op där Säit läit, déi aktiv därerf matgestalten.

Mara Schammo

AN DER POLITIK AKTIV ZËNTER 2023, wéi ech bei der adr Member gi sinn. Virdrun hunn ech mech net vill fir Politik interesséiert.

AM GEMENGEROT ZËNTER 14.07.2023.

MENG INTERESSEN Meng Famill, trëppele goen, mat Frënn zesumme sëtzen, Handaarbecht.

ECH SINN Member an der Finanz- a Jugendkommissioun.

EE (GROUSST) ZIL, WAT ECH A MENER FUNKTIOUN ALS MEMBER VUM GEMENGEROT ËMSETZE WËLL Ee vu mengen Ziler am Gemengerot ass et d'Opmierksamkeit op ee responsablen Ëmgang mat den ëffentleche Gelder nach méi an de Vierdergrond ze bréngen. D'Gemeng soll eng Verwaltung si fir Bierger:innen a keng Spillplaz fir Ideologien.

MENG ZÄIT AM GEMENGEROT BIS ELO ZESUMMEGEFAASST

Interessant, léierräich mee och erniichternd.



Franca Romeo

AN DER POLITIK AKTIV ZËNTER 1997, ugefaangen als Sekretärin bei Chrëschtlech-Sozial Fraen (CSF).

AM GEMENGEROT ZËNTER 08.10.2017.

MENG INTERESSEN Kachen, Reesen, Molen, Zäit fir Famili a Frënd:innen.

ECH SINN Member an der Kulturkommissioun, am Minett-Kompost-Bureau, Comitésmember am Sudcal, Presidentin vun der Kommissioun fir interkulturellt Zesummeliewen, Vizepresidentin vun den Amis de la Fleur Belvaux a vum Club Kordall Aktiv, Sekretärin vun der Entente des Sociétés Belvaux, Member am SABA a bei Gemeng Suessem hëllef.

EE (GROUSST) ZIL, WAT ECH A Menger FUNKTIOUN ALS MEMBER VUM GEMENGEROT ËMSETZE WËLL Diversitéit respektéieren a fërderen. All Bierger:in, onofhängeg vu sengem kulturellen, sozialen oder reliésen Hannergrond, soll sech an eiser Gemeng wëllkomm fillen. Fir dëst Zil aktiv ze ënnerstëtzen organiséiert eis Kommissioun Projeten an Aktivitéiten, déi den Dialog Versteesdemech tëscht de verschiddeenen Communautéiten erliichtere soll, dat Ganz mat der Ënnerstëtzung vun eiser Gemeng.

MENG ZÄIT AM GEMENGEROT BIS ELO ZESUMMEGEFAASST

Eng interessant a léierräich Erfahrung. Ech hunn déi grouss Chance kritt, op konstruktivem Niveau um Wuel vun eiser Gemeinschaft matzewierken. A menger Funktioun hunn ech vill Leit mat ënnerschiddlechen Hannergrënn kennegeléiert. Dës Zäit huet mir gewisen, wéi wichteg et ass, dass mir all zesummeschaffen an op en oppenen Dialog setzen. Sou kënne mir all Bierger:in ënnerstëtzen a motivéieren, sech aktiv ze engagéieren.

Am Juni 2023 goufen déi nei Gemengeréit gewielt. Déi eng goufen zeréckgewielt, fir anerer heescht et fir eng éischte Kéier Kommunalpolitik an der Gemeng Suessem. Mee wie sinn déi Leit, déi dir an de Gemengerot gewielt hutt? An den nächsten Editioun vum kuerz&knapp. stelle mir iech déi eenzel Memberen an alphabetescher Reiefolg vir. Dës Kéier ass et um ...



Patricia Speck-Braun

AN DER POLITIK AKTIV ZËNTER 1999.

AM GEMENGEROT ZËNTER 01.12.2008.

MENG INTERESSEN Reesen, Kachen, mam Hond trëppele goen an Zäit verbréngen mat der Famili.

ECH SINN Member vun der Bautekommissioun, Member vun der Finanzkommissioun, Member vu Gemeng Suessem hëllef an doriwwer eraus och aktiv am CIGL a Matgrënnerin vun Eis Epicerie.

EE (GROUSST) ZIL, WAT ECH A Menger FUNKTIOUN ALS MEMBER VUM GEMENGEROT ËMSETZE WËLL Ganz wichteg ass et mer, mech aus der Opposition eraus fir sämtlech Matbierger:innen an hiert Wuelbefannen anzesetzen, onofhängeg vum sozio-kulturellen Hannergrond vun deenen eenzelnen.

MENG ZÄIT AM GEMENGEROT BIS ELO ZESUMMEGEFAASST

Eng interessant Zäit, während där ech vill Leit mat innovativen a kreativen Iddie kennegeléiert hunn an oft een interessanten Austausch mat verschiddesten Acteur:innen hat, sief et mat Kolleeg:innen aus der Gemeng oder awer mat de Leit dobaussen.



Procès-verbal des votes du Conseil communal de Sanem lors de la séance publique

lundi, 25 novembre 2024

date de l'annonce publique: **18 novembre 2024**

date de la convocation des conseillers: **18 novembre 2024**

début: **14h15** fin: **16h45**

PRÉSENTS:

Mme Asselborn-Bintz Simone, présidente,
M. Gaston Anen, M. Bronzetti Denis, Mme Cecchetti Myriam,
M. Dahm Yves, M. Da Silva Bruno, M. Faber Serge, M. Gierenz Steve,
M. Haas Marc, M. Krippeler Max, Mme Logelin Anne, M. Lorang Mike,
Mme Morgenthaler Nathalie, Mme Romeo Franca, Mme Schammo Mara,
Mme Speck-Braun Patricia
Mme Manon Greven, secrétaire communale

ABSENT-S EXCUSÉ-S: M. Goelhausen Marco

PREMIER VOTANT: Mme Speck-Braun Patricia

M. Goelhausen Marco délègue son droit de vote à
Mme Asselborn-Bintz Simone pour les points 1 à 19
et le point 20b, 21 et 23.

Madame Romeo Franca n'a pas pris part au vote du point 19.

— ORDRE DU JOUR

1. Correspondance et informations.

— FINANCES COMMUNALES

2. Présentation du budget initial 2025.

» **Prise de connaissance**

3. Approbation de subsides:

Nom de l'association	Objet	Montant accordé précédemment	Montant accordé
Fondation A.P.E.M.H.	Demande de soutien financier	150,- CC 27/11/2023	150,-
La Main Tendue a.s.b.l. Angéla	Demande de soutien financier	150,- CC 22/09/2023	150,-
Aide aux enfants handicapés et défavorisés de Luxembourg	Demande de soutien financier	–	150,-
Lëtzebuenger Aktiounskrees Psychomotorik a.s.b.l.	Demande de subside	150,- CC 18/06/2021	150,-
Privaten Déiereschutz a.s.b.l.	Demande de soutien financier	–	150,-
Stroossen Engelen a.s.b.l.	Demande de soutien financier	150,- CC 26/04/2024	150,-
Dysphasie.lu a.s.b.l.	Demande d'un subside extraordinaire pour l'année 2023 & 20 ^e anniversaire de l'association	150,- CC 24/03/2023	150,-

» **Prise de connaissance**

— PROJETS

4. Reprofilage et mise en oeuvre d'enrobés denses à chaud sur la voirie rurale. Devis estimatif détaillé: 366.500,-€ (article budgétaire: 4/410/221313/99001).

» **Vote unanime**

5. REWA:

a. Remplacement d'une camionnette électrique.

Nouveau crédit: 38.000,-€ (4/220/223210/99001)

b. Remplacement d'une camionnette électrique.

Devis estimatif détaillé: 38.000,-€ (article budgétaire:

4/220/223210/99001).

» **Vote unanime**

6. Pavillon jardin communautaire Sanem. Devis estimatif détaillé: 15.793,-€ (article budgétaire: 4/542/222100/99001).

» **Vote unanime**

— CIRCULATION

7. Gestion de stationnement:

a. Gestion de stationnement sur le territoire de la commune de Sanem. Devis estimatif détaillé: 120.000,-€ (article budgétaire: 4/623/221313/99001).

b. Modification du règlement de circulation de la commune de Sanem.

c. Modification des taxes relatives au stationnement payant et au parking résidentiel.

» **Votes positifs: 15**

Anen Gaston, Asselborn-Bintz Simone Bronzetti Denis, Da Silva Bruno, Dahm Yves, Faber Serge, Gierenz Steve, Goelhausen Marco, Haas Marc, Krippeler Max, Logelin Anne, Lorang Mike, Morgenthaler Nathalie, Romeo Franca, Speck-Braun Patricia

Abstentions: 2

Cecchetti Myriam, Schammo Mara

8. Approbation de règlements d'urgence pris par le Collège des bourgmestre et échevin·e·s

- Vu le règlement temporaire d'URGENCE de la circulation à l'occasion des travaux de renouvellement des bordures et files de pavés, longeant le CR110, entre le n°173 rue Aessen à Soleuvre et le n°56 rue de Sanem à Ehlerange, approuvé par le Collège des bourgmestre et échevins dans sa séance du 18 novembre 2024 (U024-84);
- Vu le règlement temporaire d'URGENCE de la circulation à l'occasion des travaux de renouvellement des raccordements des maisons n°50 – n°52 rue de l'Usine à Belvaux, approuvé par le Collège des bourgmestre et échevins dans sa séance du 22 novembre 2024 (U024-85).

» **Vote unanime**

— **AMÉNAGEMENT COMMUNAL**

9. Saisine du projet de modification ponctuelle, Rue Aessen, de la partie graphique du plan d'aménagement général (réf. PAG 2022-03).

» **Vote unanime**

10. Approbation du lotissement (réf. 2024-04) de la parcelle 968/8147 section B de Soleuvre, au lieu-dit «rue Basse» en vue de la réalisation d'un projet de construction d'une maison unifamiliale.

» **Vote unanime**

11. Autorisation d'ester en justice.

» **Vote unanime**

— **TRANSACTIONS IMMOBILIÈRES**

12. Approbation de la convention avec l'asbl «Frënn vun de Suessemer Guiden a Scouten» pour le Home «Luss Collini».

» **Vote unanime**

13. Approbation du contrat de bail avec l'asbl «Frënn vun de Suessemer Guiden a Scouten» pour la Maison Relais.

» **Vote unanime**

14. Approbation du contrat de bail abordable concernant l'appartement de 2 chambres au 1^{er} étage sis à Ehlerange, 5, place des Acacias.

» **Vote unanime**

15. Approbation de l'avenant au contrat de bail abordable concernant la maison sise à Belvaux, 54, rue de Soleuvre.

» **Vote unanime**

16. Approbation d'un compromis de cession à titre gratuit concernant trois parcelles de terrain sises à Soleuvre.

» **Vote unanime**

— **DIVERS**

17. Approbation d'une convention entre les communes de Differdange, de Käerjeng, de Pétange et la Commune de Sanem au sujet de l'enseignement musical.

» **Vote unanime**

18. Approbation du plan d'aménagement et de gestion des espaces verts publics.

» **Vote unanime**

19. Approbation de la convention relative au changement du siège social - Luxlug Luxembourg Lego User.

» **Vote unanime**

20. Logement abordable:

a. Approbation de la composition d'une commission consultative relative au logement abordable:

Nom	Prénom	Statut	Fonction
Est nommé·e:			
CAMPO	Corinne	Présidente	SLOPI
GOMES	Christine	Secrétaire	SLOPI
PASTORE	Tanja	Secrétaire suppléante	SLOPI
MANCINELLI	Laura	Effectif	OS
KEMP	Christophe	Suppléant	OS
JUNG	Tara	Effectif	Senior+
CEMAN	Emina	Suppléante	OS – spécialisée pour personnes âgées
BARILLARO	David	Effectif	OS-ARIS
MARTIN	Nathalie	Suppléante	OS-ARIS

b. Approbation d'un règlement d'ordre intérieur de la commission consultative relative au logement abordable, selon la loi du 7 août 2023 relative au Logement abordable.

» **Vote unanime**

21. Approbation du nouveau règlement concernant l'aide au logement accordée par la Commune de Sanem dans le cadre de la loi du 7 août 2023 relative aux aides individuelles au logement.

» **Vote unanime**

22. Modification de la composition des commissions consultatives:

a. Commission de la mobilité

	Nom	Prénom	Statut	Fonction
Est démissionné:				
1	RAMA	Mikael	Suppléant	Police Grand-Ducale
Est nommé:				
1	PIAZZA	Gilles	Suppléant	Police Grand-Ducale

23. Reclassement de l'association « ASC Zolwer Asbl ».

» **Prise de connaissance.**

Classement dans la catégorie 1.4

24. Questions et divers.

.....



© Puwasit Inyavileart

Gemeinderatssitzung Sanem

Montag, 25. November 2024

BELES – Die Sitzung, deren Tagesordnung 24 Punkte umfasste, hatte ihren Schwerpunkt in der Vorstellung des Haushaltsplans für 2025. Weitere intensiv diskutierte Themen waren die Erweiterung des kommunalen Parkraummanagements, die Einrichtung einer neuen Gemeindekommission zur Förderung von bezahlbarem Wohnraum sowie die geplanten Maßnahmen zur Verkehrsberuhigung an der Grenze zu Frankreich.

Simone Asselborn-Bintz (LSAP) eröffnete die Sitzung mit ausführlichen Informationen zu einem neuen Projekt: Der ursprünglich für das Centre Hospitalier Emile Mayrisch (CHEM) geplante Logistikstandort auf einem Gelände in der Nähe des Centre Pénitentiaire Uerschterhaff (CPU) werde nun Teil eines größeren, nationalen Projekts. Der Centre national d'achat et de logistique (CNAL) solle alle Krankenhäuser des Landes versorgen. Die LSAP-Bürgermeisterin erläuterte, dass die Umwidmung durch die Regierung im Juli in der zuständigen Parlamentskommission präsentiert wurde. Es sei versichert worden, dass die bisherigen Investitionen der Gemeinde in den Plan d'aménagement particulier (PAP) erstattet werden. Ein neuer PAP sei erforderlich, der die geänderten Anforderungen berücksichtige. Sie erklärte auch, dass Verhandlungen liefen, um die ursprünglichen Abmachungen aus der Zeit des CPU-Baus auszugleichen.

ZAHLEN UND FAKTEN ZUM BUDGET

Anschließend wurde der rektifizierte Haushalt 2024 und das Budget 2025 gemeinsam von Simone Asselborn-Bintz (LSAP) und Finanzschöffin Nathalie Morgenthaler (CSV) präsentiert.

BÜRGERMEISTERIN SIMONE ASSELBORN-BINTZ (LSAP) BUDGET 2025: VERANTWORTUNG, SOLIDARITÉIT AN NOHALTEG VISION

Léif Kolleegen a Kolleeginnen aus dem Gemengerot, léif Membere vun der Press, léif alleguer.

Ech well och dëst Joer direkt am Ufank e puer Mercie lassginn. Wéi der wësst, hu mer eis intern an de Servicer e bëssen anescht opgestallt an de Budget gëtt säit dësem Joer, wéi dat och fréier scho war, am Sekretariat opgestallt. Dofir huet eis Sekretärin Manon Greven ganz enk mat eisem Ekonomist Mathias Jänisch an och dem neie Mataarbechter Fabio Vispi zesumme geschafft, an si hunn a ville gemeinsame Reunionne mat all eise Servicer an dem Schäfferot dëse Budget opgestallt.

Ech wëll hinnen a mengem perséinlechen Numm an och am Numm vum Schäfferot all en décke Merci soen.

De Budget 2025 ass e weidere Budget vun der Kontinuitéit vun der Politik aus de leschte Joren. E Budget, deen sech areit an eis virsiichteg Politik, eng Politik, déi sech net iwerrhëlt mat Projeten, déi oppasst, dass d'Finanzen net aus dem Rudder lafen, déi awer och net fäert, déi néideg Projeten unzegoen, fir dass eis Gemeng sech weiderentwéckelt an och weiderhin attraktiv fir eis Bierger a Biergerinnen ass a bleift.

Säit dem 31.10.2024 ziele mer 19.000 Awunner a mer wäerte fir Enn 2025 19.500 Awunner an der Gemeng Suessem zielen.

D'Zuel vun eise Mataarbechter a Mataarbechterinne geet och e bëssen erop, mär wäerten Enn 2025 e plus vun 19 Leit hunn, am ganzen 868 Leit: 67 Fonctionnairen, 23 Employéen, 345 Salariés à tâche intellectuelle (dat sinn haaptsächlech Educateuren an Educatrices aus dem SEA a REWA oder anert Personal, déi eng intellektuell Tâche erfëllen) a 437 Salariés à tâche manuelle.

Eis Schoulkanner sinn zu 1.817 Enn des Joers, wouvun der 1.598 an eiser SEA ageschriwwe sinn, wat e Prozentsaz vu bal 88% ausmécht. Dat sinn 2% méi Kanner wéi lescht Joer, déi nieft der Schoul och an d'SEA ginn.

An dofir ass et net méi wéi richtig, dass mer an dësem Budget e Fokus op eis Schoulen a Kannerbetreuung leeën.

Mär hunn am Budget initial am extraordinäre Volet fir 2025 5.655.000,00€ fir den Enseignement fondamental an 10.095.000,00€ fir d'SEA virgesinn. Dat ass e beträchtliche Montant, an ech ginn herno nach op verschidden eenzel Posten an.

Bildung a Kannerbetreuung sinn net just Prioritéiten, si sinn de Kär vun eiser politescher Verantwortung. Eis Kanner sinn eis Zukunft, an an d'Kanner investéieren ass och an d'Zukunft investéieren. Fir eis ass et wichtig, de Kanner eng gutt Ausgangspositioun ze ginn an uerdentlech Konditiounen ze schafen, dass jiddereen, egal vu wou e kënnt, déi selwecht Méiglechkeete kritt, fir säi Potential voll ze entfalten. Wa mer eng gerecht Gesellschaft wëllen, musse mer d'Bildung vun eise Jonken an de Vierdergrond setzen an andeems mer al Gemeng gutt Rahmebedingunge schafen, gi mer hinnen och eng Méiglechkeet, eng gutt Bildung ze kréien.

Dofir investéiere mer ganz vill an eis Schoulen: an neier, déi mer an Zukunft brauchen an och an déi besteeënd, fir déi ze verbessern an ze moderniséiere mat guddem Material a modernen Infrastrukturen.

Där wësst, dass mär als Gemeng Suessem scho ganz fréi an

d'Kannerbetreuung investéiert hunn. Bei eis kréien all Kanner, déi dat brauchen, eng Plaz an der SEA. Mär hunn d'Chance, nach ëmmer keng Waardelëschten an de scolariséierte Strukturen ze hunn.

Dat bedeit eng gutt Planung a vill a gutt Personal. Mär loossen eis eis Kannerbetreuung eppes kaschten, an ech ginn es net midd, a soen ëmmer an ëmmer erëm, dass et wichtig ass, dass de Staat den Träger endlech méi Subventiounen gëtt. Mär kréie säit 20 Joer nach ëmmer nëmme 6€ pro Kand, wou guer keng Präisdeierecht gespillt huet a keen Index a soss näischt, obschonn an des Berechnung och d'Paie vu Personal mat afléissen. Déi Paie sinn awer kontinuéierlech an d'Luucht gaang a ginn et nach. D'Madamm Morgenthaler geet herno op des Hausse vun de Paien an.

Wa mer eng nei Maison Relais bauen, ginn et méttlerweil wuel 15.000€ pro Stull, wat vun 12.000€ eropgaang ass, allerdéngs wann een de Präis vum Bau vun enger neier Struktur hautdesdaags kuckt, geet dat hannen a vir net duer.

Eis Regierungen hunn sech agesat fir gratis Kannerbetreuung an och dass all Kand e Recht op eng Plaz an enger SEA kritt. Dat geet awer leider net nëmmen eleng mat de Budgete vun de Gemengen an Trägere.

E wichtige Facteur an enger Gemeng sinn och d'Veräiner. An der Gemeng Suessem ziele mer aktuell 145 ageschriwwe Veräiner. 65 Veräiner an der Kategorie I, 42 an der Kategorie II an 38 Veräiner an der Kategorie III. Veräiner aus alle méigleche Sparten: Sport, Kultur, soziokulturell, Fräizäitsport, Scouten, ekologesch Veräiner oder där mat sozialem Charakter.

Eis Veräiner spillen eng enorm wichtig sozial a kulturell Roll, zemools an dësen Zäiten. Veräiner bréngen d'Leit zesummen a si fërderen e Gefill vu Gemeinschaft a Solidaritéit; Wäerter, déi besonnesch an enger Zäit vu sozialer Isolatioun a politescher Polariséierung wichtig sinn. Veräiner hëllefen och Fräizäit op eng sënnvoll Manéier ze verbréngen an droen zur Integratioun vun neie Membere vun enger Gemeng bäi. Duerch Veräiner kënne Leit nei Fäegkeete léieren, déi engersäits hir individuell Entwécklung fërderen, awer och de kulturelle Räichtum vun der Gesellschaft stäerken.

Ech kéint nach ganz vill Virdeeler fir eist Veräinslieden opzielen. Am Fazit si Veräiner ee Schlëselfacteur fir d'Liewensqualität, den Zesammenhalt an d'sozial Kohäsioun vun enger Gesellschaft.

A mär ënnerstëtzen eis Veräiner, andeems mer hinne Subventiounen ginn a Form vu Subsiden a gutt a modern Infrastrukturen ubidden. Eleng am Beräich Sport investéiere mer nächst Joer 1.574.500,00€. Am Budget 2025 steet och

en neie Museksall zu Éilereng fir 200.000€. Am ganze sinn am PPF nach 3.750.000€ virgesinn. Ech kommen herno a menge Sliden drop zeréck.

Eng Neierung am Budget 2025 ass e Poste fir partizipative Budget. Mä hunn hei fir unzekomme 50.000€ virgesinn. Mä hunn eis dofir un de Gemengen Déifferdeng, Diddeleng a Réiser inspiréiert, déi schonns e partizipative Budget en place hunn, a wäerten am Laf vum nächste Joer Konditiounen a Critèren ausschaffen, fir dass eis Awunner an Awunnerinnen hir Projekte kënnen erareechen.

Et war mer wichtig, dës puer Artikelen aus dem Budget ervirzehiewen, ouni awer selbstverständlech déi ganz vill aner Artikelen, déi mer z. B. am Kader vun der Erneierung vun eisen Infrastrukture wéi Stroossen a Reseauen am Budget stoen hunn, oder och all eis vill a gutt Investissementer an eng ekolagesch an nohalteg Gemeng ze vergiessen. E Budget fir eng nohalteg an ekolagesch Gemeng ass eng Investitioun an d'Zukunft, déi sech positiv op d'Liewensqualitéit vun de Bierger an d'Ëmwelt auswirkt.

Komme mer da lo bei d'Zuele vum Budget. Wéi all Joers iwwerhëlt Madamm Morgenthaler den ordinären, an ech herno no hir den extraordinären Deel.

	Initial 2024	Initial 2025	Δ en %	Δ en €
Recettes ordinaires	116.217.818	127.994.225	10 %	11.776.407
Dépenses ordinaires	108.671.686	116.494.251	7 %	7.822.565
Boni	7.546.131	11.499.974	52 %	3.953.843
Recettes extraordinaires	11.715.214	9.379.918	-20 %	-2.335.296
Dépenses extraordinaires	40.640.453	53.712.013	32 %	13.071.560
Mali	-28.925.239	-44.332.095	-53 %	-15.406.856
Résultat OR + EX	-21.379.108	-32.832.121		
Résultat N-1	30.758.072	33.394.535		
Résultat N	9.378.964	562.414		

Budget 2025 – Résultat

An dësem Slide gesäit een eis allgemeng finanziell Situatioun vum Budget initial 2025 am Verglach mam Budget initial vun 2024. Opfälleg ass, dass eisen ordinäre Boni em 52% geklommen ass par rapport zum Budget initial vun 2024 an sech elo op ronn 11,5 Mio. Euro chiffriert. Dëse Chiffer kann een ervirhiewen, well een op de Budget initial 2020 muss zeréckgoen, fir en ordinäre Boni vun iwwert 10 Mio. Euro erëmfannen. Natierlech kann een hei d'Dotatioun vum Staat ervirhiewen,

déi ganz gutt fir d'Gemengen ausgefall ass, an awer och trotz dem weltwäite volatile Kontext an de sämtleche Präissteigerungen, wéi zum Beispill Indextranchen, Energiepräisser, Matière Première, Iesswueren, asw. hu mer et awer gepackt, endäitleche Plus bei eise ordinäre Boni par Rapport zum Initial 2024 ze verzechnen.

Wéi och schonn an der Presentatioun an der Finanzkommissioun gesot, hu mer e Gesamtpersonalkäschtepunkt vu ronn 74,8 Mio. Euro, wat 64,23% vun eisen ordinären Depensen ausmécht. Eis Finanzschäffin geet herno och nach emol drop an; ech wéilt dëst och erwänen, well dat mer wichtig ass ze soen. Mä hunn als eenzeg Gemeng am Land eng Struktur fir eeler Leit. Rechent een déi Personalkäschte vun der REWA eraus, komme mer op e Ratio vu 60,82% vun eise ordinäre Budget. An dee kann een dann och méi gerecht mat anere Gemenge vergläichen, déi keng sou eng Struktur an Eegeregie hunn. Ausserdeem fannen ech wichtig ze bemierken, datt mä als Gemeng Suessem, anescht wéi aner Gemengen, ganz villes an eegener Regie maachen. Mä kache mat eise Personal an der SEA an an der REWA, botzen och mat Personal wat mä agestellt hunn, hunn en eegene Service, deen sech ëm Chancëgläichheet an Diversitéit këmmert an och ee Service, deen sech ëm eis Seniore këmmert, wat anerwärts och mol outgesourcet ass.

D'Madamm Morgenthaler wäert zu eise Personalkäschte méi spéit nach weider Erklärunge ginn. Et war mä awer och wichtig, dëst och ze betounen.

Am extraordinären Deel ginn eis Recetten am Initial 2025 ëm ronn 2,3 Milliounen erof par rapport zum Initial 2024, dëst gréisstendeels, well mer am Initial 2024 an och am Rectifié 2024 de ganze Subside vum Kanner-campus dra stoen hunn, an domat rechnen, deen och nach ze kréien. Aner Subside stinn awer just am Initial 2025, wéi zum Beispill déi zweet Tranche vum Subside fir d'Maison Relais bei der Schoul 2000 zu Zolwer oder och de Subside fir d'Begrëngung vun der Avenue 2000.

Eis extraordinär Depensë sinn ëm ronn 13 Milliounen par Rapport zum Budget initial 2024 an d'Luucht gaang. Dorënner fënnt ee Projekte wéi de Komplex vir Kanner zu Suessem, déi provisoersch Struktur fir d'Schoul, mee och de Projet um Belval Nord. Méi Detailler dozou wäert ech iech da méi spéit ginn.

Wann een elo de Rectifié am Extraordinäre vun 2024 kuckt, komme mer op 89,94%. D.h. vun de 40.640.452,91€, déi 2024 am Budget initial stoungen, stinn der elo 36.552.314,03€ am Rectifié, wat jo en exzellent Resultat ass. De Gros, wat geplangt ginn ass, ass a wäert och sou realiséiert ginn. Ech wéilt op dëser Plaz och dofir all eise Servicer dofir e grouse Merci soen.

Hei e puer grouss Projeten, déi am Rectifié 2024 stoungen:

- Kaf vum Appartement 4D an der rue de la Fontaine zu Suessem
- Aménagement du sentier historique des mineurs zu Bieles
- Réaménagement de la canalisation Cité Grand-Duc Jean zu Bieles
- Acquisition de locaux pour la maison relais zu Éilereng
- Déi nei Plaz ronderëm de Centre Culturel am Metzlerlach
- 30km/h Tempolimit rue de Mondercange zu Éilereng
- Haus 15, rue Léon Kauffmann zu Zolwer
- Ufank vum Komplex fir Kanner zu Suessem
- Maisons Relais bei der Schoul 2000 zu Zolwer
- Éilerenger klenge syntheetesche Fussballterrain

Fir lo nëmmen déi ze nennen.

Ënnert dem Stréch kann ee soen, datt de Mali vum extraordinären Deel vu ronn 44 Mio. Euro opgefaange gëtt vun engem steigenden ordinäre Boni vu ronn 11,5 Mio. Euro an engem zolitte Resultat vum Budget rectifié 2024 vu bal 34 Mio. Euro. Dat definitiivt Resultat fir 2025 beleeft sech op ronn 0,6 Mio. Euro, dëst haaptsächlech duerch eise virsiichtegen a gewëssenhaften Ëmgang mat de Gemeengefinanzen.

Ech ginn da lo der Madamm Nathalie Morgenthaler d'Wuert fir den ordinäre Budget vun 2025.

SCHÖFFIN NATHALIE MORGENTHALER (CSV) UERDENTLECHE BUDGET 2025

Wéi all Joer presentéieren ech Äech dann elo den uerdentleche Budget.

Ech wëll vun dëser Geleeënheet profitéieren, fir all eise Matuarbechter-innen e grouse Merci ze soe fir hir Uarbecht am vergaangene Joer. Verschidde Schantercher kréien duerch ze laangwierereg Autorisatiounen a ganz dacks och nach ëmmer Liwwerengpäss fir verschidde Materialien eng gewësse Verspéidung, wat eng genee Planung, dëst esouwuel zäitlech wéi och finanziell, leider zimmlech schwierereg mécht. Dofir wëll ech an eisem Numm eise Servicer een décke Merci soe fir hir Flexibilitéit an Upassungsfäegkeet. Merci och eise Servicer fir hir Beméiungen, e realistesch Budget opzestellen, wat ënnert dëse schwierere Viraussetzungen ëmmer méi komplizéiert gëtt.

Da wëll ech besonnesch eiser neier Equipe, déi elo zesumme fir de Budget zoustänneg ass, d.h. dem ganze Sekretariat, un deem jo och zënter kuerzem eis zwee Finanzmänner dru rattachéiert sinn, villmools Merci soe fir hir wäertvoll Uarbecht. Si stelle vill a Fro an zwéngen eis Servicer, sech schonn am Virfeld déi richteg Froen ze stellen an nëmmen déi noutwendeg a reell verschafften Zuelen anzesetzen. Esouguer no de

Budgetsgespréicher halen si sech drun, dass eis Leit och mol op deem engen oder anere Punkt hir Prioritéiten opgrond vu verschiddenen Iwwerleeungen änneren.

Ech muss soen, et ass ee Genoss, esou ze schaffen an ech wetten, dass dës Equipe, wann se sech mat der Zäit nach méi fonnt huet, nach méi effizient wäert ginn. Well et brauch ee riguréis Suivi vun engem Budget iwwer d'Joer ewech. Ech wëll domat op kee Fall soen, dass dat bis elo net geschitt wär, mä et gi verschidde Manéieren, fir un eng Saach erunzegoen a mär deelen hei eben eng gewëssen Approche.

29.11.2024	Vote des budgets par le Conseil communal
25.11.2024	Présentation des budgets par le Collège des bourgmestre et échevines au Conseil communal
15.11.2024	Arrêt des travaux budgétaires
14.11.2024	Délai pour la remise de questions et de propositions
11.11.2024	Présentation des budgets à la Commission des finances et au Conseil communal
06.11.2024	Remise des documents à la Commission des finances et au Conseil communal
09.2024	Explications relatives aux crédits sollicités par les services communaux (12 réunions)
30.08.2024	Remise des documents avec les crédits sollicités par les services communaux
18.07.2024	Remise des documents aux services communaux

Timeline

Op dësem Slide gesitt Där den Oflaf vun eise Budgets-preparatiounen. Eis Servicer hu misste bis den 30. August hir Budgetsvirstellungen eraginn, déi si am Laf vum Mount September a ronn 12 Sëtzungen an de Schäfferot virstellen a verdeedege komm sinn. No der Analys vun eiser finanzieller Gesamtsituatioun huet de Schäfferot ganz nom Motto «en bon père/mère de famille» gehandelt a verschidde wichteg Decisioune missten huelen.

Den 11. November 2024 sidd Där als Gemengerot, zesumme mat der Finanzkommissioun, méi genee an d'Bild vun eise lafenden Uarbechte gesat ginn a konnt och dëst Joer erëm d'Geleeënheet notzen. Är Froen a Suggestiounen eranzeginn. Tëschent dem 6. a 14. November 2024 hat Där also eng Woch laang Zäit, fir Proposen a Froen eranzeginn. An der Finanzkommissioun si scho verschidden Dokumenter resp. Statistike gefrot ginn an et hunn och nach zwou Parteie schrëftlech Froen eraginn, déi mär direkt dono och schrëftlech beäntwert hunn. Froen huele mär awer selbstverständlech nach elo un, wann der nach sollte gestallt ginn.

Komme mâr elo am Detail zu den Entwécklung
vun eise uerdentleche Budget:

	Compte 2023	Initial 2024	Rectifié 2024	Initial 2025	Diff I25/R24	Diff I/I
ICC	-	-	+13,4% (2023)	+17,4% (2023)	-	-
ICC	3.150.287	2.671.727	3.572.425	3.698.437	126.011	1.026.710
FDGC	-	-	+12,8% (2023)	+17,2% (2023)	-	-
FDGC	65.505.168	65.811.188	73.889.830	76.772.057	2.882.227	10.960.870
Total	68.655.455	68.482.915	77.462.255	80.470.494	3.008.239	11.987.579

Variations Circulaire N° 2024-071


D’Circulaire N° 2024-071 gesäit am Rectifié 2024 bei der Gewerbesteier (ICC: Impôt commercial communal) eng Steigerung vu 13,4% am Verglach zum Compte vun 2023 an am Budget 2025 eng Steigerung vun 17,4% am Verglach zum Compte vun 2023 vir.

Beim FDGC (Fonds de dotation globale des communes) ass am Rectifié 2024 eng Steigerung vun 12,8% am Verglach zum Compte vun 2023 virgesinn an am Budget 2025 eng Steigerung vu 17,2% am Verglach zum Compte vun 2023. An absoluten Zuelen heescht dat also, dass den ICC am Initial 2025 op ronn 3,7 Mio. Euro klëmmt an den FDGC op ronn 76,8 Mio. Euro.

Wann een elo den Initial 2025 mam Rectifié 2024 vergläicht, klëmmt den ICC ëm ronn 126.000€ an den FDGC klëmmt ëm 2,9 Mio. Euro. Vergläicht een den Initial 2025 mam Initial vun 2024, esou klëmmt den ICC ëm ronn 1 Million € an den FDGC klëmmt ëm ronn 11 Mio. Euro.


Mâr gesinn also kloer, dass eis Haapteinnam weiderhi konstant klëmmt, trotz de makroekonomeschen a geopoliteschen Entwécklungen (Energie- a Klimakris, Inflatoung, Produktiounsempäss, Krich asw.), deene mâr ausgesat sinn.

Um nächste Slide gesitt Dâr déi ganz Entwécklung visuuell duergestallt. Deen ieweschte Stréch symboliséiert d’Entwécklung vun eisen uerdentlechen Ausgaben. De Stréch 2 ass den FDGC, deen am Initial 2025 op en Total vu ronn 76,8 Mio. Euro kënnt, an de Stréch 1 steet fir den ICC, deen 2025 mat ronn 3,7 Mio. Euro verbucht ass. De Stréch 3 ass den Total vum Stréch 1 an 2 zesummen.



Evolution DO + ICC + FDGC

Komme mâr elo zu der Presentatioun vum uerdentleche Budget, woubäi och Vergläicher mam Budget rectifié vun 2024 gezu wäerte ginn:



Dépenses ordinaires 2024/2025

Dëse Slide weist ganz einfach d’Evolution vun den uerdentlechen Ausgabe vum Compte 2023, dem Budget initial vun 2024, dem Budget rectifié vun 2024 an der Previsioun fir 2025.

Schlussendlech ass 2024 0,47% méi ausgi gi wéi ufanks geplangt, dat heescht ronn 109,2 Mio. Euro amplaz vu ronn 108,7 Mio. Euro, mä fir 2025 ass eng Progressioun vu 6,7% p.r. zum Rectifié 2024 virgesinn, dat heescht am Ganze ronn 116,5 Mio. Euro.

Komme m'är elo zum Detail:

Synthèse par fonctions en Euro	2023 Compte	2024 Initial	2024 Rectifié	2025 Initial	I25 p.r. R24	I25 p.r. I24
1 Services généraux des administrations publiques	21.576.969	24.345.378	24.239.359	24.461.136	0,91%	0,48%
2 Protection sociale	25.712.472	29.633.909	31.320.908	34.225.220	9,27%	15,49%
3 Ordre et sécurité publique	1.237.779	1.562.456	1.450.140	853.632	-41,13%	-45,37%
4 Affaires économiques	3.022.689	4.647.924	4.838.341	3.804.149	-21,37%	-18,15%
5 Protection de l'environnement	5.246.549	5.877.588	5.627.408	6.104.188	8,47%	3,86%
6 Logements et équipements collectifs	10.682.482	12.051.020	11.752.422	13.111.290	11,56%	8,80%
7 Santé	14.533.905	15.725.309	15.719.579	18.111.059	15,21%	15,17%
8 Loisirs, culture et culte	5.976.637	7.096.802	6.892.252	7.602.927	10,31%	7,13%
9 Enseignement	6.492.351	7.731.300	7.338.941	8.220.650	12,01%	6,33%
Codes Techniques	318.371	-	-	-	0,00%	0,00%
Total Dépenses extraordinaires	94.800.205	108.671.686	109.179.350	116.494.251	6,70%	7,20%

Dépenses ordinaires 2024/2025


Hei gesitt D'är d'Ausgaben, opgedeelt op déi grouss Kapitele vun der Nomenclature. Ënnert anerem gesitt D'är och de Vergleich vum Initial 2025 mam Rectifié 2024 an den Initial 2025 am Vergleich zum Initial 2024 an deenen zwou leschte Kolonnen.

Déi dräi Haaptausgaben am Initial 2025 si schwartz agerummt a fënnt een am Kapitel 1 « Services généraux des administrations publiques », Kapitel 2 « Protection sociale » a Kapitel 7 « Santé ».

D'äst ass och keen Zoufall, well an dese Funktiounen d'Personalkäschte vun der Verwaltung an dem Service technique, dem SEA (Service d'éducation et d'accueil pour enfants) an der REWA (Résidence op der Waassertrap) dra sinn.

Dës maachen zum Beispill am 1. Kapitel 61,90% (15,1 Mio. Euro) vum Total vun deene ronn 24,5 Mio. Euro aus, am 2. Kapitel 73,73% (25,3 Mio. Euro) vum Total vun de ronn 34,2 Mio. Euro an am 7. Kapitel esouguer 82,75% (15 Mio. Euro) vum Total vun deene ronn 18,1 Mio. Euro aus.

Op d'Personalkäschte wäerte m'är herno nach méi genee agoen.



Variation dépenses ordinaires 2024/2025

Op deser Grafik gesitt D'är nach eng Kéier d'Evolution vum Budget 2025 am Vergleich zum Rectifié 2024 visuell duerch Barren duergestallt, mat deene respektive Variatiounsprozentsätz. Am Vergleich zum lescht Joer ginn et nieft den Zousazkäschten och verschidde Reduktiounen.

Bei de Reduktioune stiechen zwou Funktiounen eraus, wou déi gréisste Variatioun mat -41,13% aus der Kategorie 3 « Ordre et sécurité publique » kënnt. Wéi an der Circulaire ze liesen, wäerten d'Participatiounen um CGDIS duerch verschidden, fir d'Gemenge positiv, Ëmstänn erfogoen. Op den Detail heizou wäerte m'är an e puer Sliden agoen.

Déi zweet Reduktioun kënnt mat 21,37% aus der Kategorie 4 « Affaires économiques », wou d'Participatioun um TICE méi niddreg ausfale wäert. Och hei gesi m'är den Detail an e puer Sliden.

Op der anerer Säit ginn et, wéi scho bemierkt, leider och Zousazkäschten. Dës leien am Duerchschnëtt bei 9,7% an déi gréisste Variatioun fënnt ee mat +15,21% an der Kategorie « Santé ». Dës Steigerung kënnt gréisstendeels vun der Erhéijung vun de Personalkäschten.

Déi zweetgréisst Variatioun fënnt ee beim « Enseignement » erëm, mat +12,01%, wat ënnert anerem op d'Ännerunge vun den Energiepräisser zeréckzeféieren ass (Gas, Strom), respektiv op déi klammend Personalkäschten.

Déi drëtgréisst Variatioun fënnt ee bei der Kategorie « Logement et équipements collectifs » mat engem Plus vun 11,56% wat, wéi och beim « Enseignement », op klammend Energie- a Personalkäschten zeréckzeféieren ass.

D'Kapitel 8 « Loisirs, culture et culte » klëmmt ëm 10,31%, an och hei kënnst dat haaptsächlech duerch klammend Energie- a Personalkäschten.

Vum Betrag hier ass déi gréisst Ännerung an der Rubrik 2 « Protection sociale » erëmzefannen, och wann dat „nëmmen“ eng Variatioun vun 9,27% ausmécht. Dës Variatioun mécht an absoluten Zuele ronn 3 Mio. Euro aus, dorënner lafe gréisstendeels d'Käschte fir eis Maison Relais, déi ëm gutt 2 Mio. Euro klammen duerch d'Steigerung vun de Matières premières, Energie- a Personalkäschten, respektiv d'Käschte fir déi zwou nei Strukturen (an der Walerwiss zu Éilereng an d'Schoul 2000).

D'Kapitel 5 « Protection de l'environnement » klëmmt ëm 8,47% duerch déi steigend Participatiounen un de Syndikater (d'Detailer dozou komme méi spéit), esouwéi déi méi héich Energie- a Personalkäschten.

Och d'Kapitel 1 « Services généraux des administrations publiques » klëmmt, awer nëmmen ëm 0,91%. Hei ass ze bemierken, dass 2 Emprunten ofgeschloss sinn an d'Zënse gefall sinn, an op där anerer Säit déi allgemeng Käschtsteigerung méi héich ass wéi dat, wat mär aspueren.

Op de kommende Slidë gi mär méi genee op d'Budgetsposten an, déi eng däitlech Variatioun verzechen.


Hei da verschidde Posten am Detail:

Projet de loi 8409

Réforme des contributions des communes au Fonds pour l'emploi afin de les rendre plus équitables.

Critères principaux:

- contribution nationale = 2% du montant du produit total en ICC
- contribution/commune en fonction de la participation directe au produit de l'ICC



Prévision par exercice – Article 3/180/648231/99001

Fonds pour l'emploi

Beim « Fonds pour l'emploi » ass de Gesetzesvorschlag 8409 um Instanzewee. Dese gesäit vir, dass de Fong anescht gespeist soll gi fir d'Contributiounen méi gerecht op déi verschidde Gemengen opzedeelen.

Wéi um Slide ze gesinn, wäert dat esouwuel fir 2024 wéi och fir 2025 fir eis Gemeng e Betrag vu ronn enger hallwer Millioun € ausmaachen. Déi lescht Kéier, wou mär eppes zum Fong bäigedroen hunn, wuar 2020 mat ronn 30.000€. Fir eng Contributioun am 6-stellige Beräich erëmzefannen, muss ee bis an d'Joer 2016 zeréckgoen. Deemools wuaren et 306.000€.

Well d'Contributioun neierdëngs op d'« Participation directe au produit de l'ICC » gerechent gëtt, huet dat an Zukunft prinzipiell eng negativ Auswierkung op eis Gemeng. Et sief ze bemierken, dass mär dës zwou uerdentlech Ausgabe schonn an d'Budgete vun 2024 an 2025 agesat hunn.

Libellé	Compte 2023 (en €)	Initial 2024 (en €)	Rectifié 2024 (en €)	Initial 2025 (en €)	I25 – R24 (en €)	en %
120 – Coordination administrative	54.567	58.000	58.000	87.000	29.000	50%
130 – Coordination technique	73.099	72.000	80.000	120.000	40.000	50%
242 – SEA / Foyers scolaires	58.472	116.000	116.000	219.000	103.000	89%
250 – Jeunesse	1.496	4.000	4.000	6.000	2.000	50%
260 – Précarité sociale	2.496	10.000	10.000	43.000	33.000	330%
410 – Agriculture, sylviculture, viticulture	9.998	11.000	11.000	18.000	7.000	64%
430 – Tourisme	2.610	9.000	9.000	9.000	0	0%
520 – Gestion des eaux usées	99.804	90.000	100.000	150.000	50.000	50%
624 – Voirie vicinale	355.498	330.000	360.000	533.000	173.000	48%
626 – Cimetières	5.432	13.000	13.000	13.000	0	0%
628 – Hygiène publique	1.678	5.000	5.000	7.000	2.000	40%
630 – Alimentation en eau	14.720	18.000	18.000	27.000	9.000	50%
690 – Autres logements et équipements collectifs	3.731	6.000	6.000	9.000	3.000	50%
734 – Maisons de retraite et de soins	224.839	233.000	233.000	233.000	0	0%
821 – Terrains de sports	63.514	65.000	65.000	97.500	32.500	50%
822 – Halls sportifs	81.076	90.000	90.000	135.000	45.000	50%
831 – Centres culturels et Salles de fêtes	77.440	70.000	80.000	160.000	80.000	100%
833 – Musées	3.612	5.500	5.500	8.250	2.750	50%
860 – Fêtes publiques	1.101	3.000	3.000	3.000	0	0%
910 – Enseignement fondamental	497.700	530.000	530.000	795.000	265.000	50%
Total	1.632.892	1.738.500	1.796.500	2.672.750	876.250	49%

Coûts d'électricité

Beim Stroumpräis gëtt et eng Variatioun vum Rectifié 2024 op den Initial 2025 vu bal 900.000€.

Dës Steigerung vun 49% hält d'Linn mat de Previsioun vum STATEC an hänkt schlussendlech vum definitive Präis an awer och vum Verbrauch of.

Ze bemierken ass, dass de globale Stroumpräis sech duerch verschidde Komponenten zesummesetzt (Redevancen, Reseau & Energiepräis). En ass aktuell nach net festgeluecht an dofir stëmmt d'Variatioun vun de Kreditter net genee mat der Previsioun vum STATEC iwwerteneen.

Bei der Funktioun 260 ass déi grouss Variatioun doduerch z'erklären, dass Käschte vun engem Artikel do drop transferéiert gi sinn.

Well et global gesinn eng Steigerung beim Code Comptable vum Stroum gëtt, erkennt ee leider net, dass de Kredit vun engem aneren Artikel erofgaangen ass. Et ass zwar eng Variatioun vun 330%, mä an € gesinn, fält dat definitiv net an d'Gewiicht. Mä schwätzen nämlech do vun 33.000€.

Libellé	Compte 2023 (en €)	Initial 2024 (en €)	Rectifié 2024 (en €)	Budget 2025 (en €)	I25 – R24 (en €)	en %
120 – Coordination administrative	47.470	75.000	50.000	50.000	0	0%
130 – Coordination technique	32.490	59.500	59.500	90.000	30.500	51%
242 – Maisons-relais /Foyers scolaires	32.035	61.300	61.300	61.300	0	0%
250 – Jeunesse	3.567	7.000	7.000	8.400	1.400	20%
260 – Précarité sociale	10.199	25.500	25.500	30.000	4.500	18%
430 – Tourisme	929	5.000	5.000	6.000	1.000	20%
690 – Autres logements et équipements collectifs	10.901	16.000	16.000	19.200	3.200	20%
734 – Maisons de retraite et de soins	110.866	160.000	160.000	165.000	5.000	3%
821 – Terrains de sports	9.415	40.000	35.000	40.000	5.000	14%
822 – Halls sportifs	301.214	450.000	300.000	360.000	60.000	20%
831 – Centres culturels et Salles de fêtes	96.995	118.000	118.000	141.000	23.000	19%
833 – Musées	7.977	17.000	17.000	17.000	0	0%
910 – Enseignement fondamental	236.926	450.000	320.000	374.000	54.000	17%
Total	900.984	1.484.300	1.174.300	1.361.900	187.600	16%


Coûts du gaz

D'Variatioun vun de Käschte vum Gas vum Initial 2025 mam Rectifié 2024 verglach, beleeft sech op bal 200.000€.

Dës Steigerung passt bei d'Previsioun vum STATEC (+17%) an


hänkt schlussendlech vum definitive Präis an awer och vum Verbrauch of. Wéi och beim Stroum setzt sech de globale Gaspräis duerch verschidde Komponenten zesummen.

Eis Previsioun fir de Budget 2025 leie bei ronn 1,4 Mio. Euro (+16%) a berücksichtegen d'Volatilitéit vum Marché, souwéi och den aktuelle geopolitesche Kontext. Mä versichen och hei ëmmer op déi aktuell ekonomesch Tendenzen opzepasst an eis Zuelen deementspreechend unzepasst.



Coûts de repas SEA & REWA


Een anere Posten, deen och an d'Gewiicht fält, sinn d'Iesskäschte fir eis SEAs an d'REWA. Fir 2025 ass hei eng Gesamtsteigerung an absoluten Zuelen am Initial 2025 am Verglach zum Rectifié 2024 vu ronn 90.000 € ze verbuchen, wat enger Steigerung vun 3,63% entsprécht. Dës Käschte si virun allem an d'Luucht gaangen, well d'Iesswueren e gudde Batz méi deier gi sinn.



Subvention compensatoire pour taxes communales et pour frais hivernaux (Grompergeld)

Dëse Slide weist eis eng aner uerdentlech Ausgab, déi mat de Jore gewuess ass, d'«Subvention compensatoire pour taxes communales et pour frais hivernaux», am Volleksmond „Grompergeld“ genannt.

Wéi Där all wësst, gëtt dës Subventioun säit 2019 mat 70 % vum Betrag vun der «Allocation de vie chère», deen e Bierger oder eng Biergerin vum FNS (Fonds National de Solidarité) kritt, berechent. Et gouf awer heizou elo 2 Neierungen op nationalem Plang: de Betrag vun den Hëllefle klëmmt ab 2025 ëm 10 % an zousätzlech dozou huet de Staat d'Eligibilitëitskonditiounen och geännert (et muss een nëmmen 3 Méint am Land wunnen, fir eng Ufro kënnen ze maachen). An anere Wieder hu mir dofir eis Ausgab no uewen ugepasst. Mëttlerweil steet ee Betrag vun 1,1 Mio. Euro am Budget initial 2025.



Participation aux frais à caractère général – CGDIS

Hei gesitt Där dann den Detail vun der Participatioun un den Onkäschte vum CGDIS.

D'Cirulaire N° 2024-071 gesäit e Réckgang vun 69,4 % vum Initial 2025 am Verglach zum Compte 2023 vir, wat fir eis an

absolutten Zuelen e Réckgang vu ronn 640.000 € bedeit. Am Verglach zum Rectifié 2024 fällt den Initial ëm knapp 71,93 % op en Total vu ronn 283.000 €.

Wéi an de Previsiounen an der Cirulaire ze gesinn, wäert sech dës Tendenz iwwe méi Joren zéien an se ass duerch follgendes bedéngt:

1. Déi zousätzlech Recetten un TVA fir 2025, déi duerch d'Steigerung vum Taux kommen, ginn als Participatioun vun de Gemengen ugesinn.
2. De Staat verzicht op e Remboursement vun 81,5 Mio. Euro, déi am Kader vum Finazement vum CNIS (Centre National d'Incendie et de Secours) virgestreckt gi wuaren.
3. D'Aféierung vun der Proportionalitéitsgarantie zu den Einnahme vun enger Gemeng, wat d'Contributioun un de CGDIS ueget.

Syndicat/Établissement public	Compte 2023	Initial 2024	Rectifié 2024	Initial 2025	Δ I25 p.r. R24
GECT (*)	12.500	12.500	12.500	12.500	0,00%
MINETTKOMPOST	230.643	233.331	233.331	385.000	65,00%
ORT-SUD (*)	20.821	21.275	21.266	22.040	3,64%
PRO-SUD	71.671	68.032	68.032	73.591	8,17%
SES	1.829.981	2.000.000	1.850.000	1.850.000	0,00%
SIACH	907.478	1.059.246	994.960	1.221.547	22,77%
SICEC	2.156	2.250	2.250	2.280	1,33%
SICONA	41.227	43.545	43.545	44.570	2,35%
SIDOR	184.621	225.000	209.193	206.447	-1,31%
SIGI	228.661	265.201	265.201	270.505	2,00%
SIGI	294.709	340.001	340.001	346.801	2,00%
SIGI	182.763	191.345	191.345	196.411	2,65%
SIKOR	-	36.666	74.000	92.666	25,22%
SIVÉC	1.120.929	1.091.451	991.451	858.402	-13,42%
SIVÉC	-	110.000	110.000	120.000	9,09%
SIVÉC	641.185	660.365	660.365	692.422	4,85%
SYVICOL	39.488	40.350	40.333	55.596	37,84%
TICE	2.058.113	3.385.671	3.385.671	2.422.352	-28,45%
Total	7.866.946	9.786.228	9.493.443	8.873.129	-6,53%

Syndicats – Dépenses ordinaires

Dëse Slide weist, wat am uerdentleche Budget bei eise Syndikater ännert.

Dee gréisste Plus a Prozenter ass beim MINETT-KOMPOST ze fannen, mat engem Plus vu 65 %, wat ronn 150.000 € entsprécht. Hei ass e Käschtepunkt bäikommt, an zwar den Traitement vum Ofwaasser.


Beim SIACH verbuche mår e Plus vun 22,77%, wou zwuar verschidden Ausgabe méi niddreg ausfalen, an awer d'Käschte fir Paien an Amortissementer an d'Luucht ginn.

Beim SIKOR ass ze bemierken, datt d'Participatioun vum Joer 2023 iwwer de Budget 2024 gelaf ass. Dofir ass um Compte 2023 näischt gebucht ginn an am Rectifié 2024 e méi héije Betrag, fir dono am Joer 2025 erëm op eng jårlech Participatioun mat erhéichter pro-Kapp-Contribution weiderzefueren (vun 2 op 5€ pro Awunner-innen).

Beim SIVEC geet eng Participatioun erof an awer zwou anerer erop, am Total awer insgesamt erof.

Zum Schluss fanne mår nach eng grouss Variatioun vu -28,45% beim TICE. Am nächste Slide wårte mår déi ènnerschiddlech Grënn kuerz erklären.


Allgemeng sief ze bemierken, dass bei eise Syndikater an öffentlechen Etablissementer déi uerdentlech Ausgabe falen, an dat ëm 6,53% am Ganzen, wat en Total vu ronn 620.000€ ausmécht.



Syndicat – TICE

Beim TICE gesi mår och en däitleche Réckgang vum Initial 2025 am Verglach zum Rectifié 2024 vun 28,45%, vun 3,4 Mio. Euro op 2,4 Mio. Euro. An absolutten Zuele mécht dese Réckgang ronn 960.000€ aus. Dese Réckgang erkläert sech duerch ze héich Previsiounen vu Käschte wat Diesel a Gas ugeet, d'Amortissementer a virun allem duerch eng Falschberechnung bei de Paien (en duebelen 13. Mount). Den Iwwerschoss fir 2024 wårt op 2025 iwwerdroe ginn. Vun 2023 op 2024 gëtt et eng konsequent Steigerung, an dono vun 2024 op 2025 erëm ee konsequente Réckgang. A wéi et an Zukunft virugeet, hânt bekanntlech vu méi Facteuren of.

Komme mår elo zu den uerdentlechen Einnahmen:



Recettes ordinaires 2024/2025

Hei fannst Dår déi graff Entwécklung vun eisen uerdentlechen Einnahmen aus dem Compte 2023, dem Budget initial vun 2024, dem Budget rectifié vun 2024 an der Previsioun fir 2025.

Am Rectifié 2024 sinn 8,65% méi erakomm (am Ganzen 126,3 Mio. Euro) wéi am Initial 2024 geplangt (116,2 Mio. Euro). Fir 2025 gesi mår 1,36% méi uerdentlech Einnahme vir wéi am Rectifié 2024, an 10,13% méi wéi am Initial 2024, dat heescht am Ganzen ronn 128 Mio. Euro.

Synthèse par fonctions en Euro	2023 Compte	2024 Initial	2024 Rectifié	2025 Initial	I25 p.r. R24	I25 p.r. I24
1 Services généraux des administrations publiques	71.853.571	71.164.325	80.997.629	83.902.721	3,59%	17,90%
2 Protection sociale	16.376.918	16.762.394	19.202.982	16.807.772	-12,47%	0,27%
3 Ordre et sécurité publique	-	200	200	200	0,00%	0,00%
4 Affaires économiques	1.096.392	1.243.991	1.454.904	1.463.683	0,60%	17,66%
5 Protection de l'environnement	5.439.530	5.130.700	5.268.506	5.332.395	1,21%	3,93%
6 Logements et équipements collectifs	4.680.883	4.710.972	4.830.417	4.800.301	-0,62%	1,90%
7 Santé	14.175.401	15.726.171	12.733.440	14.204.711	11,55%	-9,67%
8 Loisirs, culture et culte	473.820	335.951	361.891	360.028	-0,51%	7,17%
9 Enseignement	1.095.811	1.143.114	1.119.102	1.122.414	0,30%	-1,81%
Codes Techniques	190.783	-	304.188	-	-100,00%	0,00%
Total	115.383.109	116.217.818	126.273.257	127.994.225	1,36%	10,13%


Recettes ordinaires 2024/2025

Dest ass d'Tabell mat den Einnahmen, opgedeelt op déi grouss Kapitele vun der Nomenclature. Opfälleg sinn d'Posten am Kapitel 1 «Services généraux des administrations publiques», Kapitel 2 «Protection sociale» a Kapitel 7 «Santé», déi kloer dee gréisste Batz un uerdentlechen Einnahmen ausmaachen.

An der Funktioun 1 steet d'Dotatioun vum Staat mat 76,8 Mio. Euro an den ICC mat 3,7 Mio. Euro, wat scho 95,91% vum Total an der Funktioun 1 ausmécht.

An der Funktioun 2 stinn d'Allocatioun vum Staat fir d'SEAen, déi eleng scho ronn 14,8 Mio. Euro oder 88,07% vun der Kategorie ausmaachen.

Zulescht steet an der Funktioun 7 d'« Assurance dépendance » mat 7,6 Mio. Euro, wat 53,50% vum Total an der Rubrik « Santé » ausmécht.



Variation recettes ordinaires 2024/2025

Op dëser Grafik gesitt Där d'Evolution vum Budget 2025 p.r. zum Rectifié 2024, visuell duerch Barren duergestallt mat deene respektive Variatiounsprozentsätz.

Bei der 3. Rubrik « Ordre et sécurité publique » läit d'Variation bei Null, dowéinst fënnt een dëst Kapitel net an dëser Grafik erëm.

Vun de Prozentsätz hier sinn déi gréisste Variatiounen beim Kapitel 2 « Protection sociale » ze fannen. Dës uerdentlech Einnahme ginn am Budget 2025 am Verglach zum Rectifié 2024 ëm 12,47% erof, well mär decidéiert hunn, déi lescht Tranche vun den Avancé fir d'Maison Relais net beim Edukatiounsministerium unzefroen. Am Rectifié 2025 misst de Kredit prinzipiell awer an d'Luucht goen.

Beim Kapitel 7 « Santé » verbuche mär eng Steigerung vun 11,55% am Verglach zum Rectifié 2024, dëst well mär erëm mat méi Remboursement vun der « Assurance dépendance » rechnen, wuelwëssend, dass de Credit vun 2023 op 2024 stuark gefall wuar.

Vum Betrag hir ass déi gréisst Ännerung bei der Rubrik 1 « Services généraux des administrations publiques » erëmfannen, och wann dat „nëmmen“ eng Variatioun vun 3,59% ausmécht. Dorënner lafen nämlech d'Gewerbesteier an de FDGC, woubäi do, wéi virdu gewisen, den FDGC ëm bal 3 Milliounen € geklommen ass am Verglach zum Rectifié 2024.

Op déi aner Kapitele wäerte mär net am Detail agoen, well se nëmmen eng minimal Variatioun verzechnen.

Fonds communal de péréquation conjoncturale

Projet de loi 8408 – Abolition

Historique:

1967 Mise en place pour faire face à des diminutions massives év. des recettes communales (ICC) Alimenté par des contributions de l'État ainsi que par des prélèvements sur certaines recettes des communes

1975 Dernière alimentation

1985 Dernier recours (NB: critères exigeants et complexes pour l'utilisation du fonds)


Vu que l'ICC ne constitue plus la recette principale de la majorité des communes et que des recettes pour les communes sont garanties par le FDGC, il est proposé de liquider les avoirs respectifs des communes

→ recette ordinaire unique de 2.022.432,17€ (après vote de la loi)

Fonds communal de péréquation conjoncturale

Duerch de Gesetzesvorschlag 8408 huet d'Regierung sech virgeholl, de « Fonds communal de péréquation conjoncturale » opzeléisen, well seng Daseinsberechtigung méttlerweil net méi ginn ass.

Deemno sollen all d'Gemengen hire respektiven Deel zeréckiwierweise kréien. Wann d'Gesetz bis gestëmmt ass, kréie mär een eemolege Betrag am uerdentleche Budget vu ronn 2 Mio. Euro. Am Géigesaz zu den Ausgabe vum « Fonds pour l'emploi », hu mär dëse Betrag awer nach net bei den Einnamen am Budget 2025 agesat. Dëse Schratt beweist eis virsiichteg Approche, well mär och duerch de « principe de prudence » an de « principe de l'image fidèle (principe d'exactitude, de sincérité et de clarté) » dozou verflucht sinn, de Budget esou exakt wéi méiglech un d'Realitéit unzepassen. An dësem Fall hu mär léiwer eng Ausgab wéi eng Einnam ze vill an de Budget gesat.



Budget ordinaire

Op dëser Grafik gesäit een d'uerdentlech Einnamen, Ausgaben an den uerdentlechen Iwwerschoss aus dem Compte 2023, dem Initial 2024, dem Rectifié 2024 an dem Budget 2025.

Am Compte 2023 hate mär e Boni vu ronn 20,6 Mio. Euro am uerdentleche Budget iwwreg, fir d'Joer 2024 stoungen am Initial ronn 7,5 Mio. Euro Boni, am Rectifié ronn 17 Mio. Euro an am Budget 2025 ass en Iwwerschoss am uerdentlechen Deel vu ronn 11,5 Mio. Euro geplangt. Definitiv Zuelen an en definitive Bilan kënnen awer eréischt am Ament vum Compte genannt respektiv gezu ginn.

120 – Coord. administrative	Durée	ETP	Coûts
RPC B1 - EMCO	12	1	84.000€
Total 120		1	84.000€
130 – Coord. technique	Durée	ETP	Coûts
SR/ST électrotechniciens B1 - EMCO	9	1	63.000€
Total 130		1	63.000€
242 – Maison Relais	Durée	ETP	Coûts
Agents de nett. A3	12	3	185.000€
Educateurs dipl. C4 convers. 4x C2	12	2	173.000€
Educateurs dipl. C4 KCB EBS	5	3	94.000€
Total 242		8	452.000€
621 – Places publiques	Durée	ETP	Coûts
Saisonniers suppl.	6	1	37.000€
Total 621		1	37.000€
626 – Cimetières	Durée	ETP	Coûts
Salarié polyv. A3 SREN/SRIN	9	2	106.000€
Total 626		2	106.000€

734 – Maison de retraite	Durée	ETP	Coûts
Aide-soignant1 C3	11	2	124.000€
Aide-soignant2 C3	8	1,75	80.000€
Aide-soignant3 C3	5	1,45	41.500€
Agent ménage C2	12	0,75	40.000€
Infirmier C5	11	1	85.000€
Infirmier C5	8	0,75	46.000€
Total 734		7,7	416.500€
TOTAL		20,7	1.158.500€

Personnel – Nouveaux postes pour 2025

Op dësem Slide gesäit een eis Neiastellungen, d.h.: déi Posten, déi budgetiséiert gi sinn, fir 2025 agestallt ze ginn. Där gesitt och hei fir wéivill Méint se agesat gi sinn a wéivill se eis 2025 deemno genee wäerte kaschten.

Hei e puer Erklärungen zu den neie Posten, déi 2025 solle bäikommen.

De Br am «Service RPC»:

Eent vun den Haaptresultater vun der Bierger-innebefragung um San'Up 2023 wuar de Wonsch, d'Kommunikatioun ze verbessern, d'Gemeng méi siichtbar op de soziale Medien an iwwert den Internetsite ze maachen. Lo ass och nach d'HOPLR Plattform bäikomm. Fir e regelméisseg a qualitativ héichwärtigen Input kënnen ze liwweren, ass eng weider Ressource néideg.

De Br am «Service Régie/Technique»:

Hei gëtt eng Persoun mat engem Elektrotechniker-Diplom gefrot, fir sech um Terrain ëm den «Éclairage public» ze këmmen, mä och ëm de Monitoring vun de Gemengegebaier (Energie, Waasserconsommation) an de Smart Building. Eng Expertise an deem Beräich ass och noutwendeg bei der Ausarbechtung vu Gemengeprojeten.

Am «Service Nettoyage» gi 4 nei Tâchen à 75% gebraucht, fir den SEA 2000, deen elo 2025 opgeet. Ënnert d'Missiounen vun deene Leit fält d'Botzen, de Service an d'Spull.

Am SEA gëtt eng Conversioun vun C2 Posten an den C4 gemat: Hei sinn et Posten, déi säit 2023 nach opstinn. Vu dass nëmmen e gewëssene Prozentsaz vum Personal ouni Qualifikatioun dierf agestallt ginn, si mär gezwongen, déi net besaten Aide-éducateur Posten C2 als Educateur diplômé C4 ëmzewandelen. Dat ass eng Richtlinn vum Edukatiounsministère. Ech hunn d'Posten elo männlech benannt, mä natierlech sinn eis Poste fir all Geschlechter op.

Fir d'Rentrée 2025/2026 sinn och emol Persounen virgesi fir den Encadrement vun EBS-Kanner (enfants à besoins

spécifiques), där mär ëmmer méi hunn. Dës sinn awer lo mol CDDen, well mär nach net richtig wëssen, wéi héich d'Unzuel an deemno de Bedarf fir d'nächst Schouljoer wäert sinn.

Saisonnier:

Iwwert d'Fréijoer an de Summer soll ee Saisonnier weider agestallt ginn. An där Zäit ass et ëmsou méi wichteg, Hëllefkräften ze hunn, fir sämtlech Gréngfläche vun der Gemeng propper ze halen.

Där kënn Äech vläicht erënneren, dass mär d'lescht Joer hei gesot haten, mär géife versichen, iwwert den OS (Office social) e puer Leit als TUCen (Travaux d'utilité collective) ze kréien, mä dat hat leider net geklappt. Mär ginn awer och dëst Joer net op a versichen et op en Neits.

Zwee Azen am «Service environnement»:

Mär wollten eng Ekip opstellen, déi fix fir d'Kierfechter vun der Gemeng zoustänneg ass, esouwuel fir den Ënnerhalt, wéi och eng Präsenz bei Begrieffnisser.

An der REWA:

Als eenzegen neie Posten huet d'REWA fir 2025 eng Persoun gefrot, déi zu 75% am «Service ménage» soll agestallt ginn. Déi reschtlech Posten – Infirmiers an Aide-soignants (och hei m/w/d) – sinn eigentlech Posten, déi nach ze besetze sinn, déi awer och duerch d'Soins-Dotatioune vun der Assurance dépendance iwwerhollt ginn. Leider besteet scho säit etleche Joren eng immens Penurie am Soins-Beräich, sou dass d'Rekrutement vun dësem Personal sech als immens komplizéiert erausstellt. Dacks sprangen d'Leit engem an der leschter Minutt of, well se z. B. eng Plaz an engem Spidol kritt hunn. De Kollektivvertrag vun der FHL (Fédération des hôpitaux luxembourgeois) ass méi favorabel wéi dee vum SAS (Salarié-es du secteur d'aide et de soins et du secteur social). Mär publizéieren eis Posten zwar méttlerweil och op «Mediation», eng Plattform fir dee spezifesche Secteur, mä dat wäert och sécherlech net d'Léisung vum Problem sinn. D'Opspléckung vun de Méint, ab wéini d'Leit agestallt ginn, kann hei also och stuark änneren. Wann een e gudden Kandidat oder eng gutt Kandidatin huet, muss een direkt zougräifen.

Am Ganze schwätze mär vun 20,70 ETP (Équivalent temps plein), déi ronn 1,16 Mio. Euro wäerte kaschten. Déi meescht Leit gi fir d'Maison Relais an d'REWA agestallt, dat sinn eleng 8 respektiv 7,7 ETP, déi ronn 452.000€ respektiv 416.500€ wäerte kaschten.

Wéi Där gesitt, hu mär d'Neiastellung bewosst déifgehalen an nëmmen déi Posten accordéiert, déi wierklech onëmgänglech sinn. Mär kënnen Äech versécheren, dass et méi Ufroen aus eise Servicer gi sinn, wéi déi, déi Där hei erëmfant.

Calcul des coûts – Augmentation de l'indice – Personnel existant			
Incidence Budget rectifié 2024 – initial 2024		Incidence Budget initial 2025 – initial 2024 (hors nouveaux postes)	
Total rémunérations	67.131.000€	Total rémunérations	73.667.700€
Augmentation indice		Augmentation indice	2,925%
Total indice		Total indice	2.155.000€
Différence indice	2.155.000€		

Calcul des coûts pour évolution des carrières du personnel			
Budget rectifié 2024		Budget initial 2025	
Total rémunérations	67.131.000€	Total rémunérations	74.826.200€
Différence rectifié 24 – budget 25		7.695.200€	11,46%
Différence coûts indice		2.155.000€	3,21%
Coûts approx. Avenant CCT-SAS		1.867.000€	2,78%
Coûts approx. Avenant CCT-SUD		100.000€	0,15%
Engagements au cours de 2024		713.600€	1,06%
Évolution des carrières		1.701.100€	2,53%
Coûts nouveaux postes 2025		1.158.500€	1,73%

Personnel existant/ Évolution carrières

D'Paie leien dëst Joer bei ronn 67,1 Mio. Euro, a fir déi selwecht Poste leien se 2025 bei ronn 73,7 Mio. Euro, d. h. fir déi besteeënd Poste klammen se d'nächst Joer insgesamt ëm ronn 6,54 Mio. Euro p. r. zum Budget rectifié 2024.

Mat den Neiastellung klammen eis Gesamtpersonalkäschte vu 67,1 op ronn 74,8 Mio. Euro fir 2025, wat eng Progressioun vu ronn 7,7 Mio. Euro ausmécht. Vun deene 7,7 Mio. Euro sinn 2025 nëmmen 1,2 Mio. Euro déi bewosst bäikommen. Op de Rescht huet d'Gemeng guer keen Afloss, well déi Betrag duerch den Index, d'Kollektivverträg an d'Evolution vum de Carriären entstinn.

Fir 2025 hu mär zwou Indextranché virgesinn: Eng Ufank des Jores an eng Enn des Jores, déi och mat agerechent sinn an 2,2 Mio. Euro ausmaachen.

Eleng deen neien SAS Kollektivvertrag kascht eis d'nächst Joer 1,9 Mio. Euro méi. D'Haaptännerungen, déi eng finanziell Auswirkung hunn, sinn dës:

- Ab 2025 kritt all Salarié-e Vakanzegeld. Dat éischt Joer ass et awer nëmmen eng hallef Primm, déi am Juni ausbezuelt gëtt. Fir 2025 also vu Januar bis Juni. Dat sinn 21 Punkte pro Salarié-e (100%), d. h. 479,43€ Brutto, mam aktuellen Index gerechent.


- Dernieft ginn déi niddreg Carrière gehuewen. All Echelon vun de Carrièren C1-C3 geet ëm 5 Punkten an d'Luucht, wat pro ETP eng Erhéijung vun 114,15€ Brutto pro Mount ausmécht.
- Da kënnst nach eng « Prime unique » bäi, déi am Juni ausbezuelet gëtt. Déi beleeft sech op 3.670€ Brutto (Prorata zu der Tâche) an zielt fir all Mataarbechter-innen, déi ab dem Stéichdatum vum 01.01.2025 e Kontrakt hunn.

Den neie Kollektivvertrag ass awer nach net am Mémorial publizéiert, deemno hu mir och nach keen Text fir weider Präzisioone kënnen ze ginn.

Beim Südgemengekollektivvertrag fänken d'Verhandlungen elo eréischt un. Den 28. November 2024 ass déi éischt Versammlung, wou d'Gewerkschaften dem reduzéierten Uarbechtsgrupp vun de Südgemengen (wou eis Gemeng natierlech och dra vertrueden ass) hire Fuerderungskatalog präsentéiere wäerten. Et wuar eise Leit onméiglech eng Opstellung ze maachen, wat finanziell op eis duerkënnst. An de leschte Verhandlung gouf emol ugekënnegt, dass d'Primm fir d'Permanence erop sollt goen. Dat ass dann och dat eenzegt wat ee chiffriéiere konnt a wat bei eis ±100.000€ géif ausmaachen.


Faber (déi gréng) schilderte danach, dass ihm berichtet worden sei, der alte Feuerwehrturm in Ehleringen, der derzeit von den Pfadfinderinnen genutzt wird, stehe abends manchmal offen, damit Nutzerinnen des neuen Fußballplatzes dort die Toiletten und teilweise auch die Duschen benutzen könnten. Er äußerte Besorgnis, da dies ohne vorherige Absprache mit den betroffenen Vereinen geschehen sei. Zudem sei der Parkplatz in Ehleringen bekannt dafür, dass sich dort gelegentlich Personen aufhielten, die mit illegalen Aktivitäten in Verbindung gebracht würden. Es sei deshalb problematisch, die Tür des Gebäudes permanent offen stehen zu lassen und kein

Zugangssystem wie Badges zu verwenden, um die Nutzung zu kontrollieren. Die Bürgermeisterin (LSAP) erklärte, dass der Zugang zum Gebäude normalerweise nur bei Spielen oder Turnieren ermöglicht werde, da die Schiedsrichterinnen laut den Vorgaben der Fédération Luxembourgeoise de Football (FLF) eine separate Kabine benötigen, um sich umzuziehen. Sie bestätigte, dass die Kinder, die auf dem Platz trainieren, die Umkleiden und Duschen direkt auf dem Gelände des Fußballplatzes nutzen. Dass das Gebäude täglich und bis spät in die Nacht offenstehe, sei nicht vorgesehen und müsse überprüft werden. Sie versprach, der Angelegenheit nachzugehen und sicherzustellen, dass das Gebäude nicht als Treffpunkt für unerwünschte Aktivitäten genutzt werde.

Beim nächsten Thema bezog sich Serge Faber (déi gréng) auf einen Zeitungsartikel, in dem behauptet worden war, der Mobilitätsminister habe in Pétingen ein Mobilitätskonzept für das Kordall präsentiert. Es seien in dem Artikel konkrete Maßnahmen erwähnt worden, wie etwa die Zusammenlegung der Buslinien 3 und 13. Dies überraschte ihn, da der Schöffinnenrat stets betont habe, dass die Verhandlungen über das Mobilitätskonzept noch im Anfangsstadium seien. Er habe das Gefühl, dass das Ministerium die Gemeinde übergehe und Entscheidungen ohne angemessene Konsultation treffe. Asselborn-Bintz (LSAP) räumte ein, dass sie beim Lesen des Artikels ebenfalls überrascht gewesen sei. Sie erklärte, dass das Mobilitätskonzept keineswegs finalisiert oder in Pétingen präsentiert worden sei. Vielmehr habe Pétingen eigene interne Planungen vorgestellt, die jedoch nicht mit dem Gesamtprojekt des Mobilitätskonzepts für das Kordall verwechselt werden dürften. Sie habe sich am selben Tag mit anderen Bürgermeisterinnen der Region und dem Ministerium ausgetauscht und dabei klargestellt, dass die Umsetzung des Konzepts noch Zeit benötige. Asselborn-Bintz (LSAP) versicherte, dass die Verhandlungen schrittweise vorangingen und die Gemeinden eingebunden würden, bevor ein vollständiges Konzept vorgestellt werde. Sie versprach, den Gemeinderat über alle Fortschritte auf dem Laufenden zu halten.



Audiodatei der Gemeinderatssitzung
WWW.SUESSEM.LU/LB/SEANCE-YEAR/2024



Procès-verbal des votes du Conseil communal de Sanem lors de la séance publique

vendredi, 29 novembre 2024

date de l'annonce publique: **22 novembre 2024**
date de la convocation des conseillers: **22 novembre 2024**
début: **16h00** fin: **19h55**

PRÉSENTS:

Mme Asselborn-Bintz Simone, présidente,
M. Anen Gaston, M. Bronzetti Denis, Mme Cecchetti Myriam,
M. Da Silva Bruno, M. Dahm Yves, M. Faber Serge, M. Gierenz Steve,
M. Haas Marc, M. Krippeler Max, Mme Logelin Anne, M. Lorang Mike,
Mme Morgenthaler Nathalie, Mme Romeo Franca, Mme Schammo Mara,
Mme Speck-Braun Patricia
Mme Manon Greven, secrétaire communale

ABSENTS EXCUSÉS:

M. Goelhausen Marco

PREMIER VOTANT: Mme Asselborn-Bintz Simone

M. Goelhausen Marco délègue son droit de vote à M. Gierenz Steve pour les points 4 à 15 (sauf pour le point 12).

— ORDRE DU JOUR

— SÉANCE À HUIS CLOS

— PERSONNEL

1. Nomination d'un-e employé-e communal-e du groupe d'indemnité Cr, sous-groupe technique, à raison de 100 % d'une tâche complète et à durée indéterminée, pour les besoins du service informatique.

» **Est nommé: Monsieur Telmo Valentim SANTOS DIAS**

— DIVERS

2. Nomination d'un-e employé-e communal-e, groupe d'indemnité Br, sous-groupe administratif, à plein temps et à durée indéterminée pour les besoins du service des relations publiques et de la Culture.

» **Est nommée: Mme Sarah RAPAROLI**

3. Demande de classement d'un employé communal.

» **Classement accordé**

— SÉANCE PUBLIQUE

4. Correspondance et informations.

— PROJET

5. Réfection du chemin rural au lieu-dit „ënnert Klomëwee“ à Sanem. Devis supplémentaire: 60.000,- € (article budgétaire: 4/410/221313/99001).

» **Vote unanime**

— **AMÉNAGEMENT COMMUNAL**

6. Approbation du projet d'aménagement particulier – nouveau quartier, Z.A.R.E. (réf.: 2024-01) portant sur des fonds sis à Ehlerange.

» **Vote unanime**

7. Approbation de la modification ponctuelle du règlement sur les bâtisses, les voies publiques et les sites de la Commune de Sanem.

» **Vote unanime**

— **CIRCULATION**

8. Approbation de règlements d'urgence pris par le Collège des bourgmestre et échevin·e·s:

— Vu le règlement temporaire d'URGENCE de la circulation à l'occasion des travaux de raccordement à la canalisation du N° 104 rue Aessen à Soleuvre, approuvé par le Collège des bourgmestre et échevin·e·s dans sa séance du 29 novembre 2024 (U024-086).

» **Vote unanime**

— **DIVERS**

9. Approbation du plan de gestion annuel pour l'exercice 2025 des forêts appartenant à la Commune de Sanem.

» **Vote unanime**

10. Approbation du programme annuel 2025 du SICONA-Ouest.

» **Vote unanime**

11. Approbation d'une nouvelle convention avec l'asbl Valorlux.

» **Vote unanime**

12. Modification de la composition des commissions consultatives.

» **Néant**

13. Questions et divers.

— **BUDGET**

14. Approbation du budget rectifié 2024.

» **Votes positifs: 13**

Anen Gaston, Asselborn-Bintz Simone, Bronzetti Denis, Da Silva Bruno, Dahm Yves, Gierenz Steve, Goelhausen Marco, Haas Marc, Krippeler Max, Logelin Anne, Lorang Mike, Morgenthaler Nathalie, Romeo Franca

Votes négatifs: 1

Cecchetti Myriam

Abstentions: 3

Faber Serge, Schammo Mara, Speck-Braun Patricia

15. Approbation du budget initial 2025.

» **Votes positifs: 13**


Anen Gaston, Asselborn-Bintz Simone, Bronzetti Denis, Da Silva Bruno, Dahm Yves, Gierenz Steve, Goelhausen Marco, Haas Marc, Krippeler Max, Logelin Anne, Lorang Mike, Morgenthaler Nathalie, Romeo Franca

Votes négatifs: 1

Cecchetti Myriam

Abstentions: 3

Faber Serge, Schammo Mara, Speck-Braun Patricia



Gemeinderatssitzung Sanem

Montag, 29. November 2024

BELES – Am Abend des 29. November trat der Gemeinderat zu seiner letzten Sitzung des Jahres zusammen, geprägt von den mit Spannung erwarteten Stellungnahmen der Fraktionen und der abschließenden Abstimmung über den Haushaltsplan 2025. Im Fokus standen zudem die überarbeitete Bauverordnung, die zur Entscheidung vorgelegt wurde, sowie der Jahresbewirtschaftungsplan für die Wälder von Förster Claude Assel.

Im nicht-öffentlichen Teil der Sitzung wurden gleich zu Beginn unter Ausschluss der Öffentlichkeit verschiedene Personalentscheidungen getroffen. Simone Asselborn-Bintz (LSAP) eröffnete den öffentlichen Teil der Sitzung mit der Information, dass Marco Goelhausen (LSAP) entschuldigt sei und er für einige Punkte seine Stimme an erstere delegiert habe. Ein weiterer Punkt ihrer Mitteilungen war die Präsentation eines neuen Logos für das Sanemer Office social. Sie erklärte, dass dieses neue Logo klarer zeigen soll, dass bestimmte Anfragen direkt an den sozialen Dienst und nicht an die Gemeindeverwaltung gerichtet werden sollten, um Verwirrungen vorzubeugen.

Der Gemeinderat wandte sich anschließend unter Punkt 5 der Tagesordnung dem Projekt zur Sanierung des Weges „ännert Klomēwee“ in Sanem zu. Die Bürgermeisterin (LSAP) erläuterte, dass dieser Feldweg bereits 2019 im Gemeinderat diskutiert und ein Budget von 40.000€ für dessen Sanierung bewilligt wurde. Aufgrund der inzwischen veränderten Kostenstrukturen

belaufen sich die aktuellen Schätzungen auf insgesamt 103.000€, was eine zusätzliche Budgetgenehmigung von 60.000€ erforderlich mache. Der ursprüngliche Plan, den Weg im Zusammenhang mit der Installation einer Windkraftanlage zu nutzen, habe aus verschiedenen Gründen nicht realisiert werden können. Dennoch sei die Sanierung des Weges notwendig, um die Infrastruktur zu sichern. Das Plenum gab grünes Licht.

Anschließend behandelte der Gemeinderat das PAP (projet d'aménagement particulier) des interkommunalen Gewerbegebiets Z.A.R.E. in Ehleringen. Asselborn-Bintz (LSAP) erklärte, dass die Planungsvorschrift aus dem Jahr 1994 überarbeitet werden müsse, um den aktuellen baulichen und wirtschaftlichen Gegebenheiten gerecht zu werden. Dies betreffe insbesondere Anpassungen der Rückbauvorgaben und der Abgrenzungen zwischen Grundstücken, die es den dort ansässigen Unternehmen ermöglichen sollen, ihre Betriebsflächen effizienter zu nutzen. Die LSAP-Bürgermeisterin stellte zudem klar, dass auch neue Regelungen für Grundstücke vorgesehen sind, die über die Gemeindegrenzen hinausreichen. Der Gemeinderat zeigte sich mit den vorgeschlagenen Anpassungen einverstanden.

NACHHALTIGKEIT TRIFFT AUF ADMINISTRATIVE VEREINFACHUNG

Darauffin eröffnete sie unter Punkt 7 die Diskussion über die punktuellen Anpassungen des *Règlement sur les bâtisses, les voies publiques et les sites de la Commune de Sanem* mit einem Rückblick auf die lange Entstehungsgeschichte der geplanten Änderungen. Sie verwies auf das im Jahr 2023 erhaltene ministerielle Rundschreiben, welches Anpassungen im Hinblick auf Photovoltaikanlagen und Wärmepumpen erforderlich machte. Diese Vorlage habe den Anstoß gegeben, eine umfassende Überarbeitung der gesamten Ordnung vorzunehmen. Asselborn-Bintz (LSAP) hob hervor, dass in der Bautenkommission unter der Leitung von Max Krippler (LSAP) bereits viele Ideen entwickelt und diskutiert worden seien. Zudem wurde eine Arbeitsgruppe ins Leben gerufen, die ebenfalls zur Vorbereitung der Änderungen beigetragen habe.

LSAP-Rat Krippler betonte zu Beginn seiner Vorstellung der Änderungen, dass die Zusammenarbeit aller Parteien in diesem Prozess ein Beispiel für eine funktionierende Demokratie darstellt. Ein Workshop, an dem alle politischen Parteien sowie Expert:innen beteiligt gewesen waren, habe eine tiefgehende Analyse und Diskussion der vorgeschlagenen Änderungen ermöglicht. Die Ergebnisse liegen nun in Form der überarbeiteten Ordnung vor. Krippler (LSAP) erläuterte, dass die aktuelle Regierung im Rahmen eines Zehn-Punkte-Plans zum Thema Wohnungsbau eine nationale Standardisierung der Bauverordnung anstrebt. Diese neue Gesetzeslage, deren Umsetzung für die Jahre 2026 oder 2027 erwartet wird, hat die Bautenkommission dazu bewogen, weitere Änderungen an der Ordnung erst nach Einführung dieser Standards vorzunehmen. Ziel sei es, die Bürger:innen nicht mit ständig wechselnden Vorgaben zu überfordern.

Ein Schwerpunkt der Überarbeitung sei die Vereinfachung der Regelungen zu Photovoltaikanlagen gewesen. Krippler (LSAP) erklärte, dass diese künftig ohne Baugenehmigung installiert werden können. Dies sei ein klares Signal zur Förderung erneuerbarer Energien und gleichzeitig eine administrative Entlastung für die Bürger:innen und die Verwaltung. Im Laufe seines Vortrags nannte er als Beispiel die 280 Anträge auf Photovoltaikanlagen, die im aktuellen Jahr gestellt wurden und künftig wegfallen werden. Plug-and-Play-Installationen mit einer Leistung von bis zu 800 Watt sind ebenfalls erlaubt, was insbesondere Mieter:innen und Personen ohne große Grundstücke neue Möglichkeiten bietet, von erneuerbaren Energien zu profitieren. Er führte weiter aus, dass 19 Artikel der Vorschrift angepasst und drei neue Artikel hinzugefügt wurden, darunter eine Präambel, die die grundlegenden Richtlinien für die Erteilung von Baugenehmigungen definiert. Diese Präambel verweist auch auf übergeordnete nationale Gesetze, die bei der Bewertung von

Bauprojekten berücksichtigt werden müssen. Die Verordnung enthält nun auch visuelle Darstellungen, wie etwa den *Gabarit maximal théorique*, um die Bestimmungen anschaulicher zu machen.



© Halfpoint

KLARES REGELWERK UND NEUE FREIHEITEN

Ein weiterer wichtiger Punkt ist die Regelung, dass 30 Prozent der Fläche eines Grundstücks als Grünfläche erhalten bleiben müssen, mit der Ausnahme, dass nicht fest im Boden verankerte Solarpaneele auf bis zu zehn Prozent dieser Grünflächen installiert werden können. Diese Flexibilität ermögliche es den Bürger:innen, erneuerbare Energien zu nutzen, ohne die Versickerung von Wasser zu beeinträchtigen. Die Diskussion über diese Regelung sei intensiv gewesen, aber letztlich habe man einen Konsens gefunden. Bei den Bestimmungen zu Zäunen und Begrenzungen erklärte Krippler (LSAP), dass die maximale Höhe auf 1,80 Meter festgelegt wurde. Dies ermögliche eine zeitgemäße Gestaltung von Grundstücken, insbesondere solchen, die an Straßen oder Wegen lägen. Gleichzeitig sensibilisiere die Gemeinde weiterhin für die Vorteile von Hecken als natürliche Begrenzung, die ökologisch und ästhetisch wertvoll seien. Simone Asselborn-Bintz (LSAP) ergänzte, dass die Wahl der Begrenzung den Bürger:innen überlassen bleibe. Auf die Nachfrage von Mara Schammo (ADR) zur maximalen Höhe von Hecken, erklärte Krippler (LSAP), dass diese durch das Gesetzbuch auf zwei Meter begrenzt sind. Diese Bestimmung bleibt auch in der neuen Regelung bestehen.

Max Krippler (LSAP) vertiefte seine Ausführungen mit einer Übersicht über die Anpassungen im Bereich privater Swimmingpools. Er erklärte, dass die neuen Regelungen die Handhabung für Swimmingpoolbesitzer-innen erheblich vereinfachen sollen. Die Anforderungen an Abstände zu Nachbar-innen bleiben bestehen, wobei ein Mindestabstand von einem Meter weiterhin eingehalten werden muss. Für private Swimmingpools mit einer Höhe von mehr als 1,30 Metern inklusive Deckel ist diese Vorschrift verpflichtend. Darüber hinaus wurde klargestellt, dass technische Installationen wie Pumpen oder Filteranlagen entweder im Haus oder in einer überdachten Struktur untergebracht sein sollen, während Wärmepumpen weiterhin im Außenbereich installiert werden dürfen. Im Anschluss ging es um die Änderungen im Bereich der Nebengebäude, die in Artikel 26 der Vorschrift festgehalten sind. Es wurde klargestellt, dass Strukturen wie Gartenhäuschen, Tierunterstände oder überdachte Außenküchen explizit unter die Kategorie *Dépendances* fallen. Dies sei eine notwendige Präzisierung, um die Einheitlichkeit in der Handhabung solcher Bauvorhaben zu fördern.

Ein weiterer wichtiger Punkt war die Ergänzung von Richtlinien zu Parkplätzen. Hier wurden grafische Darstellungen eingeführt, die die maximalen Dimensionen und die empfohlene Organisation von Stellplätzen verdeutlichen sollten. Krippler (LSAP) hob auch Änderungen bei der Nutzung von Innenräumen hervor. Besonders für ältere Gebäude wurde die Mindesthöhe von 2,80 Metern bei Umbaumaßnahmen flexibilisiert. Diese Anpassung ermöglicht es den Bewohner-innen, in ihren Häusern kleine Gewerbe wie Nähateliers einzurichten. Simone Asselborn-Bintz (LSAP) unterbrach die Ausführungen kurz, um die wachsende Nachfrage nach solchen Regelungen zu betonen. Zu den Themen Wärmepumpen und Lärmschutz führte Max Krippler (LSAP) aus, dass die maximal zulässige Geräuschkentwicklung von 40 Dezibel weiterhin Bestand hat. Sollten diese Werte überschritten werden, besteht die Möglichkeit, die Geräte mit speziellen Lärmschutzboxen abzudecken. Zudem wurde ein Schallrechner vorgestellt, mit dem Bürger-innen eigenständig überprüfen können, ob ihre Installation die gesetzlichen Anforderungen erfüllt.

Im Bereich der Bauanträge wurde ein besonderer Fokus auf die *Déclaration de travaux* gelegt. Hier ist es gelungen, die Vorschriften zu harmonisieren und zu vereinfachen. Kleinere Arbeiten, wie das Verlegen von Fliesen im Innenbereich, erfordern künftig keine Anmeldung mehr. Nur wenn tragende Strukturen oder mehr als fünf Prozent der Fassadenfläche betroffen sind, müsse eine Genehmigung beantragt werden. Abschließend stellte Krippler (LSAP) die Neuerungen im Bereich der Richtlinien für Antennen und andere technische Installationen vor. Hier wurden Höchstgrenzen für die Höhe solcher Anlagen festgelegt, um Konflikte

mit Nachbar-innen zu vermeiden. Die Reformen verfolgten das Ziel, den Bürger-innen mehr Freiheiten und Klarheit zu geben. Max Krippler (LSAP) bedankte sich abschließend bei allen Beteiligten für ihre Zusammenarbeit.

Simone Asselborn-Bintz (LSAP) schloss sich den Dankesworten an und hob die umfassende Vorarbeit der Baukommission hervor. Serge Faber (*déi gréng*) begrüßte die beschlossenen Änderungen. Er erinnerte daran, dass seine Fraktion bereits im Vorjahr auf eine rasche Umsetzung der Regierungsrichtlinien gedrängt hatte. Besonders hob er hervor, dass die Vereinfachungen im Bereich erneuerbare Energien und *Déclaration de travaux* längst überfällig gewesen seien. Faber (*déi gréng*) thematisierte auch die lange Dauer des Entscheidungsprozesses, stellte jedoch klar, dass er mit den erzielten Ergebnissen zufrieden sei. Als positiven Aspekt nannte er die ausgewogene Lösung zur Nutzung von Grünflächen, die es erlaube, eine gewisse Anzahl von Solarpaneelen zu installieren, ohne den Erhalt der Grünflächen zu gefährden. Asselborn-Bintz (LSAP) entgegnete auf Fabers Anmerkungen, dass die Dauer des Prozesses zwar länger als ursprünglich geplant war, die intensive Arbeit und die umfassenden Diskussionen jedoch notwendig waren, um ein fundiertes Ergebnis zu erzielen. Sie äußerte die Hoffnung, dass die vorgenommenen Änderungen langfristig Bestand hätten und nicht in naher Zukunft erneut überarbeitet werden müssten. Die Änderungen wurden ohne Gegenstimme vom Gemeinderat gebilligt.

SICHERE WEGE, GESUNDE WÄLDER

Nach einer einzigen Notfallverordnung im Bereich Verkehr wurde unter Punkt 9 der Jahresbewirtschaftungsplan der Wälder in der Gemeinde Sanem genehmigt. Förster Claude Assel eröffnete seine Ausführungen mit dem Verweis auf das Budget, welches für das kommende Jahr weitgehend unverändert bleibt und sich auf rund 161.000 € belauft. Assel gab zu Protokoll, dass die Gemeinde einer nachhaltigen Forstwirtschaft verpflichtet ist, bei der jährlich nur so viel Holz entnommen werde, wie nachwachsen. Dies sind etwa 300 Kubikmeter. Aufgrund der Herausforderungen der vergangenen Jahre, insbesondere eines verstärkten Befalls durch den Borkenkäfer, habe man jedoch zeitweise mehr Holz eingeschlagen. Für das kommende Jahr sei geplant, die Holzentnahmen zu reduzieren, um das Gleichgewicht im Wald wiederherzustellen.

Ein wesentlicher Schwerpunkt seiner Arbeit liegt auf der Sicherheit in den Wäldern und Parkanlagen. Assel ging detailliert auf die Problematik im Park nahe der Cité Tornaco in Sanem ein, wo Bäume mit instabilen Stämmen und ausladenden Kronen die Sicherheit gefährden könnten. Diese Bäume werden derzeit von seinem Team

und spezialisierten Fachkräften entfernt. Er beschrieb die technische Herausforderung dieser Arbeiten: Die betroffenen Bäume müssten Stück für Stück abgetragen werden, da sie nicht auf einmal gefällt werden könnten. Besonders problematisch sei der nasse Untergrund, der die Standfestigkeit der Bäume zusätzlich beeinträchtigt. Claude Assel betonte, dass die Sicherheit der Bürger-innen für ihn oberste Priorität habe. Obwohl man mit größter Sorgfalt arbeite, um Gefahren zu minimieren, könne ein gewisses Restrisiko nie vollständig ausgeschlossen werden. 40.000 € des Budgets sind speziell für Sicherungsmaßnahmen vorgesehen. Ein weiterer wichtiger Punkt sind die Spazierwege in den Wäldern, insbesondere auf dem Gaalgebirg. Assel hob hervor, dass diese Wege intensiv genutzt werden, da sie den Bewohner-innen der immer dichter bebauten Gebiete eine Möglichkeit bieten, der städtischen Enge zu entfliehen und die Natur zu genießen. Die Pflege und Instandhaltung dieser Wege sind daher ein zentraler Bestandteil seiner Arbeit.

Auf Nachfrage von Simone Asselborn-Bintz (LSAP) zur Situation mit der Wildschweinplage erklärte Assel, dass es aktuell relativ ruhig sei. Stattdessen betonte er, dass andere Tiere zunehmend Probleme bereiten. Der Waschbär stelle eine wachsende Herausforderung dar. Er schilderte anschaulich, wie diese Tiere in Wohngebiete eindringen, Futterquellen plündern und dabei keinerlei Scheu vor Menschen zeigen. Diese Tiere sind nicht nur äußerst geschickt und anpassungsfähig, sondern könnten auch Krankheiten übertragen. Er warnte ausdrücklich davor, sie zu füttern, da dies ihre Verbreitung nur weiter fördert. Serge Faber (déi gréng) wiederholte seine Nachfrage bezüglich seiner schriftlichen Anfrage an den Schöff-innenrat vom 10. Januar 2023, ein kleines Waldstück in der Rue de l'Industrie in Sanem neu aufzuforsten und den vorhandenen Fuß- und Radweg wiederzubeleben, da Simone Asselborn-Bintz (LSAP) wiederholt zugesagt habe, den Förster Claude Assel mit der Analyse bestehender Möglichkeiten diesbezüglich zu beauftragen. Assel erklärte, dass der kleine Nadelwald auf dem Gelände von ArcelorMittal liegt und die Gemeinde daher nur begrenzte Eingriffsmöglichkeiten hat. ArcelorMittal habe bereits eine Genehmigung zum Fällen von Bäumen erhalten. Dennoch sei eine natürliche Sukzession in Gang, bei der sich junge Bäume und Pflanzen eigenständig entwickeln. Assel betonte, dass eine solche natürliche Regeneration oft nachhaltiger sei als eine künstliche Aufforstung. Er schlug vor, weiterhin Gespräche mit ArcelorMittal zu führen, um deren Engagement für den Erhalt des Waldcharakters zu fördern.

Unter Tagesordnungspunkt 10 beschäftigte sich der Gemeinderat mit der Genehmigung einer neuen Konvention mit der Valorlux ASBL, die durch das Abfallgesetz vom 9. Juni 2022 erforderlich wurde. Umweltschöffe Steve Gierenz (LSAP) erläuterte, dass Valorlux durch die neuen gesetzlichen Vorgaben zusätzliche Aufgaben erhalten hat. Dazu gehört die Mitverantwortung

der Produzenten für die Kosten von Sammlung, Reinigung, Transport und Verarbeitung bestimmter Plastikprodukte. Außerdem ist Valorlux verpflichtet, sich um die Sammlung und Entsorgung von Zigarettenstummeln zu kümmern, ein Problem, das auch die Gemeinde betrifft. Gierenz (LSAP) führte aus, dass die Konvention die Kosten für diese Arbeiten der Gemeinde erstattet und somit sicherstellt, dass die Belastung für die Kommune minimiert wird.

Myriam Cecchetti (déi Lénk) äußerte deutliche Kritik an der Konvention und der Rolle von Valorlux. Sie stellte infrage, ob solche Konventionen den gewünschten Effekt erzielen, insbesondere in Bezug auf die Sensibilisierung der Bevölkerung, weniger Müll zu produzieren. Sie kritisierte, dass die Menge an Plastikmüll in Luxemburg weiterhin sehr hoch ist und dass ein großer Teil des gesammelten Plastikmülls nicht in einem hochwertigen Recyclingprozess landet, sondern thermisch verwertet wird, was einer Verbrennung gleichkommt. Zudem bemängelte sie die Verwendung der blauen Müllsäcke von Valorlux, die ihrer Meinung nach das Ortsbild stören, da sie oft zu früh herausgestellt werden und bei schlechtem Wetter durch die Gegend fliegen. Cecchetti (déi Lénk) schlug vor, stattdessen feste Mülltonnen für Plastikmüll einzuführen, um die Situation zu verbessern. Steve Gierenz (LSAP) stimmte zu, dass die Sensibilisierung der Bevölkerung ein zentraler Punkt ist. Er erklärte, dass die Gemeinde bereits regelmäßig Workshops



und Kampagnen in Zusammenarbeit mit ihrem Umwelt- und Bildungszentrum organisiere. Er räumte jedoch ein, dass diese Maßnahmen nicht immer alle Bürger:innen erreichten und dass es kontinuierlicher Anstrengungen bedarft. Insbesondere hob er die Problematik der Zigarettensammel hervor, die oft achtlos weggeworfen würden. Dies sei ein Thema, das immer wieder angesprochen werde, sowohl in öffentlichen Kampagnen als auch durch persönliche Gespräche. Simone Asselborn-Bintz (LSAP) unterstützte diese Aussagen, stellte aber gleichzeitig klar, dass die Konvention mit Valorlux notwendig sei. Die Konvention wurde anschließend einstimmig angenommen.

EINSCHÄTZUNGEN ZUM BUDGET

Im Anschluss widmete sich das Plenum dem zentralen Teil der Sitzung: dem berichtigten Haushalt für das Jahr 2024 sowie dem Haushaltsentwurf für 2025, die zuvor in der Sitzung des Schöff:innenrats am 25. November 2024 präsentiert wurden. Jede Fraktion legte durch eine:n Vertreter:in ihre Position dar.

DÉI GRÉNG SUESSEM

Prise de position par Serge FABER

STELLUNGNAM ZUM BUDGET 2025

Madamm Buergermeeschtesch,
Léif Kolleginnen a Kollegeen aus dem Gemengerot,
léif Mataarbechter aus dem Sekretariat,
léif Biergerinnen a Bierger dobaussen,
léif Verrieder vun der Press,

Ier ech meng Budgetsried richteg ufänken, wëll ech de Mataarbechterinnen a Mataarbechter vum Sekretariat e grouse Merci ausschwätze fir déi gutt Aarbecht an Hëllef beim Opstelle vum Budget 2025 a fir déi flott a verständlech Grafiken an Tabellen, déi eis Gemengeréit eng grouss Hëllef sinn an et eis erlaben e schnelle Gesamtiewerbléck ze kréien.

Esou wéi et bei eis Grénge schonn usus ass, wäerte mär och dëst Joer bei eiser Budgetsried net zu engem exhaustive negative „Rundumschlag“ aushuelen an all Klenggeheet opzielen déi eis net passt. Dofir gëtt et an de nächste Gemengerotssätzungen bei Bedarf genuch Geleegenheeten.

Mär wëllen eis wéi ëmmer éischer kuerz halen an eis op Punkte konzentréieren, déi eis wierklech um Häerz leien.

Dës Kéier dréit de Budget vum nächste Joer d'Iwwerschrëft: „Verantwortung, Solidaritéit a nohalteg Visioun“. Verantwortung a Solidaritéit → JO.

Et ass ee viirsechtege Budget, dee ganz wéineg, **awer leider net guer keng**, gréisser, onnéideg a risikoräich Investissemter a Projete virgesäit an deem trotzdeem genuch finanziell Mëttelen ënner anerem fir Bildung, Kannerbetreuung a fir de sozialen Zesummenhalt an eiser Gemeng virgesäit.

Et versteet sech fir eis vum selwen, dass déi politesch Verantwortlech keng Steiergelder vun eise Biergerinnen a Bierger a risikoräich Investissemter a Projeten investéieren sollen an dierfen, wann se hir Gemeng „en bon père“ oder „en bonne mère de famille“ féiere wëll.

Och an der Politik muss een heiansdo Chance hunn an sou konnt de Schäfferot sech glécklech schätzen, dass trotz Energiekris an trotz instabiler ekonomescher a geopolitescher Situatioun, d'uerdentlech Recette aus dem ICC an dem FDGC am Budget rectifié 2024 e gutt Stéck no uewe redresséiert konnt ginn wéi dat uersprénglech am initiale Budget virgesi war.

Esou gesäit den uerdentleche Budget rectifié 2024 elo net méi en Iwwerschoss vu 7,5 Milliounen, mee vu ronn 17 Milliounen vir.

Wëssend, dass den Iwwerschoss vum uerdentleche Budget de Spillraum vum ausseruerdentleche Budget fir nei Investissemter a Projeten vum Joer dropp virgëtt, wäerten am Schäfferotszëmmer wuel d'Crémants'Stëpp geflu sinn, wéi sech erausgestallt huet, dass elo 10 Milliounen méi ewéi uersprénglech geplangt zur Dispositioun géife stoen.

Zu Pas koum natierlech och eng Hausse vun de Crédeiteurs Zënsen, déi mat 750.000€ onerwaart an den uerdentlech Recette verbucht konnt ginn an déi och am Joer 2025 nach op dësem héije Niveau wäerte bleiwen.

Op de geplangten Iwwerschoss vun 11,5 Mio. Euro am uerdentlechen Deel vum Budget 2025 och erreecht kënne ginn, bleibt awer mol nach ofzewaarden.

Elo awer komme mer awer zu der „nohalteger Visioun“ wéi et an der Iwwerschrëft vum Budget steet.

„E Budget fir eng nohalteg an ekologesch Gemeng ass eng Investitioun an d'Zukunft, déi sech positiv op d'Liewensqualität vun de Bierger an d'Ëmwelt auswierkt“, sot eis Madamm Buergermeeschteg an hirer Budgetsried ugangs dëser Woch an dat ass mat Sécherheet méi ewéi richteg.

Wa vu „nohalteg“ an „ekologesch“ geschwat gëtt, ass et awer schon erstaunlech a bemierkenswäert, dass Wieder ewéi Klima, Ëmwelt, Natur, Biodiversitéit, Energietransitioun oder och nach douce Mobilitéit weder an der Ried vun der Madamm Buergermeeschtesch, nach an der Ried vun der Madamm Finanzschäffin virkommen.

Et schéngt măr dann éischer eng plakativ Ausso ze sinn, ewéi de réelle Wëllen an dese Beräicher wierklech kloer Akzenter ze setzen, richtig stole Neel mat Käpp ze maachen an des dann och riicht an déif anzeklappen.

Hei just e puer Beispiller.

Energietransitioun, Energiespuermoossnamen, Ëmwelt- a Klimaschutz:

Et si keng weider, virun allem och gréisser eege Solaranlagen op Gemeengegebaier geplangt. Et si keng Stroumspäicheren an et ass och keng Eegeconsommation vum produziéiert Stroum geplangt.

Ëmmerhin stinn 150.000€ am Budget fir Gemeengegebaier energetesch ze renovéieren. Abee, mat diesem Montant mecht een awer wuel keng allzegrouss Spréng.

Besounesch traureg an irrealistesesch fanne măr Gréng awer d'Montanten, déi de Schäfferot eise Biergerinnen a Bierger a Form vu Subsiden zoukomme léisst, wann des eist Klima an eis Ëmwelt schützen wëllen, andeems si eng an Fotovoltaik-anlag oder an eng Wärmepompe investéieren. 750€ maximum pro Demande an ee Gesamtkredit vun 21.000€ am Budget sinn einfach nēme lächerlech an emol net déi berühmten Drēpps op de waarme Steen. Dat ass ee falscht politescht Signal a virun allem e Mangel u politeschem Wëllen fir d'energetesch Transitioun bei senge Biergerinnen a Bierger ze fērdere. Hei sollt een sech un eise Nopeschgemengen inspiréieren, déi hir Leit finanziell em ee Villes méi bei dieser Transitioun ennerstēzen. An de Schäfferot sollt och de rezenten iwverparteileche Konsens aus der Ëmweltkommission eescht huelen an emsetzen. Ausserdeem huet de Schäfferot hei och kloer sai Wuert gebrach an de Gesamtkredit am Verglach mam leschte Joer net erhēicht, wuelwēssend, dass am Joer 2025 vill méi Demande fir esou Subside vun eise Biergerinnen a Bierger wāerten erakommen.

Douce oder aktiv Mobilität:

Ënnert den Artikelen fir Aménagements de chemins piétonniers et de pistes cyclables sinn, wa măr eis da net verkuckt hunn, just 75.000€ am ZARE zu Éilereng virgesinn a soss nāischt. Och hei feelt eis de politesche Wëllen fir méi séier dofir ze suergen, dass een sech an eiser Gemeng méi bequem a virun allem méi sécher zu Fouss oder mam Vēlo vun A op B beweegen kann. Trotz Mobilitētsplang bleibt dese Berāich nach emmer ee Flēckwierk an et kann ee kee richtege Fortgang a kee richtigte koherent Konzept erkennen.

A propos Verkēierssēcherheet an eisen Duerfkāren a virun eise Schoulen a Maisons Relais. 30 km/h zu Éilereng virun

der Schoul ass no laangen Diskussiounen, laangem Plangen an enger Bauzāit vun iwver 2 Joer lo endlech bal fāerdeg. Just zur Erēnnerung, măr schwāzen hei vu nēmmen 200 Meter Strooss. Wat muss een awer feststellen: et gētt keng Verengung vun der Strooss an d'Stroossenerhēijungen sinn hire Numm net wāert, well et kann een ouni Problem och mat 50 km/h, oder nach vill méi schnell, locker an easy driwwer donneren, ouni dass esouguer enger déifgeluechter „Flunder“ ee Leed geschitt.

Bei der Schoul Biele Post ass de Projet gestēmt an et si fir d'nāchst Joer 1,2 Milliounen am Budget virgesinn. Et bleibt ze hoffen, dass dese Projet méi séier réaliséiert gētt.

Kanner déi zu Zolwer a Suessem an d'Schoule ginn, mussen sech wuel nach länger gedēlle bis eppes geschitt.

Och hei stelle măr fest, dass a villen anere Gemenge vill méi séier a konsequent gehandelt gētt a Verkēiersberouegungs-moossnamen méi séier an och méi efficace emgesat ginn. Déi Gemenge schēngen da wuel ee besseren Drot zu de Ponts & Chaussées ze hunn. Mee et ginn och Stroossen, wēi z. B. de Roude Wee, wou een sech net hannert de P&Ch verstoppe kann a scho laang eppes gemaach hātt kēne ginn.

Wēi huet de President vun der Sécurité Routière Paul Hammelmann gēscht Moien um Radio 100,7 gemengt: „Eng Vitesslimitation vun 30 Stonnekilometer an den Dierfer ass eng vun de wichtigste Stellschrauwe fir méi Sécherheet op de Stroossen. Et brāicht politesche Courage fir dat duerchezusetzen...“ Ech denken, dass dem LSAP/CSV Schäfferot hei, awer net nēmmen hei, de néidege politege Courage feelt.

No dese Wierder iwver méi generell Programmer a Konzepter, erlaabt eis elo fir op e puer ganz präzis Artikelen am Budget vun nächste Joer anzegoen.

Recettes ordinaires:

- Bei de Participatiounen un den allgemengen Exploitatiounsfraisen vun den SEAen (744611/99001G) froe măr eis firwat d'Allocutioun vum Staat vun 12,7 Mio. Euro am BR'24 op 9,4 Mio. Euro am BI'25 erofgaangen ass?
- Wisou sinn op eemol 25.000€ fir eng Participation financière des coûts de nettoyage des déchets sauvages virgesinn (707230/99002)? Huet de Schäfferot do speziell Aktiounen virgesinn?
- Wisou ginn d'«recettes provenant d'actes d'infirmiers» (706190/99005) am BI'25 am Verglach zum BI'24 zolitt erop an d'«recettes provenant de l'assurance dépendance» (706190/99004 A) em bal 2 Mio. Euro erof?
- Positiv ass feststellen (708212/99002) dass de Schäfferot, ausser där enger oder aner Upassung un den Index,

awer keng allgemeng Erhéijung vun de Pensiounspräisser an der REWA virgesäit.

- Positiv ass och, datt de Schäfferot déi gutt 2 Mio. Euro, déi eis Gemeng aus dem Fonds communal de péréquation conjonctural zegutt huet, nach net an de Budget setzt bis dee Fong duerch ee Gesetz opgeléist gouf. Dëst bleift da lo mol nach eng kleng Mouk, déi dann awer keng heemlech ass.

Dépenses ordinaires:

- Hei freet et eis besonnesch, datt endlech ee Budget participatif (648800/99001P) an Héicht vun 50.000€ fir eis Biergerinnen a Bierger virgesinn ass a mär sinn elo scho gespaant op déi flott Projeten déi erakomme wäerten.
- Bei de geplangten Ausgabe fir d'finanziell Bedeelegung um Club Kordall Aktiv, deen Aktivitéite fir eis Seniorinnen a Senioren ubitt, froe mär eis ob et mat ronn 40.000€ am Budget duergeet, wuelwëssend, datt de Club Kordall Aktiv bis elo déi eenzeg Piste ass fir verschidden d'Aktivitéite vun de Senioren Gemeng Suessem Asbl ze iwwerhuelen.
- An der Rubrik vun der «Gestion des eaux usées» beim Artikel «Achats des carburants pour véhicules automoteurs» (603600/99001) hu mär eis da gefrot, wisou de Montant vun engem Joer op dat anert vun 3.500€ op 48.000€ erop geet?

Recettes et dépenses extraordinaires:

- Bei de Recettes extraordinaires ass fir eis näischt Besonnesches ervirzehiewen, et sief dann, datt mer hei mat engem Projet direkt den Iwwergang vun den ausseruerdentleche Recetten zu den ausseruerdentlechen Dépense maachen kënnen. Et ass dat de Projet vun der Begréngung vun der Avenue 2000 zu Zolwer, deen de Schäfferot d'nächst Joer mat 500.000€ an de Ausgabe stoen huet, wuelwëssend awer, datt de Staat op där aner Säit awer 423.000€ dovunner bäileet. Et ass an eisen Aen ee ganz flotte Projet, deen d'Liewensqualitéit an d'Verkéiserssécherheet op dëser Plaz verbessert, der Entwécklung vun doucer Mobilitéit méi Raum gëtt an duerch d'Begréngung och d'Loftqualitéit verbessert an d'Biodiversitéit férdert. Gutt, datt eis Gemeng hei ee Concours an ee Präiss gewonnen hat, soss wäer et warscheinlech net zu dësem flotten a nohaltege Projet komm. Hei weist de Schäfferot dann och endlech de néidege politesche Courage fir dese Projet géint eng Biergerinitiative duerchzesetzen, eng Biergerinitiativ, deenen hir Argumenter mär Gréng net richtig verstinn an deelen.
- Besonnesch erwänenswäert ass fir eis Gréng och de neie Budgetartikel «Gestion des risques d'inondations (inondations et fortes pluies)» (211000/25060) mat engem

geplangte Kredit vun 160.000€. Dësen Artikel ass méi ewéi néideg, wann ee mat Sécherheet soe kann, datt d'Äerderwiermung an den domat verbundene Klimawandel an de nächste Joeren zu ëmmer méi heefegen an heftegen Staarkreenphänomener féiere wäerten. Mär hoffen, datt dës 160.000€ net nëmme an Étuden an Analyse fléissen, mee vun Ufank un och a konkret Moosnamen an an Direkthëllef fir eis betraffe Biergerinnen a Bierger.

- Opgefall ass eis natierlech och, datt den Artikel «Construction d'un nouveau site pour le service technique» (221311/22011) d'nächst Joer mat 500.000€ belascht ass. Et gesäit deemno esou aus, wéi wann endlech ee Site fir e Neibau fir eis technesch Servicer fonnt gouf an et am Laf vun nächste Joer mat konkrete Planunge lass geet.
- Am Laf vun der leschter Legislaturperiod hu mär Gréng dem Schäfferot ëmmer erëm virgeworf, fir net genuch finanziell Mëttele fir de Kaf vun Immobilien am Kader vun Logement à prix réduit oder abordable virzugesinn. Dës Situatioun huet sech mëttlerweil e bësche verbessert an et stinn och am Budget 2025 dofir 2,8 Mio. Euro zur Dispositioun. Schued ass awer, datt eis Gemeng nach ëmmer net iwwer eng Wunneng verfügt, wou een d'urgence eng Famill oder och Einzelpersonen ënnerbréngt kann, déi iwwer Nuecht z.B. duerch ee Feier, ee Stuermer oder eng Iwwerschwemmung an eng Noutsituation geroden sinn.
- Déi 500.000€ am Budget fir de Réaménagement vun der desakraliséierter Kierch Belval-Metzerlach loosse d'Hoffnung opkommen, datt eis Biergerinnen a Bierger do geschwënn flott kulturell Manifestatiounen erliewen oder och nach émouvant laizistesche Zeremonie feiere kënnen.
- 500.000€ schéngt den LSAP/CSV Schäfferot zimlech gäer ze hunn, fir se als Kredit bei engem Projet an de Budget ze setzen. Gläich eng ½ Dose mol kënt dës Zuel bei Investisementer vir. Esou och fir de Bau vun enger neier Buvette fir de Bieleser Fussball. Et ass gewosst, datt dës Buvette keng gutt Reklamm fir eis Gemeng ass a besonnesch d'Sanitär-anlage sinn an engem zimlech schäbegen Zoustand. Mee bei 500.000€ d'nächst Joer an 500.000€ d'iwwernächst Joer, also insgesamt enger ganzer Millioun Euro fir de Bau vun enger neier Buvette mat anstännegen Toilette, froe mär Gréng eis awer ob hei gëllen Zapkrinn installéiert oder, an Där erlaabt mer de vulgären Ausdrock, Schäisshaiser mat gëlle Këmp solle gebaut ginn.
- An dann hu mer nach, jo Madamm Buergermeeschtesch, léiwe Schäfferot, do musst Där elo doduerch, de Pavillon Source Belval, deen am Budget esouguer Pavillon gastronomique genannt gëtt. Pavillon «gastronomique»? Ass dat éieren eng Allusioun op ee Restaurant gastronomique? Ma bis ewell huet een emol nach keng eenzeg Bull Glace oder eng Tut Fritten do ze frupse kritt. Dëst Joer hu mär am Gemengerot ee Budget vun 62.000€ fir den «Aménagement du pavillon gastronomique source Belval» gestëmmt. Am BR'24 stinn

dann 100.000 € dofir bei den Ausgaben an am BI'25 si keng Gelder méi virgesinn (221312/23048). Wat ass da mat deenen 100.000 € geschitt? Well de Pavillon gesäit bannenan nach eemol sou plakeg, eidel an ouni Liewen aus wéi d'anert Mol. De Gesamtkäschtepunkt fir d'«Construction d'un pavillon dans le parc Um Belval pour «Esch 2022»» (221313/21061) beleeft sech bis elo op 1,6 Mio. Euro. Schon 2024 waren keng weider Gelder méi am Budget virgesinn an och 2025 fénnt ee just 0 € am Budget. Wou huet de Schäfferot dann déi Suen am Budget verstoppt fir dat Lokal fir d'Poubelle wat nach soll gebaut ginn a wat sech architektonesch an dee schéine Site integréiere soll? Léif Madamm Buergermeeschtesch, Där kënnt mär dës Froen awer och gären de Weekend bei enger gudder Taass Glühwäin am Pavillon beäntweren.

Sou, lo si mer bal um Schluss vu ménger Ried ukomm, mee ech kommen awer net dolaanscht fir e puer Wuert iwwer d'Scholdesituatioun an d'Personalevolutioun ze verléieren.

Den Ament ass eis Scholdesituatioun mat enger Gesamtverschuldung vun ronn 34 Mio. Euro mat CDI respektiv 24 Mio. Euro ouni CDI oder anescht ausgedréckt enger Pro-Kapp-Verschuldung vu ronn 1.800 € respektiv 1.250 € gutt, mee d'Scholde wäerten an de nächste Joere massiv an d'Luucht goe mam néidege Bau vu neie Schoulen a Betreuungsstrukturen, neie Gemengenatelieren, neie Sports- a Kulturinfrastrukturen an Investissementer an eng besser Mobilitéit. Dat huet och d'Madamm Finanzschäffin schon an hirer Virstellung vum uerentlech Budget gesot. Bis 2030 huet si vun iwwer 100 Mio. Euro Ausgabe fir nei Investissementer a Projekte geschwat an dat wäert ouni nei Emprunten net ze finanzéiere sinn. Dobäi huet si mat Sécherheet awer nach eppes vergiess. Virun allem wäerten och d'Investissementer an eng verbessert Klimaresilienz, also eng besser Upassung un d'Folge vum Klimawandel, eis an de nächste Joeren a Joerzénkten ëmmer méi Geld kaschten.

Zu gudder Lescht da nach e puer Iwwerleeungen zu der Personalsituatioun. Och dës verdéngt mat engem Undeel vu ronn 2/3 vun eisen uerdentlechen Ausgaben, wéi all Joer bei de Budgetdiskussiounen, eng gewëssen Opmierksamkeit. Et ass richtig, dass den LSAP/CSV Schäfferot an de leschte Joeren eng virsichtig Astellungspolitik bedriwwen huet, esou wéi mär Gréng dat ëmmer erëm gefuerdert hunn. An och d'nächst Joer ass d'Zuel vun de Neiastellungen, mat insgesamt ronn 21 ETPen, dovunner schon aleng 16 fir d'SEAen an d'REWA, ganz iwwersiichtlech an éischer bescheiden. Trotzdeem si mär der Meenung, dass hei deelweis op der falscher Plaz gespuert gëtt. Eis Gemeng ass an de leschte Joere staark gewuess wat d'Awunnerzuel an och d'Infrastrukture betrëfft, a wäert och an de nächste Joeren mat de groussen, scho geplangten Wunnprojeten, nach em ee Villfaches wuessen.



Schon elo kënnt eist Personal, virun allem eis technesch Servicer, der viller Aarbecht op verschidde Plazen net méi no. Den Ënnerhalt vun den öffentleche Gréngflächen oder d'Iwwerwaache vun der Parksituatioun an dem Policereglement am allgemengen si nëmmen 2 Beispiller, wou mat e puer Leit méi eng besser Aarbecht kéint geleescht ginn. Eis Biergerinnen a Bierger moossen hir Zefriddenheet net u schéine Biller, mee un der Situatioun, déi se all Dag live an der Gemeng erliewen.

Wéi Där u menger laanger Ried erkenne konnt, géifen „déi gréng“ sécherlech an enger ganzer Rei Beräicher méi Gas ginn an aner Akzenter setzen. Mee alles an allem ass de Budget, deen den LSAP/CSV Schäfferot fir d'nächst Joer virgeluecht huet, a villen anere Beräicher fir eis ganz OK. Dofir wäerten „déi gréng“ sech och dëst Joer beim Vott vum Budget enthalen.

Ech soen Äech Merci fir d'Nolauschteren.

Bieles, de 29. November 2024,
fir déi gréng Suessem,

Serge FABER
Gemengerot

DÉI LÉNK

Prise de position par Myriam Cecchetti

BUDGET SUESSEM 2025

Léif Kolleeg-Innen aus dem Gemengerot,
léif Membere vun der Press, léif alleguer.

Als alleréischt well ech mech all de Mercien uschlësse
fir all déi Servicer di um Budget matgeschafft hunn.

Dëst ass eng Ried déi ech am Numm vun déi lénk Suessem halen.
Des Ried ass aus engem partizipative Prozess mat der Sektoun
enstanen, esou wéi eigentlech d'Politik vun haut
misst funktionéieren.

Mee leider gesäit een an all Gemengerot dat dat net esou ass,
de Schäfferot gëtt den Toun un an d'Majoritéit muss sech
un deen Toun halen an däerf net ofwächen, hei gëtt et keng
Solostécker ze spillen.

Dobäi ass et net dat wat d'Bierger-Inne wëllen. An den eenzelne
Conseiller huet och vill méi Interventiounsméiglechkeeten
an Initiativrecht wéi e mengt a kann och eppes a senger Partei
bewierken, mee dofir muss en sech traumen.

Wat ass e Budget eigentlech?

Fir eng Famill, e Stot ass e Budget e Plang deen ee festleet
fir ze kucke wéi vill Suen een an den nächste Wochen a Méint
aus gëtt, an dat op Basis vun deem wat een ausginn huet
an erakritt huet a kritt. Sou, oder sou änlech, gesäit dat fir
eis all aus. Mir kucken de Stand vun eisem Konto, oder vun eise
Konten, a mir plangen doropshin déi nächste Wochen a Méint.
Dat geet vum Haushalt bis d'Planung vu Vakanzen oder Kaddoe
fir Gebuertsdeeg. Wann ee Chance huet, da muss een net ze vill
rechnen, dann huet ee genuch um Kont fir net ze vill am Virus
plangen ze mussen. Mee leider ass dat de Fall fir ëmmer manner
Leit aus eiser Gesellschaft. Ech soe just "working-poor", net
genuch fir ze liewen awer ze vill fir ze stierwen. A leider kuckt
eis Gesellschaft vill ze vill an ze oft einfach ewech!

Wéi gesäit et da mam Budget vun enger Gemeng aus?

Wann een dee Budget héllt dee mir virleien hunn, da kënnt ee
soen, do gesäit et ganz änlech aus. Mir hu X als Gemeng ausgin,
mir hu Y als Recetten erakritt, a vun deer Basis aus kënne mir
elo ausrechnen wat mir kënne ausginn a mir gi genee esou
dovun aus wat mär eranzekreien. An dat war et u sech och
schonn. Oder?

Eis Recettë si glécklecherweis säit 2 Joer e bëssi geklomme
mee dat ass awer keen Zoufall an och kee Cadeau, dat ass

ënneranerem wëll mer eis getraut haten den Impôt commercial
2022 ze erhéien, wéi dir wësst sinn dat just Steieren op de
Beneficer vun den Entreprises. Mir sinn d'Suen dohi siche
gaange wou se sinn! Dësthu mär jorelaang als eenzeg gefuerdert.

Eng aner Piste, déi mir virgeschloen hate fir méi Sue fir eis
Gemeng ze kréien ouni Taxen a Steieren op eis Matbierger-Innen
ofzewälzen ass leider net vun eise Gemengeverantwortleche
verfollegt ginn – oder komm mer si positiv a soe „nach net“
dat ass nämlech eise Status als CDA als Centre de Dévelop-
pement et d'Attractivité. Mär hunn elo viru kuerzem
de 19.000 Awunner begréisst, mir hunn als Gemeng national
a kommunal Industriezonen (déi elo och nach ausgebaut
ginn), e Kulturhaus den „Artikuss“, de nationale Boulodrome,
e Lycée, e nationalen „Centre de formation pour conducteurs“
an en Untersuchungsgefängnis (CPU). Wier et net un der Zäit
hei bei der Regierung z'interveniere fir wéinstens an d'Klass
CDA3 ze kommen, wou mär dann ëmmerhi mat engem Surplus
vun Dotatioune vu 5 % am Kader vun enger Adaptatioun
vun der Population rectifiée kéinte profitéieren.

Déi Budgetdiskussioun, déi mir haut féieren, ass awer
net just eng Debatt iwwer Zuelen, mee eng Diskussioun iwwer
politesch Prioritéiten. Wéi gesi mir d'Gemeng? Wéi gi mir mat
de Ressourcen ëm, déi d'Bierger-Innen eis uvertrauen? A virun
allem: Wien zielt an dësem Budget, a wien net?

An eisen Ae ginn hei awer keng grouss politesch Akzenter gesat,
hei ass keng wierklech Wäitsicht ze fannen, et feelt u Gestalt-
ungsméiglechkeeten déi méi wäit reechen, wéi an d'nächst Joer.
Dobäi ass eis Gemeng gewuess, an dat net wéineg a se wärt och
nach weider wuessen. An d'Zäite géifen et hierginn, endlech
mol e bëssi méi Kreativitéit ze weisen, endlech mol e Bild
ze kréie vun der Gemeng déi de Schäfferot hei gäre matgestalte
géif. Mee, nee, dovun ass hei näischt ze fannen.

Et ass définitiv e Budget ouni Wäitsicht

Dëse Budget weist kloer, dass et un enger reeller Visioun
fir d'Zukunft feelt. Et gëtt vill a „Management“ investéiert,
awer keng substantiell Akzenter fir eppes opzebauen, wat wierklech
de Bierger-Innen eppes Neies géing bréngen. Mir gesinn näischt,
wat op **eng Stärkung** vun der Gemeinschaft erausleeft oder
en Opschluss fir eng besser Liewensqualität, **mei Nohaltegkeet**
a sozial Gerechtegkeet liwwert. Amplaz systematesch a regel-
méisseg Biergerbefroungen zu deenen Themen ze maachen,
gi prioritär d'Interesse vun enger Verwaltung am vermeintlech
moderne Management-Stil a Virgabe vun Agencen a
Bureaue bedéngt.

Et ass eben eng Fro vum Bléckwénkel: **verwalten oder gestalten?**
„Schein oder Sein“? D'Gemeng ass keng privatwirtschaftlech
Entreprise. Mär als déi Lénk gesinn d'Gemeng als öffentlechen

Déngschtleeschter, deen, am Optrag vun der Allgemeng-heet probéiert op generelle a spezifesche Besoine vun de Bierger-Innen anzegoen. Dat heescht och, d'Leit an Entscheedungen anzebannen – an dat net nëmmen dann, wann et schéi Biller an e flotte Slogan fir déi sozial Medie gëtt. Biergerbedeelegung dierf kee Marketinginstrument sinn, mee misst e Kärbestanddeel (d'Häerzstéck) vun eiser Politik sinn. Fir dat maachen ze kënnen, muss een no bei de Leit sinn. Fir no bei de Leit ze sinn, muss ee Verantwortung a Gestaltungsméiglechkeeten mat de Leit deelen. An do ass hei am Budget, ausser deene 50.000€ fir e Budget participatif – **iwrejens eng al Fuerderung vun eis** – net vill ze gesinn. Biergerbedeelegung a Matgestaltung vun enger Gesellschaft si keng Selbstverständlechkeet, mee et misst eng sinn. Et ass dat wourop all Entscheedung berouet misst. Egal, an op vun enger Agence schéi verpakt oder net. Kee Bureau d'Etude ass méi legitiméiert wéi d'Bierger-Innen selwer. Kommissiounen, Assisen, asw. sinn Outilen déi ausgebaut gehéieren. A wann se bis laafen sollen se awer och echt geholl ginn an hier Avise sollen och mat an d'Entscheedungen afléissen, well soss brauche mär se och net. Mee wéi oft ginn d'Kommissiounen schon iwerhaapt keen Avis méi gefroot? Verschidde Punkte komme guer net op den ordre du jour, folglech gi se net diskutéiert a behandelt. Wann et mat der Biergerbedeelegung d'selwecht geet ass dat an eisen Ae just eng Alibifunktioun a keng op Aen héischt funktionéierend Biergerbedeelegung. Den budgetäre Poste fir d'Berodungskommissioun ass trotz den zwou ugekënnegten Indexupassung praktesch de selwechten. Heescht dat, dass manner Sitzunge vun de Kommissiounen geplangt sinn? Dat eng Partie Kompetenzen un Aarbechtsgruppen delegéiert ginn, wou keng Jetone ausbezuelt ginn, wou awer vill Engagement gefuerdert ass. Mir hate bei der Ausschaffung vum neien ROI (réglement interne) jo proposéiert och d'Aarbechtsgruppen ze reglementéieren, wat hier Aufgaben a Kompetenzen ugeet, dat wuar awer vum Schäfferot net zrëckbehalde ginn.

Weider feelen an eisen Aen eng Kommissioun wou sech ëm **d'Entwécklung vun eiser Gemeng a punkto Liewensqualität**, Weiderentwécklung och um wirtschaftlechen a sozialen Niveau misst këmmen. Mir froen eis, ob déi 50.000€ fir de Partizipative Budget, wat mer als positiv Erneuerung bewäerten, a Wierklechkeet net eng Verschabung vu Fongen ass fir déi genannten Aarbecht an de besteeënde Berodungskommissiounen ze beschneiden, an a Wierklechkeet e Réckschritt vun der Participatioun vun de gewielte politesche VertreterInnen ass. Hei gesäit och d'Verpakung op den éischte Bléck gutt aus, mee op den Inhalt kennt et un.

Jo, **d'Kanner sinn d'Zukunft**. An d'Zukunft dat ass muar. D'Uschafe vu Containere fir déi ufälleg Renovatiounen vun eise Schoulgebaier ze tätegen ass eng sënnvoll Investitioun, déi mir ënnerstëtzen. Ma d'Zukunft kennt och fir déi **déi net méi ganz esou jonk**. Mir kënnen d'Zukunft net virausgesinn,

mee wéi mir d'Zukunft gestalte wëllen, eis Intentioun also, do kënnen mir matschwätzen. Esou wéi mär net wëlle Woardelëschten am SEA hu wär et schéi wa mär och keng Woardelëschten an engem REWA hätten. A fir dat hin ze kréie brauche mär och do einfach méi Strukturen! Och am Drëtten Alter huet d'Gemeng seng Responsabilitéit net nëmme bei de Kanner! Dowéint brauche mir do méi politesche Wëllen, a net manner. Méi Mënschlechkeet, méi Mateneen, e méi horizontalen Austausch, an e méi gewote Bléck no vir. En zweet Altersheim wier blutnéideg, wann dat vun der Privatfirma geplangt definitiv näischt gëtt sollt d'Gemeng hei seng Verantwortung iwwerhuelen an den Objet ofkafen an finaliséiere resp sech iwwerleeë wou a wéi een esou eng nei Struktur kéint opriichten a verwalten, well och hei ginn et am Ausland ganz flott Projeten (méi Generatiounen, Studenten, Déierentherapien,...) Vlät ass et och un der Zäit iwwert eng Erweiterung vun der Missioun an de Kompetenze vun eiser „Seniorekommissioun“ nozedenken an d'Aarbecht vun den Associatiounen déi sech ëm eis eeler Leit këmmere méi ze ënnerstëtzen.

Ech kommen nach op e puer Beispiller unhand deenen ech weisen dat eis eng Partie Akzenter an dësem Budget feelen:

Kultur an Identitéit – sech op d'Substanz konzentréieren!

Mir gesinn, dass vill Geld an Evenementer fléisst, mee wéineg an déi laangfristeg Entwécklung vun enger lieweger Kulturpolitik. Eis lokal Konscht, eis Geschicht, a virun allem eis Jugend, verdénge méi Opmierksamkeet.

De sentier historique, de Pavillon, an och déi lokal Konschtzeen misste vill méi Visibilitéit kréien.

Och hei vermesse mer méi Partizipatiounsméiglechkeeten vu Veräiner, déi eng wichteg Roll fir eis Kultur a Gesellschaft spillen, hei misst den Akzent op d'Matgestalte gesat ginn, souwuel an der Kulturkommissioun wéi awer och an hirem Alldag, well si verdéngen hir Plaz

Mee dëse Budget prioriséiert net déi wichteg Infrastrukturen oder déi kleng Aktiounen, déi wierklech eppes beweegen. Subsidien si schéin a gutt ma ginn net duer. Iwwregens ass eng Revisioun vum Subsidreglement no sozialen an ökologesche Krittären an eisen Aen iwwerfällg

Economie circulaire a solidaire – stärken!

Bei der Economie Circulaire a solidaire, wat ëmmer e wichteg Uleies vun eiser Gemeng wuar vermesse mär di néideg Akzenter. Wou ass do d'Wäitsicht? A wéi fern kënnen mir hei d'Weihe fir déi nächst Generatiounen leeën? Wann de Projet net am Kader vun engem staatlech subsidiéierte Projet ausgeschafft

gouf, da fënnt een dovun net vill am Budget erëm! De Marché solidaire steet z. B. mat 0€ am Budget – do freet een sech einfach mol firwat dat esou ass? Woare net genuch Leit do? Dat ass keng Ursach, well da missten och nach ganz aner Festivitéiten ewech falen. Da misst een éischer eng Analyse maachen u wat et hänkt. Op allefalls waor dat Fest viru Joren, wou ech nach Schäffin an dëser Gemeng woar, vill besicht an e richtege Succès! Dëst Fest woar och e Fest vun den Awunner-Innen aus dem Quartier, vun der cohésion sociale, vun dem Mateneen, quasi och wéi en Nopeschfest!

Am Beräich FairTrade, e Projet dee mer vernoléisseg haten, deen elo nees opliewe soll, steet awer dann e Montant vu 5.000€ wou mär eis da froen – fir wat genee? Fir eis gehéieren déi zwee Elementer zesummen an ausgebaut, well hei déi sozial Fro mat der Fro vun Nohaltegkeet a Solidaritéit sech ergänzen. Och op europäischem Niveau ginn esou Projeten an Zukunft méi ennerstëtzt – iwwregens si Repair a Second hand-Projeten ëmmer méi beléift, well d'Leit sech et op deer enger Säit och net mi leeschte kënnen ëmmer nees alles nei ze kafen an op der anerer Säit mierken dass den dauernde Konsumrausch vun eiser „Wegwerfgesellschaft“ eis net viru bréngt an de sougenannte Wuesstum a Wierklechkeet sozialen an ökologesche Réckschrëtt bedeit.

Klima a Mobilitéit – ausbauen!

Am Beräich Klima a Mobilitéit fanne mär och nëmmen hallef Moosnamen.

Well à propos Emissiounen an dem Objektiv -55% bis 2030, a Neutralitéit Karbon bis 2050, wat ass do eigentlech d'Strategie vun der Gemeng? Gëtt et a Plang? Ass een État des lieux vun den Emissiounen vun der Gemeng gemaach ginn? An dësem Budget fanne mär op allefalls näischt zu eise Froen.

Aner Gemengen hunn sech een Objektiv gesat (z. B. Energie-autark ze ginn, méi propper Energie anzekafe resp selwer hierzestellen, etc. etc.) fir d'Ziler ze erreechen. Wéi gesäit et hei aus?

Fir dës Objektiv ze erreechen, musse mär méi séier méi PV-Anlage bauen (an op Diecher, Parkingen etc, net op Wiesen a Bëscher!) Dofir ginn et fir d'Bierger-Innen Incentive vum Staat a vun de Gemengen. De Subside fir PV-Anlagen déi eis Gemeng vergëtt ass ee bëssi lächerlech wann een dee mat aner Gemenge vergläicht:

- Sanem: 20% du subside de l'État avec un maximum de 750 € (seulement autoconsommation);
- Ville de Luxembourg: La Ville accorde 50% du montant alloué par l'État;
- Differdange: 50% du subside de l'État

- avec un maximum de 5.000€;
- Esch: 10% de la subvention à l'investissement accordée par l'État;
- Bascharage: 50% de la subvention à l'investissement accordée par l'État, maximum 2000€
- Pétange: 30% de la prime étatique avec le montant maximal de 1.250€ par demande;
- Mondercange: 25% de la prime étatique avec le montant maximal de 5.000€
- Schiffange: 50% de l'aide étatique (autoconsommation), 100% de l'aide étatique (injectant l'énergie dans le réseau public)

Mär begrësse selbstverständlech all Subside, esou kleng en och ass, wéi z. B. déi fir elektresch Vëloen, an Haushaltsapparater awer dat ass nëmmen eng kleng Drëps op e waarme Steen a se sinn net sozial gestaffelt wat immens schued ass. Hei kënn een sech jo awer eng Zesummenaarbecht mam Office Social virstellen.

Beim Invest an d'Sanéierung vun ale Gebaier gëtt net genuch investéiert. Kierzlech huet eis Gemeng enger Privatpersoun hiert alt Haus ofkaf fir Sozialwunnengen draus ze maachen an huet du festgestallt, dass zum Deel Asbest am Haus wier. Fréier ass mat Asbest an de Placken, op den Diech (Eternit) an och mat aner, aus haiteger Siicht, gesondheetsschiedleche Materialien geschafft ginn. Fir Privatleit gëtt do eng Sanéierung richteg deier. An deem Beräich gëtt et nach vill ze dinn. Leit, déi di schonn un der Aarmutsgrenz liewen an an ale Strukture wunnen hunn do sécher aner Prioritéiten. Hei kéint d'Gemeng an Zesummenaarbecht mat Ministèren e Projet op d'Bee setzen esou wéi et an der Gemeng Déifferdeng jo ugeduecht woar bei der vireschter Regierung (ech weess elo net op dee Projet nach ëmmer aktuell ass bei der neier Regierung).

Firwat gëtt de Pakt Klima sou intransparent a mat groussen Differenze finanziert? De Save Space am Matgesfeld, e Projet vun der Chancëgläichheetskommissioun gouf op dës Budget verbucht well dës Service kee Budget dofir virgesinn hat... ass dat d'Finalitéit vum Klimapakt? Lächer ze stoppen? Oder soll een net am Virfeld sech Gedanke maache firwat een deen ausgeet an do investéiere wou et wat CO₂ Reduktiounen ugeet Sënn mécht.

Verstidd eis net falsch, de Projet vum Save Space fanne mär immens wichteg, mee deen huet näischt am Klimapaktbudget ze sichen!

A punkto urbanem Raum gesi mir ëmmer erëm déi selwecht Problemer. Dës geet nach ëmmer Prioritär op den Auto opgebaut. De Fräiraum zwëschen den Haiser ass eng Strooss fir Autoen. An de Minimum gëtt gemaach fir di douce Mobilitéit. An dobäi ass et an eiser Gemeng deelweis geféierlech, mam Vëlo

an zu Fouss ennerwee ze sinn, besonnesch fir Kanner a Persoune mat Mobilitéitsaschränkungen. Dat däerf net esou weidergoen. Hei ass d'Politik gefuerdert dese Paradigmewiessel anzeféieren, esou wéi de Professor Marco te Brömmelstroet et des Woch op senger Konferenz nach erkläert huet.

Do sinn d'Investitiounen an d'Begréngung vun der Avenue 2000 zu Zolwer e gutt Beispill. Well hei ass déi ursprüngelech Planung fir alles zouzebetonéiere falsch gelaf, des Sanéierung an zousätzlech Ausgab wier nämlech net néideg gewiescht wa vun Ufank un anstänneg a wäitsichtegt geplangt gi wier. An Zukunft soll een sech esou Fehlplanungen virun Aen halen an net mi di selwecht Feeler maachen.

Nieft dem Probleem dat d'Stroosse just vir d'Autoe konzipiéiert si kënnt och nach dat duerch d'Versigelunge keng gréisser Planze kenne wuessen déi Schied maachen an e Schutz géint ze vill Hetzt bréngen, wat elo mam Klimawandel keng gutt Viraussetzung fir en agréabelt Liewensëmfeld sinn.

Sozial Politik – Wéi steet et ëm déi vulnerabel Leit?

Eppes anescht, wat eis nach feelt, ass eng Strategie fir déi eeler an déi vulnerabel Leit an eiser Gemeng. Iwwert den Office Social gëtt scho ganz vill gemaach, mee leider beschränkt sech hier Aarbecht dorobber de Misär vun de Leit ze verwalten. Hinnen awer eng Perspektiv eraus aus der Prekaritéit ze weise, wéi z. B. bei de Logementsproblemer, wat den ausschlaggebende Facteur fir d'Prekaritéit vu villen ass, kann net bewältigt ginn, well einfach net genuch abordabel Wunnengen existéieren.

An eiser Gemeng gi wuel eenzel sozial Wunnenge sporadesch gestëmmt. Mir missten awer de Courage hunn an eis e kuerzfristegt Zil sëtzen z. B. déi nächst 2 Joer 1% Sozialwunnengen ze schafen (bauen oder sanéieren) wat eng ronn 50 nei Wunnenge ging bedeiten. Hu mir als Gemeng eng Anung wéi vill Wunnhaiser eidel stinn a kéinte genotzt ginn? Mee ech widderhuele mech, mir hunn dat schonn e puer Mol hei am Gemengerot gesot.

Wou e Luef ubruecht ass, do soll en och ausgeschwat ginn!

Eis Gemeng huet wat hiren sozialen Apport ugeet e puer flott Projeten déi onbedéngt weidergefouert musse ginn a wou mir och ennerstëtzen: dat ass eisen CIGL, **Eis Epicerie an d'Gemeng Suessem Hëlleft.**

Mir begréissen dass de Subside fir eis Associatioun déi mat Beetebuerg Hëlleft zesumme schafft elo op 2€ pro Awunner verduebelt ginn ass.

All Investitiounen déi eng Weiderentwécklung vum CIGL

a vun der Eis Epicerie gemaach ginn, kommen duebel an dräifach zréck, net am Sënn vun Investissement a Finanzen, mee am Sënn vu Solidaritéit a Schafung vu Perspektive fir Leit déi um „normalen Aarbechtsmarché“ keng Platz fannen an duerch esou Projeten awer d'Méiglechkeet kréien „en toute dignité humaine“ hiren Alldag ze bestreiden, wou se valoriséiert ginn an hiren Beitrag och kenne leeschten, no hire Méiglechkeeten. Deene Leit eng Aarbecht ze ginn an se ze valoriséieren ass eng ganz nobel gesellschaftlech Verpflichtung. Et kann een net alles mat Suen opwäerten – déi mënschlech Dimensioun ass vill méi vaste. A wa Mënschen an hirer précairer Situatioun opgefaange ginn a net an Depressioun oder Ofhängegkeet vu Medikamenter, Alkohol oder Droge falen, dann ass dat a Wierklechkeet net ze bezuelen, och gesamtgesellschaftlech gesinn. Dofir ennerstëtze mir och déi Investissementer d. h. déi Suen déi fir d'Spullkëscht a fir eng nei professionell Spullmaschine (fir recycléierbar Becheren, Frittenbarquetten, Telleren etc.) déi fir de CIGL virgesi sinn. D'Mise en Cofoméité vun Installatiounen ass d'Viraussetzung dofir dass Projete kënne weidergefouert ginn. Dat géllt selbstverständlech och fir Eis Epicerie, déi no den ustehenden Aarbechten och nees als „tiers lieu“ ka genotzt ginn, wou Solidaritéit, Kreativitéit a Convivialitéit konkret kenne gelieft ginn.

Eng aner Visioun ass néideg

Eis Visioun ass kloer: Mir gesinn d'Gemeng als ee Raum, dee vu senge Bierger-Innen gepräägt soll sinn, net vun externer Publicitéit oder engem administrativen „Kostendeckungsprinzip“ resp. enger „Return on Invest“ Doktrinn.

Déi aktuell Approche spigelt eist Verständnis vun öffentlecher Politik net erëm. **Als „déi Lénk“ gesi mir d'Gemeng als e Projet fir d'Leit mat de Leit.** De Budget, wéi en eis elo virläit, geet eis net duer. Do ass méi dran a mär wäerten och weider am Gemengerot mat konkrete Beispiller kommen. Och mär sinn eis iergendwou konsequent an der Kontinuitéit vun eise Virstellungen a Fuerderungen, a wäerten dese Budget trotz punktuelle gudden Usätz net matstëmmen.



PIRATEN

Prise de position par Bruno Da Silva

BUDGET SUESSEM 2025

Gudde Moien,

Fir unzefänken soen als éischt dem ganze Personal villmols Merci fir d'Preparatioun vun dësem Budget. D'Beamten sinn ëmmer disponibel, wann ee Froen zum Budget hat. Et ass vill Aarbecht esou een Dokument präzis opzestellen. Ouni dës Aarbecht kéinte mir Gemengeconseillere eis Aufgab, fir d'Gemengefinanzen ze kontrolléieren, guer net erfëllen.

Dann nach ee grouse Merci un dat ganzt Personal an eiser Gemeng fir déi gutt Aarbecht ob dat fir den Entretien an d'Maintenance ass, fir déi vill flott Eventer an eiser Gemeng an och fir d'Servicer fir eis Biergerinnen a Bierger.

Ech wëll hei net nëmme Merci soen, mee mech direkt fir eng Fuerderung staark maachen, wou ech vu villen Leit aus dem Personal zougedroe krut. Eppes, wat d'Personal schonn zënter laangem freet, ass, dass endlech eng Kantinn fir d'Personal géif agefouert ginn. Dann mussen d'Leit net extra heem fueren mam Auto fir eng Stonn am Stress eppes ze kachen.

Ech soen dann och dem Schäfferot Merci fir d'Presentatioun vun den Zuelen.

Iwwerbléck national Situatioun

Ech wëll meng Analyse vum Gemengebudget ufänken mat engem Iwwerbléck iwwert déi gesamt Situatioun hei am Land. Wann een der Regierung an dem Inneminister gleewe wëll, dann gëtt 2025 fir d'Gemengen ee super Joer mat Freedefeier, Lasershow a Waasserspektakelen.

D'Gemengen wäerte beim CGDIS-Budget kënne spueren. Et wäerte manner Indexranchen kommen wéi déi lescht Joren. A beim Finanzéierungsfong fir d'Gemengen sollen annerhalef Milliarden Euro erakommen, wat ee Plus vun 18 Prozent ass am Verglach zu 2023!

Bon, ech bremsen dann hei gären e bëssen déi gutt Stëmmung. De Budget vun eiser Gemeng muss, esou wéi bei alle Gemengen, am Kontext gekuckt ginn vum nationalen Staatsbudget a vum internationalen Ëmfeld. Et ass net fir egal wat mat de Steiergelder ze maachen. Ech leeën eiser Gemeng un d'Häerz, fir net z'iwwerdreiwien, well d'Prognosen vun der Regierung klénge vleicht gutt, mee international éischter net! Kricher, d'Wal vun Trump a generell déi wirtschaftlech Aussichten sinn net super fir 2025. Mir sollten net ze naiv sinn bei der Notiz vum Inneminister.

Iwwersiicht Suessem

Eis Gemeng huet déi lescht Joren scho vill investéiert an och vill Scholden opgeholl. De Scholdestand fir 2024

leit bei 33 Milliounen Euro. Dat entsprécht bal 25% vun de Gesamtrechten. An et si ronn 1800€ pro Awunner.

Sou gesinn kann ee berouegend soen: eis Gemeng ass finanziell am séchere Beräich. A mat deene Scholden sinn och wichteg Investissementer gemaach ginn. Mee d'Gemeng muss déi Krediter iwwert déi nächst Jorzéngten zeréck bezuelen.

A mir sollten virsichteg bleiwen, well d'lescht Joer koume vill Méihkäschten, souwuel beim CGDIS wéi och beim TICE. An et ka gutt sinn, dass hei weider Iwwerraschungen kommen. Et sollt ee grad d'Klimakris net vergiessen, wou ee Stuerm oder Iwwerschwemmung, direkt mol e puer Milliounen kënnen kaschten, wéi d'Vergangenheet et gewisen huet.

Eppes, wat mer beim Budget awer direkt opgefall ass, an dat war mer och schonn 2024 opgefall, dat ass, datt net all d'Suen, déi budgetiséiert waren, ausgi goufen. Vu 57 Milliounen am extraordinäre Budget, goufen um Enn nëmmen 36 Milliounen wierklech ausginn.

Dat leit och drun, dass déi 10 Milliounen Euro, déi fir de Projet vum Centre Medical zu Biele virgesi waren 2024 net ausgi goufen. Dat heescht, dass u sech do lescht Joer Sputt gemaach gouf, a Suen, déi een d'lescht Joer net genotzt huet, elo an Zukunft fir aner Saachen kéint notzen. Zum Beispill, fir schonn een Deel vun eiser Schold zeréckzebezuelen. Oder de Sputt ze notzen fir vill aner Projeten an Iddien.

Fenzel Punkten

Déi Dammen an Hären, Souvill zu der Gesamtsituatioun iwwert eis Finanzen. Ee Budget ass natierlech méi wéi nëmmen Zuelen. E Budget si virun all déi Projeten, déi ee mat Liewen fëllt an déi wäerte finanzéiert ginn.

Et wäert keen heibanne wonneren, dass mir net zu honnert Prozent mat alle Projeten am Budget averstane sinn. A bei verschiddeenen Punkten mir eis natierlech och gewënnscht hätten, dass ee méi ausgëtt. Mee esou ass an der Politik: jiddereen huet heibannen seng Iwwerzeegungen a seng Prioritéiten an dat ass och gutt esou an dat gëllt et ze respektéieren.

Leit entlaaschten mat Energiepolitik

Fir eis Suessemer Piraten ass ee vun de wichtigste Messagen, fir dat nächst Joer, een d'Leit an der Gemeng virun allem entlaaschten soll! Vill Leit wäerten ab Januar 2025 d'Hausse vun den Energiepräisser beim Stroum a Gas ze spiere kréien.

D'Gemeng sollt elo net higoen, an d'Präisser fir Waasser, Ofwaasser oder Poubellen erhéijen. Dat schéngt Mol am Budget 2025 de Fall ze sinn. Mir mengen, dass grade lo d'Gemeng soll higoen, an eng laangfristég Energiepolitik soll opbauen.

Ech denken do als éischt un d'Primmen bei den Investitiounen fir d'Klima. Fir eis ass et kloer, dass d'Hëllef fir d'Installatioun vu Photovoltaik, Wärmepompe oder Isolatiounen ze niddreg sinn. D'Leit hei an der Gemeng kréien fir eng Solaranlag maximal 750 Euro erëm. Wann een e puer Gemengen niewendrun wunnt, wéi zum Beispill zu Diddeleng do ginn d'Hëllef op bal 2500€ pro Anlag erop. Zu Nidderaanven, eng vun de rächste Gemengen hei am Land, kréien d'Leit bal 80 Prozent vum Invest erëm. Déi rächste Bierger hei am Land, kréien d'Solaranlag also quasi geschenkt op den Daach. A mir hei zu Suessem bremsen do mat e puer honnerten Euro.

Bei de Klimainvester géife mir also dättelech méi wäit goen. An och beim Ausbau vun den Elektroboren. Et feehlt ganz kloer u Boren, fir d'Elektroautoen méi attraktiv ze maachen. Iwwerall, wou eis Gemeng elo grouss Projeten huet, sollten direkt op de Plazen d'Elektroboren virgesi sinn an d'Stroumnetz ugepasst ginn.

An och eis Gemeng kéint beim Klimaschutz mam gudde Beispill virgoen. Wann ech d'Käschte beim Brennstoff zesummezielen, kommen ech op iwwert drei honnert dausend Euro. Dat wiere ronn zwee honnert dausend Liter Diesel, déi hei all Joer verfuert ginn. Wéi gesäit hei d'Strategie aus, an deene nächste Joren op Elektro ëmzeswitchen?

Firmen entlaaschten – Kommerzsteuer erof (Impôt communal commercial)

Net nëmmen d'Leit kéint een an der aktueller Situatioun entlaaschten, mee och d'Betriebe an eiser Gemeng. Beim Impôt commercial géife mir och roden, fir den Taux endlech erofzesetzen (Suessem leit aktuell bei 350% an do sollte een etappeweis bis op 225% erofgoen), fir laangfristég um Niveau vun der Stad Lëtzebuerg ze sinn an eis Gemeng méi attraktiv fir Firmen ze maachen. An esou och Aarbechtsplazen an eiser Gemeng ze schafen. No bei de Leit.

Grad eis Gemeng, no vun der Grenz, an och elo mam schnellen Tram op de Belval, huet d'Potenzial fir méi Bürosaktivitéiten a Commercen opzebauen aplaz massiv Industrie wou mer scho genuch an der Gemeng hunn. Ma genau déi Betriebe kucken sech den Impôt commercial genee un. Et ass dofir eng Fro vun der Zäit wéini mer endlech d'Steierpolitik upassen, fir méi Attraktivitéit an Aarbechtsplazen an net alles der Stad ze schenken.

Lokal Commercer

Méi Aarbechtsplazen bedeit dann och erëm méi Méiglechkeeten fir de lokale Commerce. Hei bedauere mer, dass an de leschte Joren wéineg geschitt ass, virun allem zu Suessem. A grad zu Suessem hu mer de perfekte Site, fir de lokale Commerce

ze fërderen. An zwar beim Suessemmer Schlass, wou mer den Terrain nieft dem Schlass direkt kéinten notzen. Et ass eng flott Plaz, fir zum Beispill ee Pop-up Store, eng flott Spillplaz fir eis Kanner eng Beachbar am Summer, ee Chalet am Wanter. Einfach eng Plaz wou d'Leit sech kënnen treffen a flott Momenter mateneen verbréngen.

Wat och nach feelt, dat sinn Bankautomaten zu Suessem an zu Eilereng, wéi et schonns oft vun eis hei am Gemengerot erwähnt ginn ass. Grad fir déi Leit, déi manner mobill sinn, well se kee Führerschein oder Auto hunn, wier dat wichteg. Do hu mir eis Gedanken gemaach an eng Léisung dofir gesicht. Déi mobill Guicheten, déi d'Spuerkeess ubitt, fanne wier eng gutt Initiativ, a mir sollten mat eiser Gemeng dese Wee goen.

Mobilitéit

Mir ass och opgefall, dass d'Kanner an eiser Gemeng vill mam Vëlo ënnerwee sinn. Dat ass eng gutt Saach an ze luewen. D'Gemeng sollt de Komfort vum Vëlo ënnerstëtzen a virgesinn méi Iwwerdiecher fir d'Vëloen ze bauen, a grad bei de Schoulen.

Dat selwecht gëllt fir d'Busarrëten an eiser Gemeng: och déi sollten op mannst iwwerdaacht sinn. Et ka jo net sinn, dass déi Leit, déi den öffentliche Transport notzen an eppes fir d'Ëmwelt maachen, müssen am Reen an am Wand stoen, fir op hire Bus ze waarden. Wéi vill Bushaisercher hu mer hei an der Gemeng déi net iwwerdaacht sinn?

Kanner

D'Madamm Buergermeeschter sot et ganz richtig: „An d'Kanner investéieren ass an d'Zukunft z'investéieren.“ Wat déi richtig Investitiounen fir eis Jugend sinn, do geet eis Meenung mat der Buergermeeschtesch allerdings e bëssen ausernee.

Ugefaange mat enger Musiksschoul: mir sinn weiderhin der Meenung dass eng Gemeng wéi Suessem mat eiser Gréisst a mat eisem Budget scho viru Joren selwer eng Musiksschoul hätt sollte bauen. Aplaz deenen anere Gemengen Suen ze bezuelen, fir eis Kanner dohinner ze schécken, sollte mer eis eege Musiksschoul hunn.

Fir eis Jugendlech an der Gemeng, menge mir och, dass et sënnavoll wier, dass all Uertschaft säin eegent Jugendhaus kritt. Déi Jonk, déi ech kennen a mat deenen ech a Kontakt sinn, reesen net extra op Zolwer an d'Jugendhaus. Eis Jonk vu Bieles, Eilereng a Suessem hätten och gären een esou schéint a modernt Jugendhaus wéi zu Zolwer. All Uertschaft brauch dofir säi Jugendhaus.

Jo, mir kënnen als Gemeng frou an houfrëg drop sinn, dass keng Waardelëschten an eise Maisons relaisen a Crèchen existéieren.

Wien mat Leit an de Nopeschgemengen schwätzt, dee weess, wéi schwéier d'Situatioun fir vill Elteren ass. Mee och hei an der Gemeng fänkt et un, dass d'Kanner e bëssen müssen hin an hir geplangt ginn, fir dass de System opgeet. Dofir muss d'Gemeng hei an den nächste Joren weider investéieren an net waarden, dass et ze spéit ass.

D'Kannerbetreieung suert dofir, dass d'Familljen ee Choix hunn, wéi se hiert Liewen wëlle gestalten. An et erlaabt et ville Familljen, dass béid Partner kënnen schaffen, an sech esou eppes kënnen opbauen fir d'Zukunft a fir de Bien-être am Stoot.

Logement

Fir de Jonken an och de Familljen ee gudde Start an d'Zukunft z'erméiglechen, musse mer grad beim Thema Logement eng Schëpp dropleeën. Erschwéngleche Wunnraum ass eng Haaptschrauf vun enger gudder Sozialpolitik. Déi Immo-Projeten, wéi d'Wunnengen am Metzlerlach, ënnerstëtze mir natierlech komplett. D'Gemeng soll hei weider héich investéieren a Projeten opkafen.

Ech wëll awer och warnen, dass d'Gemeng och oppasse muss, fir sech beim Bau net iwwert den Dësch zéihen ze loossen. D'Virkaftsrecht muss ëmmer beibehale ginn. An et muss opgepasst ginn, dass d'Devisen korrekt sinn. An der Vergangeneheet ass et oft virkomm, dass Budgeten nodréiglech hu missten no uewen korrigéiert ginn, well d'Devisen net gutt genuch opgestallt goufen.

Bei de Kommissiounen vun den Architekten sollt schonn am Kontrakt opgepasst ginn, dass dës fix ass. Mir hu genuch Architekten hei am Land, do sollt ee seng Verhandlungsposition besser ausspillen. Déi Suen, déi een esou spuert, kann ee notzen fir méi an de Logement z'investéieren an esou méi Leit eng erschwénglech Wunneng zegutt kommen ze loossen.

Sozialpolitik – Office social

Bei der Sozialpolitik wäerte mer an Zukunft sécher nach iwwert d'Renovatioun vun der Epicerie solidaire schwätzen. Eiert mer 1,2 Milliounen an den Ëmbau vun der Epicerie zu Zolwer investieren, sollte mer kucken fir an deenen aneren Uertschaften iwwerhaupt Mol eng Epicerie ze hunn. Grad bei deene Projeten wou elo zu Suessem wäerte kommen, dierfe mer esou Investissementer net vergiessen, soudass all Uertschaft seng Epicerie huet. Bei esou Projeten denken ech, dass et wichteg wier, dass déi betraffe Biergerinnen a Bierger gefrot ginn, an decidéieren, wat se da brauchen.

Partizipative Budget

Dementspriedend si mer frou mat den Aussoen vun der Buergermeeschtesch dass ab 2025 de partizipative Budget

kënnst. Dat ass eng Piraten-Iddi, déi mir an eisem Programm haten. Ufanks mol mat nëmmen 50.000€. Mee et ass fir eis ee gudder Startpunkt a mir wënschen eis, dass de Budget hei an den nächste Joren konsequent erhéicht gëtt. Mir traue de Leit zou, dass si dat gutt maache wäerten. An dass vill nei a gutt Iddien heibäi wäerten eraus kommen.

Déieren – Hondsteier

Bevir ech op een Enn kommen, hunn ech awer och nach selwer eng Iddi, déi ech hei wëll deelen. Ech weess, dass dat Thema hei vun der Majoritéit net erwënscht ass. Dat gouf och scho kloer hei gesot. Ech als Pirat hunn awer eng aner Meenung. An zwar beim Thema Hondstuten. Ech si sécherlech kee Frënn vun der Hondsteier, well ech mengen, dass een d'Leit net dofir sollt besteieren, wa si Verantwortung fir een Hausdeier iwwerhuelen. Dofir mengen ech, dass een de Leit déi d'Hondsteier bezuelen op mannst sollt d'Poubellestuten fir d'Hënn schenken.

Ech denken heibäi un ee System wéi beim Valorlux: D'Gemeng weess duerch d'Hondsteier, wien Hënn huet. D'Gemeng kéint esou exklusiv den Hondbesëtzer zwee Rouleauxen Tuten gratis zur Verfügung stellen déi si och selwer op d'Gemeng siche kommen. An esou dozou beidroen, dass eis Gemeng propper bleift a keng Tuten verbëtzt ginn.

Wanterfeeling

Eng lescht Ureegung vu menger Säit betrëfft dann nach de Wanterfeeling. Wéi dir wësst, sinn ech selwer ee grouse Fan vun deem Event. Eigentlech muss een d'Gemeng luewen, well d'Event ass super an zitt Leit aus dem ganzen Land an iwwert Grenzen eraus heihinner op Suessem fir eist schéint Schlass vun alle Säiten ze bewonneren.

Grad dofir froen ech mech, wéi mer et kéinte fäerdeg bréngen, dass d'Event sech finanziell selwer dréit. Well aktuell kommen honnert dausend Euro eran, mee et kascht bal dat duebelt. Mir sollten ee Konzept ausschaffen, wat finanziell sech selwer droe kann.

An dann och kucken, fir de Summerfeeling erëm anzeféieren. Ech kréien nach oft a réigelméisseg vu ville Leit d'Demande, fir de Summerfeeling erëm anzeféieren. Ech denken och, dass een hei kéint mat anere Gemengen zesummeschaffen, zum Beispill am Kordall an dat ville Projeten.

Als Iddi fir unzefänken: ee Co-Finanzement am Kordall fir déi véier gréissten Eventer am Joer. Zum Beispill de Blues Express zu Déifferdeng. Oder den After Work zu Péiteng. Zesummeschaffen bei den Kavalkaden. Wann d'Gemengen hei méi géifen zesummeschaffen, kéint een déi Eventer richteg grouss opzëihen, a vill méi draus maachen a souguer profitabel maachen.

Schluss

Mat deem Gedanken kommen ech zum Schluss. Wéi gesot: mir Piraten sinn net mat 100 Prozent mat allem averstanen. Bei verschiddene Punkten géife mer d'Saach aanechters maachen. Trotz mengen Kritiken, mengen ech awer, dass an dësem Budget vill Saachen richteg a wichteg fir eis Gemeng sinn. An dofir ginn d'Piraten haut hieren Jo fir dëse Budget.

Mir hoffen awer, dass verschidde Punkten aus menger Ried, am Budget nächste Joer wäerten erëm ze fanne sinn.

Ech soen iech Merci fir d'Nolauschteren.



ADR**Prise de position par Mara Schammo****BUDGET SUESSEM 2025**

Madamm Buergermeeschtesch, Madammen a Häre vum Schäfferot a Gemengerot, léif Alleguerten,

Als éischt wëll och ech mech bei den Damen a Häre bedanken, déi un dëse Budget 2025 geschafft hunn, hiere Service ass relativ kuerzfristeg emgestallt ginn, waat hier Aarbecht nach méi erschwéiert huet. Sie hunn mir op all meng Froen schnell a effektiv geantwert. Merci.

Ee Budget ass ee politescht Dokument, also loosse Majoritéitsparteien hei hier politesch Visiounen mat afléissen. Mir, ADR, als Oppositionspartei hunn eis dës Visioun da mol ugekuckt. Ech wäert hei net op déi ordinäre Recetten a Depensen agoen, mee éischer op e puer extraordinär Depensen fir eis Visioun vun engem verantwortungsvollen an nohaltege Budget opzeweisen. Mir begréissen Investitiounen an Zukunft, an eis Kanner wéi z. B. nei Schoul zu Suessem oder den synthetische Terrain zu Eilereng, eng néi Buvette fir den FC Belval asw. Natierlech ass et eng Gradwanderung an eng Erausfuederung wéi e Projet e dann elo prioriséiert a wéi e nach muss warden. Eis Kritikpunkten a Verbesserungsvirschléi léien éischer bei der Emsetzung vun esou Investissemter.

Komme mer dann elo zu denen Punkten:

Verschiede Projeten/Investitiounen déi an der Vergaangenheet an zukünfteg gemaach goufe resp. gemaach solle ginn, erscheine eis enorm héich. An Fro déi sech stellt: wéi effektiv ass Planung vu Projeten? Wou sinn nach Verbesserungen noutwendeg? Wéi verantwortlech gëtt mat öffentleche Gelder emgaangen?

Vu wat schwätzen ech:

Kierzlech gouf an der Gemengerotssetzung eng Renovatioun vun engem Eefamilljenhaus aus de 50 Joer, wou 2 Sozialwunnengen entstoe solle, fir 1,5 Milliounen gestëmmt. Dëst Eefamilljenhaus ass fir ee Montant vu ronn 628.000.-€ kaf gi, mäsch also ee Gesamtpraiss vun 2,128 Mio., wann et da bei dene Renovatiounskëschte vun 1,5 Mio. bléift. Rechent een dat op de m² Preis aus, mäsch dat 11.000.-€/m² wat enorm ass fir Gemeng Suessem. Ech iwwerloossen iech et den übleche m² Preis fir eis Gemeng nozekucken, kann iech awer soen dass den erheblech manner ass. Kiischtchen um Kuch ass dann, dass an dësem Haus aus de 50 Joer dann och nach Asbest fonnt gouf, den fir vill Geld entsuert muss ginn.

Hauptargument fir dësen Invest war de sozialen Aspekt i. fir de Kaf vun dësem Haus 2. fir déi 2 Sozialwunnengen. Alles schéin a gutt, mee wier et net méi sozial fir mat dem Invest kënne méi wéi 2 Wunnenge entstoe ze loossen?

Wéi kënne esou Feelinvestitiounen geschéien, well dëst ass eng Feelinvestitioun, esou eng Immobilie gëtt een, ausser mat enger Perte, net méi lass.

Jo, et ass ok, dass de kommerziellen Aspekt vu Gemengeinvestitiounen net am Vierdergrond steet, mee muss et esou en enorme Verloscht sinn? Fir eis onverständlech.

Dann ass de Kaf vun der Hall, wou ‚Spullkescht‘ dran ass, mat engem änleche Gesichtspunkt ze betruechten. Do waren Renovéierungsarbechten plus den Ausbau vum Gebai néideg. De Renovatiounspräiss huet sech duerch den Asbest, den nodréiglech font gouf, erhéicht. Firwat gëtt dëst net virum Kaf vun enger Immobilie gekuckt? Dann kéint een Entsuegungskëschte eventuell op de Proprietär ofginn oder de Kafpräiss erof setzen. Wier dëse Projet net méi bëlleg gi, wann een d’Hall ofgerappt an erëm néi opgebaut hätt. Firwat gëtt dëst net am Virfeld analyséiert?

Och ass eis opgefall, dass fir d’Annexe vun dëser Hall, wou 530.000.-€ gestëmmt goufen, am Budget rectificé 2024 350.000.-€ dra stinn an am Budget 2025 stinn 290.000.-€, mäsch eng Differenz vun 110.000.-€, 20 % méi héich wéi dem Gemengerot virgeluecht. Op meng Nofro hun ech geschriww kritt, dass do eventuell Haussen agerechent wieren. 20 % sin awer ganz héich gerechent Haussen. Kucke mer dann mol wéi Realitéit wäert ausgesinn.

Dann kommen ech un een zukünftege Projet, eng néi Buvette fir den FC The Belval, wat mir absolut begréissen. Wou awer eng Froe dierf gestallt ginn ass iwwert de Präiss. Am Budget 2025 sinn dofir 500.000.-€ virgesinn an dann nach eng kéier 500.000.-€ fir de Budget 2026, also 1 Mio. Wat genau gëtt do zu dem Praiss gebaut?

Dann huet sech nach ee Projet erausgehewen, den mir net esou richtig novollzéie kënne an zwar Avenue 2000 zu Zolwer. Et sinn do eng Petitioun a Reklamatiounen vun Awunner erakomm, Awunner déi mat dem Projet guer net averstane sinn/wuaren.

Hu mir du mol den Historik ugefrot. Doranner war dann ze liesen, dass de Ministère de l’Environnement am Joer 2022 zu engem Concours ‚Méi Natur an eise Stied an Dierfer‘ opgeruff huet. Den 1. Präiss heifir ass e Subside vu ronn 500.000.-€. Gutt.

Gemeng Suessem huet da mat engem Büro d’Etude dëse Projet ausgeschafft. Wien genau elo decidéiert huet dës Strooss fir dëse Concours unzemellen, stoung net am Historik. Eng Viraussetzung fir an de Genoss vun dësem Subside ze kommen, wier Bedeelegung vun den Awunner.

Dann steet am Historik, dass Awunner Samschdes

den 20.04.2024! op Plaz invitéiert gi sinn fir sech un der Verfeinerung, dann jo wuel net um Ausschaffen, vun dem Projet ze bedeelegen. De Projet u sech hatt jo zu dem Moment scho den 1. Präiss, 2023, kritt ouni Bedeelegung vu den Awunner, wann ech dat richtig verstanen hun. Also ass de Projet vir den 1. Praiss ze kréien ausschliesslech vun der Gemeng an dem Büro d'Etude ausgeschafft gi. Wou war do Biergerbedeelegung? Fir eis gesäit Biergerbedeelegung anescht aus.

Firwat ass dës Strooss erausgesicht gi fir dës Concours? Déi Erklärung steet net am Historik. Firwat keng aner Plaz wou Gemeng selwer kann decidéiere wat maachen bsp. Schoulhäff oder firwat net eis Place de l'Indépendance zu Zolwer, déi nu wierklech zoubetonéiert ass a wann een do méi Natur fir eis Stied kéint emsätzen, géif dat der Allgemengheet bestëmmt



méi dengen.

Eise Fazit zum Budget:

Héich Supplementen mussen vermied ginn, dofir muss een Planung vum Projet verbessern (ech erënner un de Supplement vun 2.5 Mio. fir Aarbechte vun der rue G.D. Charlotte zu Bieles). Eng kleng Remarque: Gemeng kéint eventuell mol un aner Büro d'Etuden eruntrieden, am plaz ëmmer déi selwecht ze huelen.

Gemengepersonal, wat mat Expertisen zu Immobilien beoptraagt gëtt, misst vill méi geschoult gi fir eng Immobilie richtig ze expertiséiere soudass onnéideg Këschten sou kleng wéi méiglech gehalen ginn.

Den Devis estimatif, den mir am Gemengrot virgeluet kréien, misst zukünfteg vill méi détailléiert opgestallt gi z. B. déi reell Devien vu den Entreprises direkt dobäi léen ouni dass se müssen ugefrot ginn.

Fir eis gesäit Verwalten en bon père de famille e bëssi anescht aus, do gëtt et nach vill Verbesserungspotential. Projeten/Investissement misste vill méi effektiv a realitéitsno ausgeschafft ginn.

Domadder beendegen ech meng Ried a soen iech villmools Merci fir nolauschteren.

DP

Prise de position par Patricia Speck-Braun

**BUDGET DISKUSSIONEN
GEMENG SUESSEM
VUM 29.11.2024**

Madamm Buergermeeschter, Dir Dammen an Hären aus dem Schäffen- a Gemengerot, léif Press.

Fir d'éischt wëll ech dem Personal aus der Gemeng Merci soe fir déi vill Zäit an Aarbecht déi si während deene leschten 12 Méint an eis Gemeng investéiert hunn. E besonnesche Luef geet un d'Sekretärin Manon GREVEN, den Ekonomist Mathias JÄNISCH an den neie Mataarbechter Fabio VISPI. Si dräi hunn zesumme mat hire Leit keng Méi gescheit fir och dëst Joer all d'Poste ganz genee ënner d'Lupp ze huelen. Et ass nëmmen de Kollektiv deen aus jidder Eenzelem besteet, deen et eis erlaabt, unhand vun enger detaillierter Budgetsvirlag, Virschléi, respektiv Objektivitéit kënnen ze maachen.

Dat politescht Joer 2024 war wäit aus manner turbulent wéi dat läscht, an awer war et och dëst Joer net ganz roueg. Dofir huet ënnert anerem d'Europawal gesuergt, déi genau sou um Programm stoung, wéi gewëssen aner Evenementer weltwäit

deenen hiren Ausgang een aus verschiddenste Grënn zum Iwwerleeë bruecht hunn.

An engem Joer, an deene Wale virun der Dir stinn, kënnst ëmmer vill Hektik op, wat dës Kéier net vill anescht war, esou dass déi Woche virun de Walen op en Neits eng Erausforderung fir all Eenzelen duergestallt hunn.

Wa mer e Bléck an d'Ausland riichten, da stelle mer fest, dass de Konflikt tëscht der Ukrain a Russland och no bal 3 Joer nach ëmmer net geléist ass. Och am Konflikt am Gazasträif schéngt eng Verbesserung vun der Situatioun wäit ewech ze leien, wat dach äusserst bedenklech ass.

D'Welt ass am konstante Wiessel, esou kënnst et bekanntlecherweis am Januar an den USA nees zum Retour vum Donald Trump um Presidenteposten, dat no enger ganz turbulenter Walcampagne. An eisen Nopeschlänner kann een observéieren, dass dee rietsen Trend aus deene leschte Jore bestätegt gëtt. Partie wei d'AFD an Däitschland oder de Rassemblement National a Frankräich gewannen ëmmer méi un Zoustëmmung, wat sécherlech och zum Deel duerch déi onstabil politesch Lag an deene Länner bedéngt ass. Et kann een dovunner ausgoen, dass sech d'Situatioun an eisen Nopeschlänner och am Joer 2025 net onbedéngt drastesch verännere wäert.

PROJETEN

Am Numm vun der DP kann ech nëmme soen dass mer immens houfreg drop sinn, dass et zu Éilereng gutt viru gaangen ass mat deene jeeweilege Projeten, sief et eng fonkelnei Maison Relais déi elo säit dësem Joer am Duerfkär a Betrib ass, wéi och Commercen, zum Beispill ee Barber, eng Epicerie an e Vélosbuttek fir der nëmmen 3 ze nennen, vun deene mer endlech no villen Denkestéiss och elo zu Éilereng profitéieren kënnen. Mä fannen et och nëmme richteg, dass den Duerfkär vun enger 30er Zone ëmginn ass.

Nodeems d'Gemeng dat fréiert Paschtoueschhaus kaf huet, ass decidéiert ginn, dat aalt a verwaarlost Haus nieft der Primärschoul ofzerappen. Dëst war sécherlech, an Ubetracht vu sengem Zoustand, eng gutt Initiativ. Hoffentlech kann och dorauer ee flotte Projet entstoen.

Dee gesamte Projet hu mir vun Ufank un ënnerstëtzt a gepusht an et ass flott ze gesinn, dass elo alles steet, wann och mat enger gewësser Verspéidung. Mee wéi seet een esou schéin, besser spéit ewéi ni.

Op där anerer Säit muss een elo weider schaffen, fir dat klengst Duerf aus der Gemeng och weiderhin attraktiv ze gestalten fir d'Leit. Ech widderhuele mech villäicht, mee dee schnellen Internet ass en Thema deen eis keng Rou léisst. Als Beispill

fir eng ganz Partie Strossen aus eiser Gemeng, kenne mer d'Cité op Gewaennchen huelen, déi laut der Post eréischt am Joer 2030 vun dëser Zort vu modernem Internet profitéieren kann. Dëst fannen ech bedauerlech a bedenklech a steet am Géigesaz zu deem wat dës Gemeng eigentlech sollt duerstellen: eng dynamesch a modern Gemeng. Et kann een nëmme hoffen, dass dat Thema endlech eng gréisser Bedeitung bei eise Gemengeresponsabelen anhëlt a si d'Initiativ ergräifen den Internetausbau méi schnell virun ze bréngen. D'Zukunft wäert weisen, op d'Gemeng hirem gudde Ruff hei gerecht ka ginn.

Eng ganz Rei Umierkungen, déi zukünfteg Projete betreffen, hätt ech och nach virleien.

Esou géife mir als DP et wichteg fannen, wann an eiser Gemeng en Outdoor-Fitness géif erricht ginn, fir Persounen allen Alters d'Méiglechkeet ze bidden, änlech wei am Lavalspark zu Esch, dobausse Geräter zur Verfügung ze hu fir kënne Sport ze maachen.

D'Hondswiss am Park um Belval fanne mir eng gutt Initiativ, allerdéngs feelt et hei an der Gemeng u Poubellen, wéi och un Tuutespender, esou wéi et se beispillsweis zu Monnerech ginn. Dëst géif de Leit déi en Hond hunn d'Liewe massiv vereinfachen.

Als nächste Punkt wëlle mir och verschidden Detailler uschwätzen, déi awer ganz wichteg am Alldag vun de Leit sinn. Esou ass an där neier Commerce-Zone zu Éilereng zwar e Barbershop, wat mir duerchaus begréissen, mais d'Fro déi ganz no läit ass déi, wéi et mat engem Coiffer ausgesäit?

Dann, eppes wat mer speziell um Häerz läit, ass de Keupewee zu Éilereng. Zemol fir Foussgänger, awer och Kanner, déi ënnen eng Spillplaz hunn ass et geféierlech wann vun uewen erof Vélosfuerer kommen, déi oft eng immens Vitesse drop hunn. Et wier begréissenswäert wann een hei kéint eng Aart „Bremsen“ an d'Strooss setzen, fir souwuel d'Vélosfuerer selwer, mee och d'Leit, d'Kanner an d'Déieren ze schützen. Wat mer och opgefällt ass, dass d'Barrière um nammlechte Keupewee oft op ass nodeems de Bauer nees fortgefuer ass. Dëst féiert dozou dass eng ganz Partie Leit scho mam Auto de Wee eropgefuer sinn, deen net fir si geduecht ass.

Eng läscht Remarque ass déi, dass et ubruecht wier am Ausgang vun der Cité op Gewaennchen zu Éilereng e Spigel ze installéieren, well et sech heibäi em eng vill befuere Kräizung handelt, bei där d'Siicht net ganz gutt ass, dëst ënnert anerem duerch d'Hecke bei den Haiser.

Et wier och wëschenswäert, um Belval méi Parkméiglechkeeten ze hu fir Elteren, déi hir Kanner an d'Crèche oder an d'Schoul bréngen. E sougenannte „Kiss and Go“ wier eng Iddi.

Wéi all Joer, wësse mer, dass d'Ënnerhalen, esouwéi den Ausbau vun de Stroossenetzter vill Geld verschlénkt. Sécher ass et wichteg am Virfeld ze kucke wou d'Prioritéite leien, respektiv den Hiewel ugesat gëtt fir ze spueren an trotzdeem opmierksam ze sinn, falls Urgencen ufalen.

D'Awunnerzuel zum 01.01.2025 geet op 19.500 erop. Weider Personal, wäert also trotz Aspierungen agestellt musse gi fir dem zousätzlechen Opwand Rechnung ze droen.

Mir begrëssen et dass am Budget Plaz ass fir de Fokus op Schoulen a Kannerbetreuung ze leeën an dass d'Bildung vu Kanner a Jonken am Vierdergrond steet.

D'Finanzschäffin Madamm Morgenthaler, huet eis deen ordinäre Budget un Hand vun enger detaillierter PowerPoint-Show presentéiert. Si huet erkläert, wei et mat de Recetten am Budgetsjoer 2025 ausgesäit. Engersäits beziffert sech d'Dotatioun vum Staat op 76,8 Milliounen an den sougenannten ICC op 3,7 Milliounen, wat mir als DP begrëssen. Doriwwer eraus huet si d'Allocatioun vum Staat fir d'SEAen ugeschwat, déi sech op ongeféier 14,8 Milliounen bezifferen.

Wann ee bedenkt dass am Compte 2023 ee Benefice vu ronn 20,6 Milliounen am uerdentleche Budget iwwreg ass, a fir d'Joer 2024 en Iwwerschoss vu ronn 11,5 Milliounen geplangt ass, da kann ee soen, dass insgesamt eng gutt Aarbescht geleeest ginn ass.

Am Allgemengen ass gutt geschafft ginn an dofir hunn ech am Numm vun der DP och déi meeschte Projete matgedroen. Duerch déi onsécher politesch a sozio-ekonomesch Zäit déi mer duerchliewe kann ee leider nach net genee soe wéi et an nächster Zäit weider geet an et bleift ze hoffen, dass sech d'Lag e bëssen entspaant, wat zur Zäit leider nëmme Wonschdenken ze si schéngt.

Och wann ee weider investéiere soll, fir d'Konjunktur ze fërderen, respektiv de Karussell sech weider beweegt, esou soll een awer net den Horizont aus den Ae verléieren a virsiichteg bleiwen.

Well eng ganz Rei vun de Projeten eise liberale Virstellungen entsprechen, anerer awer nëmme bedéngt, hunn ech am Numm vun der DP Suessem entscheet, mech dëst Joer beim Vott vum Budget 2025 ze enthalen.

Villmools Merci fir d'Nolauschteren.

Patricia SPECK-BRAUN,
DP-Gemengeconseillère



CSV

Prise de position par Gaston Anen

**DE BUDGET 2025:
E RAISONNABELE BUDGET**

D'Madamm Buergermeeschtesch Simone Asselborn-Bintz an d'Finanzschäffin, d'Madamm Nathalie Morgenthaler, hunn d'Zuele vum Budget 2025 leschte Méindeg presentéiert.

Ech well hei elo just eng global Approche vun dësem Budget ginn an op e puer Aspekter hiweisen, déi eis besonnesch wichteg sinn.

De Budget 2025, wéi déi vun de leschte Joren, dréit kloer d'Handschrëft vun den zwou Parteien CSV an LSAP, fir dem Koalitiounsprogramm gerecht ze ginn. Et ass also selbstverständlech, datt mir als CSV-Fraktioun hannert dësem Budget stinn.

Eng Budgetsdebatt ass d'Geleeënheet ze weisen, wat wäert gemaach ginn, an och op dat dem Programm, deen d'Majoritéitsparteien opgesat hunn, entsprécht. Dobäi muss, natierlech, de jeeeweils aktuelle Gegebenheete Rechnung gedroe ginn. Et kann een net méi Suen ausginn,



wéi een der huet, a wann een eppes léint, muss een natierlech och dat kënnen ze gegebener Zäit erëmbezuelen.

Eng Budgetsdebatt därfer awer net e Spill sinn, wou d'Majoritéit just seet, dass de Budget genial ass, an d'Oppositoun par définition dogéint ass, well si natierlech alles besser géif maachen.

Et soll net zu enger Karikatur degradéiert ginn. Och eng Majoritéit kann net alles maache wat si wëll, et mussen Kompromësser gemaach ginn, Prioritéite gesat ginn opgrond vun de Moyenen, déi do sinn. **Déi real zur Verfügung stoend Sue mussen effizient a wuelgeplangt ausgi ginn.** Et kommen och Situatiounen, déi engem net erlaben, an dem Rhythmus Projeten ze realiséieren, wéi een sech dat virgestallt huet.

De Budget, iwwert dee mir hei schwätzen, spigelt eng **richteg a raisonnabel** Haltung, fir och an Zukunft en harmonescht Zesummeliewen an eiser Gemeng ze fërderen, wou jidder Awunner seng Plaz a säi Gléck soll fannen.

Ech soen „richteg a raisonnabel“, an net an alle Punkten nohalteg. Déi eenzeg fundamental Kritik, déi ech un dësem Budget hunn, ass, dass mir – ech soe bewosst „mir“, dat heescht d'Majoritéit –, eis nach net genuch engagéieren, fir eiser

Resolutioun – den Ëmweltwäerter geméiss der Resolutioun vum Klimabündnis, déi mir gestëmmt hunn –, ze entsprechen. Wat nach net ass, kann nach kommen, an ech weess, dass fir déi nei Projete wéi de Site vum Service Technique an d'Vergréisserung vun de Schoulgebaier dat wäert berücksichtegt ginn. Et ass virun allem, dass d'Sanéiere vun eise besteende Gebaier, zumindest do wou et Sënn mécht, ugepak gëtt. Bei den Astellungen, déi fir d'nächst Joer virgesi sinn, ass och de Poste vun engem Elektrotechniker, deen ë.a. als Charge kritt, d'elektresch Consommatioun an de Gebaier ze kontrolléieren, sou dass Hoffnung besteet, dass dësen Aspekt méi resolut ugepak gëtt. Bei dëser Kritik betounen ech awer och, dass global gesinn, zanter ville Joren, an déi richteg Richtung geschafft gëtt.

E Budget, dat sinn net nëmmen Zuelen, mee et ass natierlech och eng Philosophie dohannert, där mir wëlle gerecht ginn. Och Contraintë mussen berücksichtegt ginn, ewéi net méi Suen ausginn ewéi der do sinn, an déi Suen déi zur Dispositioun stinn effizient a sou gerecht ewéi méiglech iwwert déi verschidde Ressorte verdeelen. Dëst Joer hu mir vum Staat, dat heescht der Regierung, méi Suen „kritt“: +17,4% am ICC an +17,2% am FDGC, also knapp 12 Mio. Euro méi am Verglach mat 2023. Op der anerer Säit, dank enger staatlecher Reorganisatioun vun de Gemengekontributiounen, hu mir manner Ausgabe fir de CGDIS: 282.000€ statt ewéi d'lescht Joer ronn 1 Mio. Euro. Dës Ännerungen erlaben de previsibelen Iwwerschoss vu bal 12 Mio. Euro am ordinäre Budget.

Wéi der all wësst, kann een d'gesellschaftlech Positioun vun der CSV an dräi Wieder resuméieren: **Personalitéit, Solidaritéit a Subsidiaritéit.** Och an engem Budget, dee mir matdroen, mussen dës Prinzippien erëmzefanne sinn. Prinzippien, déi och, mat ënnerschiddlechen Akzenter, bei de meeschte Parteien erëmzefanne sinn.

Personalitéit, dat heescht dass all eenzel Persoun am Mëttelpunkt steet. Dëst iwwerschnéit sech mat de Begrëffer **Solidaritéit**, déi eng géigesäiteg (Mat-)Verantwortung a (Mat-)Verpflichtung verlaangt, an der **Subsidiaritéit**, wou Eegeleeschtung a Selbstbestëmmung vun der Persoun un éischer Stell steet an awer d'Gemeinschaft eréischt do hëlleft, wou den Einzelnen iwwerfordert ass.

D'Ausgaben an d'Einname mussen een ëmmer am Bléck behalen. E Plangen, fir d'Iwwersiicht ze behalen, ass noutwendeg. Sou wäerte an den nächste Jore verschidde grouss Ausgaben op eis zoukommen, woubäi en Emprunt warscheinlech onëmgängelech wäert sinn. Mir sinn elo 19.000 Awunner, an d'Zuel wäert nach zouhuelen, sou dass, wéi am Budget vermierkt, en Ausbau vun de Schoulen an de Bau vun engem neie Site fir de Service Technique noutwendeg ass. Am Budget si 500.000€ fir d'Etude vum Site virgesinn, also komme gréisser Ausgaben op eis duer.

De gréissten Deel vun den Ausgaben am ordinäre Budget ass d'Personal mat 64%, oder anescht ersä: ronn 75 Mio. Euro. Wann d'REWA an den SEA net matgerech ginn, bleift et nach eng Zuel vu ronn 34 Mio. Euro fir d'Gemengepersonal. D'Ästellung vun neien Aarbechter a Beamten ass realistesch a vertriebar mat 20,7 ETP. Den Detail vun de Posten ass e Méindeg virgestallt ginn.

Déi eenzel Projete sinn och e Méindeg virgestallt, a kënnen all nogelies, ginn. Ech iwwerfléie just déi verschidde Ressorte mat deem engen oder anere Beispill.

Déi traditionell a wichteg Ausgabe fir d'Waasser, ordinären an extraordinären. Budget zesummegeholl, ergi ronn 6,6 Mio. Euro. Fir d'Ofwaasser komme mir op ronn 6,4 Mio. Euro. Dës Zuele wäerten och an Zukunft net erfroen, well mir jo souwuel e qualitativ gutt Waasser wëllen an handelen, datt d'Natur sou weineg wéi méiglech ënnert eisen Ofwässer leit.

D'Energiekäschte sinn iwwert all Servicer zesummegeholl an de leschte Jore bedeitend an d'Luucht gaangen. Sou sinn elo fir d'Elektrescht vun der Gemeng d'previsibel Ausgaben op 2.672.750€ evaluéiert, dat sinn 876.250€ méi ewéi 2024. Fir de Gas ass et e Plus vun 187.600€, also: 1.361.900€. Wuelverstanen all Ressorten zesummegehorecht. **Spueren a verantwortungsvoll Ëmgoe mat eise Ressourcen ass eng Erausforderung fir eis all.** Dës Käschte sollten och en Usporn fir eis all sinn, verantwortungsvoll ëmzegoe mat de Ressourcen. Als Gemeng si mir do um richtege Wee, als Beispill: zanter Jore gëtt d'Geliicht an de Gemengegebaier progressiv den haitege Standarden ugepasst an op de Stroosse gëtt de Masterplan „Stroossebeliichtung“ no an no ëmgesat.

Beim Kapitel „**Protection de la Nature**“ ass de Budget um selwechten Niveau ewéi d'lescht Joer mat ronn enger hallwer Millioun Euro. Ervirzehiewen ass och den Amenagement „Verdissement“ vun enger Bunn an der Avenue 2000 zu Zolwer fir 500.000€. Fir dësse Projet hu mir den éischte Präis gewonnen beim Concours „Méi Natur an eise Stied an Dierfer“, dee vum Ëmweltministère organiséiert war a mat 423.000€ subsidiéiert gëtt.

Am Kader vum Klimapakt ass och d'Installatioun vun enger Spullmaschinn fir erëmverwäertbaart Geschier an der „Spullkëscht“ virgesi fir 255.000€.

D'Kapitel **Logements** et Équipements collectifs sinn dës Käier besonnesch héich mat bal 25.000.000€ a maachen zwee Drëttel vum extraordinäre Budget aus. Et ginn 3 Appartementer am Lotissement „Metzerhéicht“ kaf fir 800.000€. Am Kader vum Pacte Logement sinn 2.000.000€ fir Logementer virgesinn. 10 Milliounen si virgesi fir e Projet um Belval Nord: fir medezinesch a paramedezinesch Servicer,

fir e multifunktionelle Sall an och Bureaue fir „d'équipe de proximité“.

Bei den **ëffentleche Plaze** bleift de Budget sou héich ewéi d'lescht Joer: ronn 3,5 Mio. Euro. Vill Personal ass do noutwendeg, also ass och de gréissten Deel dovun fir d'Leit ze bezuelen: ronn 2,6 Mio. Euro. D'Elektrizitéit fir d'Luuchte kascht 533.000€.

Fir de **Stroossebau** si 5 Mio. Euro virgesinn. Dorënner: d'Mise en conformité vun den Zebrasträife kascht 100.000€ an d'Ersetze vu Verkéiersluuchten 150.000€. D'Aarbechte fir d'Zone 30 bei der Schoul Biele-Post gi mat 1,2 Mio. Euro festgeschriwwen, dozou gehéiert och en Amenagement vum Parking an der rue de la Poste.

Eis Schoule gi verantwortungsvoll ënnerstëtzt. Am Enseignement fondamental belafe sech déi ordinär Ausgaben op 8.211.000€. Erausgepickt just d'Fraise fir d'Kolonie fir d'Kanner aus dem Cycle 4.2: 400.000€. Am Schoulsecteur stieche virun allem den Neibau vun der Maison Relais nieft der Schoul 2000 an d'A: 9.850.000€, an den SEA zu Suessem: 9.450.000€. Depensen, déi sech iwwert e puer Joer erstrecken.

Wa mir de Secteur vun der **Kultur** an dem **Sport** kucken, gesi mir, datt si allen zwee bedeitend ënnerstëtzt ginn. Iwwert 200.000€ ginn un 63 Associatiounen a Veräiner fir geleeschten Aarbecht an Engagement verdeelt. Am ordinäre Budget sinn d'Ausgaben, zesummegezielt: 1.079.410€ fir de Secteur vun der Kultur, an 3.758.367€ fir de Sport. Wuelverstanen Infrastrukturearbechten, Entretien a Personal zesummegehuecht. Am Extraordinäre sinn et 1.352.500€ fir d'Sportsterrainen, z. B.: 200.000€ fir de Sportsterrain hannert der Schoul 2000 respektiv 500.000€ fir d'Buvette vum FC The Belval Biele. Fir d'Kulturzentre sinn am Extraordinären 1.028.000€ virgesinn, z. B.: 200.000€ fir d'Etude de faisabilité fir e Musekssall fir d'Éilerenger Musek, respektiv 30.000€ fir d'Erneiere vum „éclairage scénique“ am Hall Polyvalent zu Suessem.

Am Soziale verweise mir op déi vill sozial a partizipativ Projete wéi de CIGL, d'Matgesfeld, ... weider kënnen mir verweisen op déi gutt Servicer, déi mir hunn: d'REWA, de Service Senior +, Repas sur roues, d'Maison Relais wou et keng Waardelëscht gëtt, d'Jugendhaiser, den Office Social dee ganz wäertvoll an nützlich Aarbecht mécht. Leit, déi geflücht sinn aus hirem Land a bei eis ënnerbruecht sinn, si wëllkomm.

Am Gemengerot vum 15. November 2024 ass och decidéiert ginn, als Zeeche vu Solidaritéit am Kader vun der humanitärer Hëllef, de Bäitrag vun der Gemeng fir eis Associatioun „D'Gemeng Suessem hëlleft“ vun 1€ op 2€ pro Awunner pro Joer ze héijen. Sou dass d'nächst Joer de Gemengebäitrag 38.000€ ausmécht.

Bei de **Kierfechter** sinn d'nächst Joer eng Rei Aarbechte virgesinn. Wann am Ordinären de Budget mat 667.640 € liicht méi héich ass wéi dee vun dësem Joer, sou ass am Extraordinären eng bedeitend Erhéijung ze gesinn: 979.138,62 €. Dëst erkläert sech virun allem duerch d'Astandsetze vun de Weeër um Kierfecht vu Bieles: 745.000 €, an d'Vergréisserung vum Kierfecht zu Zolwer: 100.000 €.

Eng Neierung am Budget fir 2025 ass e Poste fir e **partizipative Budget**, fir dee 50.000 € zur Verfügung stinn.

Als Lescht, an dëser net exhaustiver Duerstellung, well ech hiweisen op eis Schold, déi de Moment mat 1.251 € pro Kapp absolut raisonnabel ass.

Ech wëll net vergiessen, och de Leit aus dësem Haus, déi um Budget geschafft hunn, besonnesch natierlech dem Service Financier, Merci ze soe fir hir wäertvoll Aarbecht.

Wéi am Ufank vun der Ried betount, stëmme mir als Fraktioun dëse Budget.

Merci fir d'Nolauschteren.

Gaston Anen



LSAP

Prise de position par Marc Haas

BUDGET 2025

Léif Alleguerten,

E Budget, deen déi richteg Prioritéite setzt.

D'Joer 2024 ass gläich ëm a mär kucke mat dësem Budget an d'Joer 2025 eran. E Budget, deen sech méi stabil presentéiert ewéi déi lescht Joren. Ech wëll heimat als Budgetssprecher vun der LSAP, genee wéi meng Virriedner dat och scho gemaach hunn, dem Gemengesekretariat mat un der Spëtzt dem Manon Greven, esou wéi och dem Mathias Jänisch an dem Fabio Vispi, Merci soen, datt si sech dësem Budget ugeholl hunn. Si hunn zesumme mam Schäfferot an an Zesummenaarbecht mat all de Gemengeservicer a ville Reuniounen déi richteg Léisunge fonnt, fir datt eis Gemeng och an Zukunft déi Gemeng bleift, déi mär kennen an déi mär gären hunn. Nämlech eng Gemeng, wou et sech vu kleng bis al gutt lieue léisst, an déier jiddereen seng Plaz fanne kann a wou jidderee gutt opgehuewen ass. Aus deem Grond un äech – stellvertriedend fir all eis Gemengemataarbechter – e grouse Merci.

D'Joer 2025 steet also virun der Dier a mär all wëssen: d'Welt ronderëm eis ass komplex a gepräägt vun Onsécherheeten – sief et duerch Kricher, global Krisen, ekonomesch Erausforderungen, ewéi och de Klimawandel. Ëmsou méi beandroekend ass et dann, wann een an eiser Gemeng e Budget präsentéiere kann, deen net nëmme stabil ass, mee och nach vill wichtig Prioritéite setzt. Mee dozou spéider méi.

Komme mär fir d'éischt zu der Gesamtsituatioun an zum ordinäre Budget.

Mär schléissen d'Joer 2024 mat engem Montant vun 33,2 Mio. Euro op eisem Konto of a kënne mat deene Sue vill Investitiounen am Joer 2025 plangen. Mär hate schlussendlech Recettë vun 126,24 Mio. Euro – dës louchen am Initial 2024 nach bei 116 Milliounen – ewéi Ausgabe vun 109,17 Milliounen am ordinären Deel. Dëst ergëtt e Plus vu Ronn 17 Milliounen am ordinären Deel. Hei erkennt een, datt d'Circularien, déi vum Inneministère un eis erugedroe ginn, an déi d'Budgets-preparatioune guidéiere sollen, éischter verhale Prognose fir e Joer opstellen, fir datt eng Gemeng op jiddefall hire Budget anhale kann. Duerch de „Principe de prudence“ kënne mär also dovun ausgoen, datt de Budget fir 2025 net méi schlecht ausfale wäert, ewéi dat wat mär haut stëmmen.

D'Recetten am ordinären Deel leie fir d'Joer 2025 bei knapps 128 Milliounen an d'Ausgabe wäerten sech op 116 Milliounen chiffrieren. Dëst bedeit e Boni vu bal 12 Mio. Euro, mat deem mär eis ausseruerdentlech Projete finanzéiere kënnen.

Well eis Recetten an deem Beräich awer éischter geréng ausfale wäerten, a mär – genee wéi den Inneministère et a senger Circulaire 2024-071 och vun eis verlaangt – eis Ausgabe weiderhin héich halen, wäerte mär d'Joer 2025 mat enger Zomm vun 857.393€ op eisem Konto ophalen. Mär brauchen also keen neien Emprunt anzesetzen an d'ass gutt a wichteg, wësse mär dach, dass den Ament Zënsen nach ëmmer héich sinn. Den Emprunt, dee mär Enn 2022, also nach kuerz virun den drasteschen Zënserhéijungen, getätegt haten, war, wéi ech och scho lescht Joer gesot hunn, genee zum richtege Ament nach gezu ginn. Interessant géllt et natierlech ze kucken, wou mär d'nächst Joer dru sinn, mee vu dass mär keng Glaskugel hunn, treffe mer eis an engem Joer erëm hei an da wësse mär méi.

Eis uerdentlech Einname klammen duerch eng zolidd Hausse beim FDGC an ICC. Eis uerdentlech Depensé ginn och an d'Luucht. Dës Depensé steigen net nëmme duerch déi verbessert Kollektiv-Vertrag fir eis Mataarbechter – Leit, déi mär gäre gutt bezuelen, well se fir eis Gemeng eng wichteg Aufgab erleedegen –, mee och duerch Decisiounen, déi op nationalem Niveau gefält an déi op eis als Gemeng erofgebrach ginn. Wéi z. B. den neie Schlëssel beim Fonds pour l'Emploi, wouduerch eng méi gerecht Verdeelung un d'Gemengen eis Gemeng, mat 470.000€, méi abezuele wäert mussen. Op dës Verdeelung sou tatsächlech méi gerecht ass, dierf een sech froen, wann ee bedenkt, dass aner Gemenge guer keng Scholden ze droen hunn an deemno ouni gréisser Problemer dës Bäitrag hätte weider droe kënnen. D'ass eischt eist Verständnis vu Solidaritéit, mee mär wäerten trotzdeem dës Bäitrag schëlleren. Och wäert d'Deckelung vum Gas- an Elektrizitéitspräis nächst Joer ophalen. En Accord, deem 2022 bei der Tripartite fonnt gouf. Sou wäert eis de Gas an deene sëllege Gebaier nächst Joer viraussiichtlech 16% méi kaschten, während d'Elektrizitéit am Ganzen ëm 49% méi deier gétt. Frou ass eise Portmonni, dass d'Participatioun bei den Onkäschte vum CGDIS wäert erfoegen, an d'ass vun 1 Mio. Euro op 2025 just nach 282.000€.

Während an deene leschte Joren a Joerzénge duerch dës an déi virrëscht Schäfferéit (dobäi benotzen ech ganz bewusst d'Mehrzahl) virun allem déi solidaresch a sozial Dimensioun am Budget opgebaut an ofgeséichert gouf, brauche mär eis haut net ze verstoppe wann ee freet: „A wat mécht är Gemeng fir déi Äermsten an Noutbedürfteg?“. Sou gouf d'Grompergeld fir d'nächst Joer vun 900.000€ op 1,1 Mio. Euro eropgehuewen. Märbleiwen also bei eisem Bäitrag vu 70% vun der Allocation de vie chère, obwuel dës duerch nei Konditiounen op nationalem Plang wäert fir e méi grouse Public opgemaach, ewéi och erhéicht ginn. Donieft hu mär en Office Social, e Service Logement an e CIGL, déi gutt opgestallt sinn a gutt funktionéieren. Si leeschten eng wichteg Aarbecht an der Begleedung vu Leit, déi a Schwiereregkeete sinn. Och eis Résidence op der Waassertrap sollt een do nach eng kéier ervirhiewen. Och si hëllef am CIPA ewéi och beim

Audroe vum Iessen, dass eis Elteren a Grouselteren am Alter net vereinsamen an nach gutt lieve kënnen. E Service, deem eise Budget zu engem groussen Deel präägt, maachen dach eleng d'Salairé vun der REWA 20% vun all de Salaireskäschte vun der Gemeng aus. Derbäi kënnt, dass d'Assurance dépendances-Recetté vun 9,2 Mio. Euro 2023 op 6,4 Mio. Euro 2024, an eben och op 7,6 Mio. Euro 2025 erofgaange sinn, a mär dowéinst kee Plus bei der REWA wäerten opweise kënnen. Mee d'Seniorepolitik ass eis wichteg, an dofir investéiere mär gären an dës Beräich, net zulescht och an de Service Senior+, deem sech virop un déi eeler Leit, déi wëllen doheem wunne bleiwen, riicht an si dobäi ënnerstëtzt.

Alles an allem kënnen mär als Gemeng net kloen, wat eisen uerdentleche Budget ugeet. Mär sinn houfreg op eis knapp 900 Mataarbechter aus all eise Servicer. Servicer déi mär net externaliséieren. D'ass e Punkt, deem eis als LSAP ganz wichteg ass.

Komme mer lo zum ausseruerdentlechen Deel, wou de Schäfferot weiderhi keng Nice-to-have Projete lancéiert, mee sech d'Prioritéiten am Beräich vun der Bildung a Kannerbetreiwung, dem Wuelbefannen an der Gemeng an awer och den Erausforderunge vum 21. Joerhonnert setzt.

Sou schaffe mär weider un der Ausféierung vum Masterplang Bildung 2035, deem eis virausseet, dass mär bis zum Joer 2035 un eiser Schoulinfrastruktur musse schaffen, fir dass déi steigend Zuel u Schoulkanner weiderhi Plaz an eise Klasse säll fannen. Nodeems an de leschte Jore scho vill Projeten ausgeschafft goufen, huet de Schäfferot d'ass Joer Neel mat Käpp gemaach an an eng mobil Modularstruktur investéiert, déi si net duerch Subventiounen vum Staat wäert zeréckerstatt kréien. Eng Struktur, déi eis hëllef wäert, dass d'Kanner während de kommende Renovatiouns- an Ausbauarbechten un de Schoule gutt opgehuewe sinn.

Zu Suessem entsteet duerch de Bau vun enger neier Struktur e Campus, zu Éilereng ass viru kuerzem d'SEA an der Walerwiss opgaangen an zu Zolwer bei der Schoul 2000 geet d'Struktur och gläich op. D'Schoul Zenter zu Zolwer gétt renovéiert an am Roude Wee gi Faisabilitéitsetüden duerchgefouert, fir d'Schoul ze vergréisseren an dobäi och eng Sportshal mat Schwemm z'implementéieren. Wichtig Projeten, déi all eise Kanner déngen an déi hinnen erméigleche sollen, méiglechst an optimale Konditiounen hiert Schoulliewen ze duerchlieden. De Willy Brandt sot mol eng kéier: „Eine Investition in Wissen bringt immer noch die besten Zinsen“, an sou spuere mär op kee Fall bei dës Projeten, wësse mer dach dass sech all Cent an d'Bildung rentéiert.

D'Wuelbefannen an d'Sécherheet sinn eis wichteg. Sou gétt no Éilereng lo och d'Zone virun der Bieles-Post Schoul

op 30 Kilometer an der Stonn limitéiert. Och planze mär endlech nach weider grouss Beem an de Park um Belval, eng Moosnam, déi virun allem am Summer de Leit wäert zeguttkommen.

Zum Wuelbefannen an der Gemeng gehéieren och eis Veräiner. Si leien eis um Häerz, bréngen si dach eis Bierger – vu jonk bis al – dozou sech z'engagéieren. Duerch si entsteet en Zesummenhalt an en Identitéitsgefill. Grad an enger Zäit wou d'Interesse vum Einzelnen oft un éischer Stell stinn, bitt e Veräin eng Plaz, wou Wäerter wéi Solidaritéit, Teamgeescht a Benevolat gelieft ginn. Och sollt een net vergiessen, dass d'Clubb e Sproochrouer an en Aushängeschëld vun enger Gemeng sinn. Si verrieden eis no baussen a wann et engem Club gutt geet a gutt optrëtt, fällt dëst och ëmmer bëssi op eis Gemeng zeréck. Sou si mär frou, dass den Terrain zu Éilereng fir U13 dëst Joer a scho bal Rekordzäit fäerdeggestallt gouf, a fir 2025 kritt de Liichtathletiktterrain en neie Bunnebelag an de Bielesser Fußball kritt eng nei Buvette. Dëst sinn nëmmen déi zwee gréisst Projete vu villen, déi mär fir eis Veräiner tätegen. Och ginn eis Halen a Kulturzentren ëmmer rëm op de leschte Stand bruecht, fir dass eis Veräiner an hinne gutt opgehuewe sinn.

D'Gemeng stellt sech op, fir sech den Erausfuerrunge vum 21. Joerhonnert ze stellen. Nieft de Renaturéierungsprojete vun de Bächleef zu Suessem steet an dësem Budget och eng Etude, fir e Gestionsplang fir de Risiko vun Iwwerschwemmungen an der Gemeng opzestellen. De Schutz virun Iwwerschwemmungen ass eng Problematik, déi sech net zulescht duerch d'Effekter vum Klimawandel an Zukunft ëmmer méi oft wäert stellen, an sou ass et gutt, sech op dëst Phänomen beschtméiglechst ze präparéieren. Eng aner Erausfuerrung vum 21. Joerhonnert ass d'Offallvermeidung. Op europäeschem Plang gouf decidéiert, dass d'Iessutensilie méifach benotzt solle ginn. Mär investéieren dowéinst an den Ausbau vun eiser „Spullkëscht“ a wäerten esou och Telleren an Änleches fir eis an aner Gemengen aus dem PRO-SUD wäschen. Stéchpunkt Green Events, déi mär fir eis eegen Events mee och fir d'Events vun eise Clibb fuerderen. 150.000€ stinn am Budget fir d'energeetesche Renovatioune vun eise Gemengegebaier, 500.000€ fir Begréngung vun der Avenue 2000 zu Zolwer. Artikelen, déi weisen, dass mär eis als Gemeng dem Klimawandel bewusst sinn an och eisen Deel dozou bäidroen wëllen. Dëst muss op jiddefall weider gefërdert ginn, wëlle mär och do als Gemeng mat guddem Beispill virgoen.

Eng lescht grouss Erausfuerrung, déi ech a menger Ried wéilt opgräifen, ass déi, dass d'Gemeng Acteur an der Logementsproblematik soll sinn. Nodeems an deene leschte Jore schon e puer Haiser an Appartementer kaf goufen, müssen dës och renovéiert ginn. Dës weidere stinn de Kaf vun neien Appartementer an och d'Méiglechkeet,

duerch de Pacte Logement weider Immobilien ze kafen, am Budget. Mär stellen eis also dëser Verantwortung ëmmer méi, iwwehuelen eis awer net. Eise Service Logement gëtt et nach net soulaang an aus deem Grond ass et och wichteg, dass dëst lues wiisst. Mee d'Tendenz ass op jiddefall steigend. Dobäi kënnt, dass mär souwuel mam Fonds du Logement ewéi och mat der SNHBM zesummeschaffen, fir dass, ewéi elo gläich um ale Geibens-Terrain, déi éischt Wunnenge fäerdeg ginn a wou dann nieft de ville Wunnengen och nach eng Plaz geschaf gëtt, wou den Office Social souwéi e Cabinet médical a paramédical entstoe wäert.

Well ech geléiert gouf, ëmmer mat deem beschten Argument – an deem heite Fall der gréisster Neierung – opzehalen, wollt ech hei als allerlescht nach de partizipative Budget ervirhiewen. Dës Neierung hu mär eis aus Nopeschgemengen ofgekuckt an erhoffen eis doduerch, eis Populatioun mat an d'Boot ze kréie fir fir eis Gemeng flott Projeten auszedenken a matzestalten. Dofir un äech dobaussen, déi dat heite liesen oder lauschteren: Falls där eng Iddi hutt, wéi där eis Gemeng méi schéin, méi convivial, méi liewenswäert oder méi fortschrëttlech kënnt maachen, dann zéckt net a kommt op eis duer.

Ofschléissend kann een also vun dësem Budget soen, dass mär duerch schlaue Investitioune, nohalteg Projeten an e kloren Fokus op Bildung an d'Erausfuerrunge vu Muer dofir suergen, dass eis Gemeng och an Zukunft liewenswäert bleift. Dobäi ass et eis gelungen, eng Balance ze fannen tëschent noutwenneger Spuersamkeet an dem virubrénge vu wichtege Projeten.

Och wann dëst wuel kloer ass, wëll ech awer der Vollstännegkeet halber soen, dass mär als LSAP dësem Budget zoustëmme wäerten.

Ech soen äech villmools Merci fir d'Nolauschteren.

Fir d'LSAP Gemeng SUESSEM,
Marc HAAS

LÖSUNGEN FÜR DIE HERAUSFORDERUNGEN VON MORGEN

Nach einer kurzen Unterbrechung reagierte Bürgermeisterin Simone Asselborn-Bintz (LSAP) auf die Kritik und Anmerkungen der Fraktion von déi gréng im Zusammenhang mit dem Haushalt. Zunächst erklärte sie, dass sich die Gemeinde intensiv mit der Installation von Photovoltaikanlagen beschäftigt. Sie betonte, dass sowohl neue als auch bestehende Gebäude auf ihre Eignung geprüft werden. Als Beispiel nannte sie das Gebäude der REWA, auf dem eine größere Anlage geplant sei, wobei die Zusammenarbeit mit SUDenergie eine wichtige

Rolle spiele. Serge Faber (déi gréng) zeigte sich erfreut über diese Entwicklungen, hinterfragte jedoch den Ansatz der Zusammenarbeit mit SUDenergie. Er plädierte für eine Eigenproduktion und -nutzung des erzeugten Stroms durch die Gemeinde, um wirtschaftliche und ökologische Vorteile langfristig sicherzustellen. Asselborn-Bintz (LSAP) entgegnete, dass auch diese Option bereits geprüft worden, sie jedoch nicht immer einfach umzusetzen sei. Dennoch schließe sie nicht aus, dass in Zukunft weitere Projekte in diese Richtung entwickelt werden. Die LSAP-Bürgermeisterin ging weiterhin auf die energetische Renovierung von Gemeindebauten ein und erläuterte, dass ein langfristiges Programm ins Leben gerufen wurde, bei dem jedes Jahr ein Gebäude umfassend renoviert wird. Für 2025 ist die Schule Zolver Zentrum vorgesehen. Außerdem sprach sie die Subventionsmöglichkeiten für energetische Verbesserungen an, wie Wärmepumpen und Photovoltaikanlagen. Diese sind aktuell in der Evaluierungsphase, weshalb noch keine festen Beträge im Budget vorgesehen sind.

Zum Thema Mobilität hob Asselborn-Bintz (LSAP) hervor, dass die Gemeinde im Bereich der Fahrradinfrastruktur im Vergleich zu anderen Kommunen gut aufgestellt sei. In Zusammenarbeit mit den anderen Kordallgemeinden werde an einem Mobilitätskonzept gearbeitet, um weitere Verbesserungen zu erreichen. In Bezug auf Zone-30-Bereiche erläuterte sie, dass die Vorgaben von der Straßenbauverwaltung geändert hätten, was die Umsetzung in manchen Bereichen verkompliziere. Serge Faber (déi gréng) kritisierte jedoch die Umsetzung in Ehleringen, wo lediglich eine Geschwindigkeitsbegrenzung auf 30 km/h gilt und die baulichen Maßnahmen wie Straßenverengungen unzureichend sind. Asselborn-Bintz (LSAP) erklärte, dass die aktuelle Planung auf früheren Vorgaben basiert, die heute möglicherweise anders ausfallen würden. Zu den geplanten Arbeiten an der Buvette vom Beleser Fussball betonte sie, dass die Arbeiten auch umfassende Sanierungsarbeiten an der elektrischen Anlage, den sanitären Einrichtungen und der Küche beinhalteten. Der Umfang dieser Maßnahmen rechtfertige die hohen Kosten. Zusätzlich erklärte sie, dass die gestiegenen Kosten für Diesel mit einer externen Firma zusammenhängen, die temporär für Kanalarbeiten in der Gemeinde eingesetzt wird. Was die geplante Umsiedlung des Service Technique angeht, so sei der Erwerb eines geeigneten Grundstücks im Gange, jedoch noch nicht vollständig abgeschlossen, weshalb die Budgetierung für diesen Posten flexibel gehandhabt wird.

Die Bürgermeisterin (LSAP) reagierte anschließend auf die Anmerkungen von déi Lénk. Sie erklärte, dass die Gemeinde bereits mehrfach Anträge gestellt und Briefe an die zuständigen Ministerien gerichtet habe, hinsichtlich einer *Cité de développement et d'aménagement* (CDA). Sie verwies darauf, dass sich die Gemeinde Sanem wichtige Infrastrukturen mit Esch teilt, welches bereits als CDA klassifiziert ist. Der zuständige Minister signalisierte, derzeit

keine Änderungen an den bestehenden CDA-Bestimmungen vorzunehmen. Stattdessen plane die Regierung alternative Finanzierungsmodelle, um Gemeinden mit besonderen Belastungen besser zu unterstützen. Zur Bürgerinnenbeteiligung erklärte Asselborn-Bintz (LSAP), dass die Gemeinde bereits diverse Ansätze verfolgt habe, um die Einbindung der Bevölkerung zu verbessern. Sie räumte jedoch ein, dass die Resonanz der Bürgerinnen oft gering sei. Sie kündigte an, dass der *Service des Relations publiques et de la Culture* im kommenden Jahr eine Strategie entwickeln soll, um Bürgerinnenbeteiligung effektiver zu gestalten.

Im Bereich der Seniorinnenpolitik unterstrich sie, dass die Gemeinde bereits umfangreiche Angebote wie die REWA, den demenzfreundlichen Ansatz und Projekte zur Bekämpfung der Einsamkeit umsetzt. Sie wies jedoch darauf hin, dass die Gemeinde kein zweites Altersheim plant, auch wenn umliegende Gemeinden wie Käerjeng und Reckingen entsprechende Projekte verfolgen. Myriam Cecchetti (déi Lénk) stellte dies nicht in Frage, wies jedoch auf die bestehenden Wartelisten für Seniorinnenunterkünfte hin. Asselborn-Bintz (LSAP) entgegnete, dass zusätzliche Kapazitäten in der Region durch Projekte anderer Gemeinden und bestehende Einrichtungen auf Belval geschaffen werden. Zur Frage nach mehr Autarkie der Gemeinde betonte sie, dass dies ein langfristiges Ziel sei. In Zusammenarbeit mit Pro-Sud und anderen Arbeitsgruppen werde an Maßnahmen zur Reduktion des CO₂-Fußabdrucks gearbeitet. Zwar gebe es aktuell keine umfassende Strategie, jedoch konkrete Einzelmaßnahmen, die in diese Richtung zielen. Zum Thema leerstehende Wohnungen räumte Asselborn-Bintz (LSAP) ein, dass die Gemeinde derzeit keine umfassenden Kontrollen oder Strategien verfolgt, da die Ermittlung solcher Leerstände äußerst aufwändig ist. Sie verwies darauf, dass der Service Logement jedoch proaktiv verfügbare Immobilien prüft, beispielsweise durch die Analyse von Verkaufsanzeigen.

KRITIK, KLARSTELLUNGEN UND KONSENS

Die LSAP-Bürgermeisterin ging zu den Kritikpunkten der Piraten über. Sie stellte zunächst klar, dass es bislang keine Anfrage des Personals hinsichtlich einer Betriebskantine gegeben hat. Sollten entsprechende Wünsche existieren, so bittet sie darum, dass diese an den Schöffenrat herangetragen werden. Zum Thema der Budgetumsetzung betonte sie, dass die Gemeinde 89,94 Prozent der geplanten Maßnahmen realisiert hat, was aus ihrer Sicht eine sehr gute Leistung darstelle. Bezüglich der Kritik an gestiegenen Energiepreisen unterstrich sie, dass dies keine Steuererhöhung darstelle, sondern auf allgemein gestiegene Beschaffungskosten zurückzuführen sei. Sie ging auch auf die Anmerkungen zur Förderung von Betrieben ein und verwies auf aktuelle Projekte wie die Erweiterung der ZARE, die künftig neue Unternehmen anziehen soll. Im Bereich kleinerer Gewerbe

wie Bäckereien und Lebensmittelgeschäfte räumte sie die Herausforderungen ein, geeignete Betreiber-innen zu finden, und lobte das Engagement jener, die sich diesen Aufgaben stellen.

Zur Frage nach einer gemeindeeigenen Musikschule erklärte sie, dass die bestehende Infrastruktur in den umliegenden Gemeinden, ergänzt durch Musikunterricht im Kannercampus Belval, ausreichend sei. Sie betonte die Sinnhaftigkeit von überregionalen Kooperationen, anstatt alle Dienste in jeder Gemeinde eigenständig aufzubauen. In Bezug auf die angesprochenen Honorare versicherte sie, dass sich die Gemeinde an die Richtlinien des Ordre des Architectes et des Ingénieurs-Conseils (OAI) halte und stets darauf achte, unnötige Mehrkosten zu vermeiden. Auch beim Event Winterfeeling hob sie die effiziente Organisation hervor, da die Veranstaltung nahezu kostendeckend durchgeführt worden sei. Zu den Anregungen, Veranstaltungen stärker interkommunal zu organisieren, plädierte sie dafür, dass jede Gemeinde ihre Schwerpunkte behält, wobei die Zusammenarbeit bei Bedarf, etwa durch die Bereitstellung von Material, weiterhin sehr gut funktionieren.

Mit dem Projekt Avenue 2000 startete ihre Reaktion auf die Aussagen der ADR-Vertreterin. Dieses Vorhaben basiere auf sorgfältiger Planung, um sowohl die ökologische als auch die soziale Situation in diesem Bereich zu verbessern. Sie führte aus, dass die Avenue 2000 aufgrund ihrer Größe und Breite im Sommer unter massiven Hitzestauen leidet. Die geplanten Maßnahmen, wie das Anlegen von Grünflächen, seien daher nicht nur ein ästhetisches Upgrade, sondern vor allem eine dringend notwendige Maßnahme zur Erhöhung der Lebensqualität der Anwohner-innen. Sie räumte ein, dass das Projekt auf Kritik gestoßen sei, betonte jedoch, dass solche Reaktionen in der Politik unvermeidbar seien. Die Gemeinde sei überzeugt, dass es sich um einen nachhaltigen und zukunftsorientierten Ansatz handle. Zu den Kostensteigerungen bei Immobilienprojekten erklärte Asselborn-Bintz (LSAP), dass diese oft erst im Verlauf der Arbeiten sichtbar werden, insbesondere bei älteren Gebäuden. Sie versprach, dass die Gemeinde in Zukunft verstärkt darauf achten wird, stark sanierungsbedürftige Immobilien zu vermeiden. Auf die Bemerkung der ADR, die Gemeinde verfüge nicht über ausreichend qualifiziertes Personal für Immobilienbewertungen, antwortete Asselborn-Bintz (LSAP), dass die Bewertungen von externen Expert-innen vorgenommen wird. Sie stellte klar, dass die Expertise dieser Fachleute nicht immer ausreicht, um alle potenziellen Risiken, wie etwa Asbestbelastungen, im Vorfeld zu identifizieren. Solche Fälle seien komplex und erforderten unter Umständen nachträgliche Anpassungen.

Abschließend ging die Bürgermeisterin (LSAP) noch auf den Vortrag der DP ein. Hinsichtlich der scheinbar schlechten Internetversorgung in Ehleringen stellte sie klar, dass die


Verantwortung für den Netzausbau bei der Post liegt und nicht bei der Gemeinde. Sie erklärte, dass die Gemeinde die Post bei Straßenarbeiten stets einlädt, ihre Leitungen zu verlegen, dies jedoch nur bei geplanten Sanierungsprojekten geschieht. Sie machte deutlich, dass die Gemeinde keine Straßen ohne Anlass öffnen könne. Diese Begrenzungen seien finanziell und praktisch bedingt. Asselborn-Bintz (LSAP) hob die Bemühungen der Gemeinde hervor, die Mobilität nachhaltig zu gestalten. Sie nannte Beispiele wie die Einführung des Pedibus-Projekts, das speziell darauf abzielt, den Autoverkehr in der Nähe von Schulen zu reduzieren. Ebenso erwähnte sie die Bereitstellung von Calisthenics-Anlagen auf Belval und dem Gaalgebirg, um den Bewohner-innen mehr Bewegungs- und Freizeitmöglichkeiten zu bieten. Sie stellte klar, dass es nicht notwendig ist, für solche Einrichtungen in Nachbargemeinden zu fahren, da die Gemeinde Sanem entsprechende Angebote bereithaltet. Abschließend richtete Asselborn-Bintz (LSAP) eine direkte Kritik an die DP-Rätin, die sich ausschließlich auf die Situation in Ehleringen konzentriert hat. Sie erinnerte daran, dass der Gemeinderat für die gesamte Gemeinde mit ihren 19.000 Einwohner-innen zuständig ist und nicht nur für einzelne Viertel. Diese einseitige Perspektive bezeichnete sie als bedauerlich.

Der berichtigte Haushalt 2024 und der Haushaltsentwurf 2025 wurden daraufhin mit einer Gegenstimme (Myriam Cecchetti) und drei Enthaltungen (Serge Faber, Mara Schammo, Patricia Speck-Braun) angenommen. Die Bürgermeisterin (LSAP) dankte allen Beteiligten für die engagierten Diskussionen im Rahmen der Budgetsitzung. Sie betonte, dass unterschiedliche Meinungen und Abstimmungsverhalten – sei es Zustimmung, Ablehnung oder Enthaltung – ein natürlicher Teil solcher Sitzungen sind. Entscheidend sei jedoch, dass alle Fraktionen letztlich gemeinsam das Ziel verfolgten, konstruktiv für das Wohl der Gemeinde zu arbeiten.



Audiodatei der Gemeinderatssitzung

WWW.SUESSEM.LU/LB/SEANCE-YEAR/2024



Procès-verbal des votes du Conseil communal de Sanem lors de la séance publique

vendredi, **17 janvier 2025**

date de l'annonce publique: **10 janvier 2025**
date de la convocation des conseillers: **10 janvier 2025**
début: **08h15** fin: **11h36**

PRÉSENTS:

Mme Asselborn-Bintz Simone, présidente,
M. Gaston Anen, M. Bronzetti Denis, Mme Cecchetti Myriam,
M. Dahm Yves, M. Da Silva Bruno, M. Faber Serge, M. Gierenz Steve,
M. Goelhausen Marco, M. Haas Marc, M. Krippeler Max,
Mme Logelin Anne, M. Lorang Mike, Mme Morgenthaler Nathalie,
Mme Romeo Franca, Mme Schammo Mara, Mme Speck-Braun Patricia
Mme Manon Greven, secrétaire communale

ABSENTS EXCUSÉS: /

PREMIER VOTANT: Mme Asselborn-Bintz Simone

Monsieur Bronzetti Denis n'a pas pris part
au vote des points 10 et 11.
Madame Cecchetti Myriam n'a pas pris part
au vote des points 11c, 11 d et 14d.

Madame Cecchetti Myriam n'a pas pris part
au vote des 2 amendements relatifs aux points 14b et 14c.

— ORDRE DU JOUR

1. Correspondance et informations.
2. 2. Approbation de rapports (15 novembre 2024,
25 novembre 2024 et 29 novembre 2024).

» **Vote unanime**

— PROJETS

3. Mise à niveau de la piste d'athlétisme à Soleuvre:
 - a. Crédit supplémentaire: 60.000,-€
(4/821/221200/23021).
 - b. Devis estimatif détaillé: 615.000,-€
(article budgétaire: 4/821/221200/23021).

» **Vote unanime**

4. Échanges des luminaires autour de la piste d'athlétisme
à Soleuvre. Devis estimatif détaillé: 35.000,-€
(article budgétaire: 4/821/221200/25052).

» **Vote unanime**

5. Mise en conformité de 3 arrêts de bus et de 5 passages piétons:
- Crédit supplémentaire 55.000,-€ (4/624/221313/24042).
 - Devis estimatif détaillé: 530.000,-€ (article budgétaire: 4/624/221313/24042).
» **Vote unanime**
6. Aménagement d'un trottoir reliant la rue de l'Usine avec la passerelle Belval Sud avec mise en conformité du passage piéton Rue de l'Usine à Belvaux. Devis estimatif détaillé: 180.000,-€ (article budgétaire: 4/624/221313/25001).
» **Vote unanime**
7. Acquisition d'un lave-vaisselle professionnel pour vaisselles réutilisables. Devis estimatif détaillé: 252.000,-€ (article budgétaire: 4/542/222100/24051).
» **Vote unanime**
8. Acquisitions dans le cadre du Pacte Climat. Devis estimatif détaillé: 40.000,-€ (article budgétaire: 4/542/222100/99001).
» **Vote unanime**
9. Gestion des risques d'inondations:
- Gestion des risques d'inondations (inondations et fortes pluies). Crédit supplémentaire: 90.000,-€ (4/130/211000/25060).
 - Gestion des risques d'inondations (inondations et fortes pluies). Devis estimatif détaillé: 250.000,-€ (4/130/211000/25060).
- **AMÉNAGEMENT COMMUNAL**
10. Approbation du projet de citation directe.
» **Vote unanime**
- **TRANSACTIONS IMMOBILIÈRES**
11. Contrats:
- Approbation de la résiliation d'un contrat de bail.
 - Approbation d'un contrat de bail concernant deux parcelles de terrain sises à Belvaux.
 - Approbation du contrat de bail abordable concernant l'appartement de 2 chambres au rdc sis à Sanem, 4C, rue de la Fontaine.
 - Approbation du contrat de bail abordable concernant l'appartement en colocation de 2 chambres au 2^e étage sis à Sanem, 4D, rue de la Fontaine.
 - Approbation du contrat de bail pour le salon de coiffure situé à la REWA.
» **Vote unanime**
12. Approbation d'un compromis de cession à titre gratuit concernant une parcelle de terrain sise à Soleuvre.
» **Vote unanime**

— **FINANCES COMMUNALES**

13. Home «Luss Collini»:
- Participation aux frais de fonctionnement 2023 du Home «Luss Collini».
 - Approbation d'une demande de subside extraordinaire de 5.474,23€ pour des travaux réalisés au Home «Luss Collini».
» **Vote unanime**
14. Epicerie solidaire:
- Approbation d'un subside extraordinaire de 212.966,44-€ au profit de l'Epicerie solidaire. » **Vote unanime**
 - Approbation d'une convention relative au financement et à la mise à disposition de localités à Soleuvre dans le cadre des projets «Eis Epicerie Zolwer» et «Eis Brasserie».

Suivant l'article 6 du règlement d'ordre intérieur du Conseil communal de la Commune de Sanem, Monsieur Serge Faber a demandé un amendement relatif au point 14b. La demande d'amendement propose de modifier le premier paragraphe de l'article 4 comme suit:

Un bilan de EPISOL accompagné d'un compte de résultat sera présenté au ~~Collège des bourgmestre et échevins~~ **Conseil Communal** par «Eis Epicerie – Zolwer» et «Eis Brasserie» pour chaque année jusqu'au 15 juin au plus tard. Un budget prévisionnel pour EPISOL pour l'année suivante sera présenté au ~~Collège des bourgmestre et échevins~~ **Conseil Communal** par «Eis Epicerie – Zolwer» et «Eis Brasserie» pour chaque année jusqu'au 01 octobre au plus tard.

La présidente propose de modifier l'amendement de M. Faber Serge comme suit:

Un bilan de EPISOL accompagné d'un compte de résultat sera présenté au ~~Collège des bourgmestre et échevins / au Conseil Communal~~ **à la Commune** par «Eis Epicerie – Zolwer» et «Eis Brasserie» pour chaque année jusqu'au 15 juin au plus tard. Un budget prévisionnel pour EPISOL pour l'année suivante sera présenté au ~~Collège des bourgmestre et échevins / au Conseil Communal~~ **à la Commune** «Eis Epicerie – Zolwer» et «Eis Brasserie» pour chaque année jusqu'au 01 octobre au plus tard.

L'amendement proposé a été soumis au vote du Conseil communal:

» **Votes positifs: 15**

Anen Gaston, Asselborn-Bintz Simone, Bronzetti Denis, Da Silva Bruno, Dahm Yves, Gierenz Steve, Goelhausen Marco, Haas Marc, Krippeler Max, Logelin Anne, Lorang Mike, Morgenthaler Nathalie, Romeo Franca, Schammo Mara, Speck-Braun Patricia

Votes négatifs: 1

Faber Serge

La convention du point 14b a été votée et modifiée comme suit:

Article 2:

Un contrat de bail réglant le loyer mensuel ainsi que les charges pour les localités de « Eis Epicerie – Zolwer » est rédigé dans un contrat de bail commercial à part, par le service Logement et est soumis également pour approbation au Conseil communal. Les modalités fixant le loyer mensuel ainsi que les charges pour les localités de « Eis Epicerie – Zolwer » sont définies dans un contrat de bail commercial à part, dressé par le service Logement et soumis pour approbation au Conseil communal.

Article 4:

Un bilan de EPISOL accompagné d'un compte de résultat sera présenté à la Commune par « Eis Epicerie – Zolwer » et « Eis Brasserie » pour chaque année jusqu'au 15 mai juin au plus tard. Un budget prévisionnel pour EPISOL pour l'année suivante sera présenté à la Commune par « Eis Epicerie – Zolwer » et « Eis Brasserie » pour chaque année jusqu'au 01 octobre au plus tard.

Article 5:

La présente convention est conclue sous réserve de respecter le règlement 2023/2832 de la Commission européenne du 13 décembre 2023 concernant les aides de minimis octroyées à des entreprises fournissant des services d'intérêt économique général (SIEG).

» **Votes positifs: 16**

Anen Gaston, Asselborn-Bintz Simone, Bronzetti Denis, Cecchetti Myriam, Da Silva Bruno, Dahm Yves, Gierenz Steve, Goelhausen Marco, Haas Marc, Krippeler Max, Logelin Anne, Lorang Mike, Morgenthaler Nathalie, Romeo Franca, Schammo Mara, Speck-Braun Patricia

Abstentions: 1

Faber Serge

c. Approbation d'un contrat de bail commercial.

Suivant l'article 6 du règlement d'ordre intérieur du Conseil communal de la Commune de Sanem, Monsieur Serge Faber a demandé un amendement relatif au point 14c.

La demande d'amendement propose de modifier le dernier paragraphe de l'article 1 comme suit:

Le locataire est rendu attentif au fait que toute modification de surface ou travaux d'amélioration/d'extension financés par le propriétaire (hormis travaux d'entretien courant à la charge du propriétaire) pourrait entraîner entraînera un recalcul du loyer.

L'amendement a été soumis au vote du Conseil communal:

» **Votes positifs: 3**

Da Silva Bruno, Faber Serge, Schammo Mara

Votes négatifs: 13

Anen Gaston, Asselborn-Bintz Simone, Bronzetti Denis, Dahm Yves, Gierenz Steve, Goelhausen Marco, Haas Marc, Krippeler Max, Logelin Anne, Lorang Mike, Morgenthaler Nathalie, Romeo Franca, Speck-Braun Patricia

Le contrat de bail commercial du point 14c a été voté comme suit:

» **Votes positifs: 14**

Anen Gaston, Asselborn-Bintz Simone, Bronzetti Denis, Cecchetti Myriam, Dahm Yves, Gierenz Steve, Goelhausen Marco, Haas Marc, Krippeler Max, Logelin Anne, Lorang Mike, Morgenthaler Nathalie, Romeo Franca, Speck-Braun Patricia

Abstentions: 3

Da Silva Bruno, Faber Serge, Schammo Mara

d. Motion concernant la « Lutte contre l'exclusion sociale par la création et le maintien d'emplois ».

Motioun:

« LUTTE CONTRE L'EXCLUSION SOCIALE PAR LA CRÉATION ET LE MAINTIEN D'EMPLOIS »

- **Wëssend**, datt eis Gemeng d'« Charte de la diversité Lëtzebuerg » ënnerzeechent huet;
- **Betruechtend**, datt eis Gemeng dem Biergerpakt vum « vivre-ensemble interculturel » bäigetrueden ass;
- **Wëssend**, datt eis Gemeng sech vehement géint Diskriminatioun a verstärkt fir Diversitéit, Égalité de traitement an Inclusioun, ënner anerem vu Persoune mat spezifesch Bedierfnesser asetzt;
- **Wëssend**, datt eise Schäfteen- a Gemengerot sech fir d'Sozial- a Solidarwirtschaft a fir d'Erhale vun eiser lokaler Geschäftswelt asetzt;
- **Wëssend**, datt eise Schäfteen- a Gemengerot de Wëllen huet fir « d'Lutte contre l'exclusion sociale par la création et le maintien d'emplois » ze ënnerstëtzen;
- **Betruechtend** d'EU Règlement 2023/2832 vum 13. Dezember 2023 betreffend « de minimis » Hëllefes;

invitéiert de Gemengerot de Schäfferot:

fir ze analyséieren ob een am ueweganante Kontext, niest „Eis Épicerie“ an „Eis Brasserie“, net och nach aner Gesellschaften an Associatioune finanziell iwwer Subsidien ënnerstëtze kann, esou zum Beispill andeems d'Gemeng sech un de Käschte vun der ConceptT 21 A.s.b.l., besser bekannt ënnert dem Numm „Restaurant Madame Witzeg“, bedeelegt an ënner anerem d'Personalkäschte vum Kach kéint iwwerhuelen.

fir déi gréng Suessem,
Éilereng, de 17. Januar 2025

Serge FABER
Gemengerot

» **Votes positifs: 3**

Da Silva Bruno, Faber Serge, Schammo Mara

Votes négatifs: 13

